



d’Konsequenze vun dësen Annoncen. Ech soe jo och net, ech géif elo hei 25-mol d’Rad schloen, wann ech emol net weess, wéi ech et eemol géif schloen, hei an der Chamber. Also et misst ee jo méi virausschauend plangen!

(Interruption)

Entweder huet d’Regierung sech tatsächlech nach keng Gedanke gemaach; da ka si eis et och net soen. Dann ass et awer alles aneres wéi virausschauend Politik, dann ass et Konzeptlo-segkeet. Oder si huet et geplangt, ass awer net transparent, wat och näischt Neies wär. An do-fir hätte mer einfach gare Kloerheet.

Allgemeng muss ee soen, an ech mengen, do si mer eis alleguer eens, ass et wichteg, dat mer manner Energie verbrauchen. Dat misst dann zum Beispill och Konsequenzen op d’Standuertpolitik hunn. Awer wéi eng Standuertpolitik maache mer? Wa mer Froen zum Energieverbrauch vu Google zum Beispill stellen, da kréie mer keng zefriddestellend Äntwerten.

Ech sinn dann elo emol gespaant, ob mer Äntwerte kréien iwwert déi geplangt Holzverbrennungsanlag vu Lenzweiler, wouzou den Emile Eicher eng Question élargie ugefrot huet.

Och wat d’Elektroautoen ugeet: D’Primmen, fir dës ze ënnerstëtzen, hate mir schonns 2011 agefouert. De Marco Schank war dat. Bettel 1 hat se ofgeschaaft, a si féiere se elo erëm als grouss Errungenschaft an. Et muss een awer och soen, datt et och hei kee Schwaarz a Wäiss gëtt. Dat wär näamlech ze einfach! Hei mussen och d’Ëmwelt an de sozialen Impakt bei der Fabrikatioun vun den Elektroautoe berücksichtegt ginn, d’Extraktioun an de Raffinage vu Metaller fir d’Batterien - Kobalt, Lithium -, hiert Asammelen an hire Recyclage, wat ganz dacks Kanneraarbecht ass. Hei musse mer global kucken.

Als CSV soe mer, datt Lëtzebuerg ganz geziilt d’Recherche am Beräich vun alternativen Energiequelle sollt féideren. Et gi jo och nach aner Alternative wéi d’Elektromobilitéit. Ech denken do zum Beispill un de Waasserstoff als Energiequell.

Vu datt e groussen Deel vun den Zäregaser op de Stroosseverkéier zrëckzeféieren ass, sinn am Budget eenzel Mesurë virgesinn, anerer waren an der Diskussioun, awer och hei ass viles nach net kloer:

Den ëffentlechen Transport gëtt gratis. Dat kascht eis alleguer 40 Milliounen d’Joer. Vill méi wichteg wär et allerdéngs, den ëffentlechen Transport esou séier wéi méiglech effikass, séier, zouverlässeg an attraktiv ze maachen, an dat och flächendeckend. Fir d’Gratuitéit ze finanzéiere war d’Reduzéierung vun der Kilometerterpauschal annoncéiert ginn. Wat kënnt hei op eis zou? Am Budget ass näischt ze fannen.

Fir eis als CSV ass et kloer, datt mer doduerjer net kënnen déi Leit am ländleche Raum, wou den ëffentlechen Transport net gutt funktionéiert, déi also net vun der Gratuitéit kënnen profitéieren, zweemol schloen.

Dann huet dës Regierung decidéiert, de Spritt méi deier ze maachen, fir datt eben ëmgeduecht gëtt a puncto Mobilitéit, een Cent um Bensinn, zwee Cent um Diesel. Hei stelle sech awer och d’Froen: Wat bréngt dat der Ëmwelt konkret? Wat bréngt et der Ëmwelt global gesinn? Gëtt doduerch manner Auto gefuer? Gëtt just éierens anescht getankt? Wat bréngt et dem Stat? Wat kascht et de Stat? An hei ginn d’Meenunge ganz wäit ausereen, an och do wäert de Mëtteg de Gilles Roth nach eng Kéier drop agoen.

Den Här Gramegna sot bei RTL, datt Lëtzebuerg mat där liichter Augmentatioun den Ziler aus dem Paräisser Accord méi no kéim. En huet gemengt, duerno misst een da monitoren, an hie sot, et kéim elo net onbedéngt all Joer zu enger Akzisenerhéijung.

Den Här Turmes sot allerdéngs an engem Artikel am „Tageblatt“ vum 27. Mäerz - ech zitéieren aus deem Artikel: „„Meine Aufgabe ist es, das Land ultraeffizient zu bekommen“, so Turmes. Ein Weg dorthin führt über den Geldbeutel der Konsumenten. „Diese Regierung muss die Besteuerung hochfahren“, sagte Turmes. Um zu verhindern, dass empörte Bür-

ger sich der Gelbwesten-Bewegung anschließen, schlägt er „kleine Schritte“ vor. „Wenn die Ökosteuer auf Raten eingeführt wird, werden es die Verbraucher nicht bemerken“, hofft Turmes.“

Dat ass jo emol eng interessant Ausso vum Här Turmes. An dofir eis Fro: Wat heescht „Ökosteuer auf Raten“? Fir eis kënnen e Bild ze maachen, ass och hei Transparenz a Kloerheet gefrot.

Am Klima an am Energiefong sinn da fir 2019 zum Beispill 715 Milliounen als Avoir virgesinn. Mir denken, datt dës Sue sënnvoll am Kampf géint de Klimawandel sollen agesat ginn. An och hei stellt sech d’Fro: Wat huet d’Regierung geplangt, fir ebe grad méi en nohaltegen, ressourcëschronende Wuesstum positiv ze féideren?

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir brauche Wuesstum. Mä mir brauchen e Wuesstum, deen de Leit hirem Wuelbefannen eppes bréngt. Deen aktuelle Wuesstum bréngt och ganz vill Problemer mat sech. A mir moossen och zanter 2009 hei zu Lëtzebuerg de PIB du bien-être. Mir moossen hei ganzer 63 Indicateuren an 11 Kategorien, déi do sinn: de Revenu an de Patrimoine, den Emploi, de Logement, d’Santé, d’„work-life balance“, d’Educatioun, d’Lien-socialen, d’Gouvernance, d’Ëmwelt, d’Sécherheet an och de subjektive Bien-être.

Nach emol: D’Wuelbefanne vun de Leit muss am Mëttelpunkt vun der Politik an och vum Budget stoen. Mir riskéieren awer, am Hamsterrad vum Wuesstum ëmmer méi séier mussen ze dréien. Ech erënneren nach eng Kéier un dem Fritz Reheis seng „hannerhålteg Physik“, déi e beschriwwen huet. An da riskéiere mer dann awer iergendwann eng Kéier, wann d’Fliehkraft ze vill staark wierkt, datt mer do erausgeschleiert ginn. An dat ka wéidinn. De Serge Wilmes wäert an deem Sënn eng Interpellatioun iwwert de PIB du bien-être ufroen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir plädéieren als CSV fir eng Politik, fir e Budget, deen d’Wuelbefanne vun de Leit integréiert a

kloer férdert, an net fir nach méi Hamsterrad, wéi gesot, och net fir en neit digitaalt Hamsterrad 2.0.

Ech kommen zrëck bei mäi Bild vum Ufank: D’Hamstere sinn näamlech méi gewëtzt wéi mir Mënschen. Wann et hinnen ze bont gëtt, da klamme si eraus aus dem Hamsterrad. D’Wuelbefannen ass de politesche Schlëssel zum Wuelstand.

Et gëtt do iwwregens an Neiseeland ee schéint aalt Spréchwuert vun de Maori; dat ass u sech déi indigen Populatioun vun där schéiner Insel. An ech mengen, déi Leit, déi Kanner hunn, déi den Disney-Film „Moana“ kennen, wëssen, vu wat ech hei schwätzen. An dëst Spréchwuert huet och grad am digitalen Zäitalter näischt vu senger Richtegkeet verluer: Wat ass dat Wichtigst op der Welt? An d’Äntwert ass net: „De Budget!“, d’Äntwert ass: „Menschen, Menschen, Menschen!“

„Māori“ heescht iwwregens „normal“ oder „natierlech“, also: bei de Leit, sou wéi och d’Politik vun der Regierung misst bei de Leit sinn, wat awer leider dacks net de Fall ass. Derbäi kënnt, datt de Budget och nach op konjunkturellem Dreifsand gebaut ass an domadder alles aneres wéi nohalteg ass. An da sinn d’Weichen am Dreifsand, ech hunn et scho gesot, och nach ouni erkennbart Zil gestallt, ouni genuch Schinnen ze leeën.

Sou kann dat net funktionéieren. Sou kann dat och net funktionéiere mam Wuelstand. An aus all dëse Grënn kënnen mir dem Budget net zoustëmmen.


Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Hansen. Mir fueren de Mëtteg ëm Punkt zwou Auer weider mat den Debatten iwwert de Budget.

D’Sitzung ass opgehewen.

(La séance publique est levée à 11.43 heures.)



Présidence : M. Fernand Etgen, Président • M. Mars Di Bartolomeo, Vice-Président

## Sommaire

1. Ouverture de la séance publique  
- M. Fernand Etgen, Président
2. 7450 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l’État pour l’exercice 2019 et modifiant :  
1° le Code de la sécurité sociale ;  
2° le Code du travail ;  
3° la loi générale des impôts modifiée du 22 mai 1931 (« Abgabenordnung ») ;  
4° la loi modifiée du 30 juin 1947 portant organisation du Corps diplomatique ;  
5° la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l’impôt sur le revenu ;  
6° la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée ;  
7° la loi modifiée du 10 décembre 1998 portant création de l’établissement public dénommé « Fonds d’assainissement de la Cité Syrdall » ;  
8° la loi modifiée du 8 juin 1999 sur le budget, la comptabilité et la trésorerie de l’État ;  
9° la loi modifiée du 24 décembre 1999 concernant le budget des recettes et des dépenses de l’État pour l’exercice 2000 ;

10° la loi modifiée du 22 décembre 2006 concernant le budget des recettes et des dépenses de l’État pour l’exercice 2007 ;

11° la loi modifiée du 14 décembre 2016 portant création d’un Fonds de dotation globale des communes (suite)

et

7451 - Projet de loi relatif à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2018-2022 (suite)

et

Programme de stabilité et de croissance (PSC) et Programme national de réforme (PNR) (suite)

- Discussion générale (suite): M. Eugène Berger (interventions de M. Alex Bodry, M. Mars Di Bartolomeo, M. Guy Arendt et M. Serge Wilmes) - M. Alex Bodry (intervention de Mme Octavie Modert) - Mme Josée Lorsché - M. Sven Clement (interventions de M. Mars Di Bartolomeo et M. Charles Margue) (dépôt de la motion 1) - M. David Wagner (interventions de M. Mars Di Bartolomeo et M. Eugène Berger) - M. Gilles Roth (interventions de M. Alex Bodry, M. Pierre Gramegna et Mme Josée Lorsché) - M. Yves Cruchten - M. Henri Kox (interventions de M. Gilles Roth, M. Claude Wiseler, M. Marco Schank et Mme Martine Hansen)

Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Romain Schneider, M. Pierre Gramegna, Mme Corinne Cahen, M. Marc Hansen, Mme Taina Bofferding et M. Lex Delles, Ministres.

(La séance publique est ouverte à 14.01 heures.)

### 1. Ouverture de la séance publique

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Ech maachen d’Sitzung op.

Huet d’Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Neen, Här President.

**M. Fernand Etgen, Président.** - Dat schéngt net de Fall ze sinn.

### 2. 7450 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l’État pour l’exercice 2019 et modifiant :

1° le Code de la sécurité sociale ;

2° le Code du travail ;

3° la loi générale des impôts modifiée du 22 mai 1931 (« Abgabenordnung »)

4° la loi modifiée du 30 juin 1947 portant organisation du Corps diplomatique ;

5° la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l’impôt sur le revenu ;

6° la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée ;

7° la loi modifiée du 10 décembre 1998 portant création de l’établissement public dénommé « Fonds d’assainissement de la Cité Syrdall » ;

8° la loi modifiée du 8 juin 1999 sur le budget, la comptabilité et la trésorerie de l’État ;

9° la loi modifiée du 24 décembre 1999 concernant le budget des re-

cettes et des dépenses de l’État pour l’exercice 2000 ;

10° la loi modifiée du 22 décembre 2006 concernant le budget des recettes et des dépenses de l’État pour l’exercice 2007 ;

11° la loi modifiée du 14 décembre 2016 portant création d’un Fonds de dotation globale des communes (suite)

7451 - Projet de loi relatif à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2018-2022 (suite)

et





## Programme de stabilité et de croissance (PSC) et Programme national de réforme (PNR) (suite)

D'Chamber fiert de Mëtteg mat den Debatten iwwert de Statsbudget fir d'Joer 2019 an iwwert déi finanziell Programmation fir d'Joeren 2018 - 2022 virun. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Eugène Berger. Här Berger, Dir hutt d'Wuert.

### Discussion générale (suite)

► **M. Eugène Berger (DP).**- Här President, d'Trauer an de Respekt, déi dat ganzt Lëtzeburger Vollek zanter gëschter zum Ausdrock bréngt, soe genuch iwwert d'Verdénsgchter vum Grand-Duc Jean fir eist Land. Ech wëll mech de Wieder vum Chamberspräsident an dem Statsminister erschléissen an der groussherzoglecher Famill am Numm vum der DP-Fraktioun eist härelecht Bäileed ausdrécken.

Här President, et ass net a menge Gewunnechten, fir mat engem eegenen Zitat unzefänken. Ech maachen et awer dës Kéier eemol, well et ass och nach net esou laang hier ...

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Altersphenomeen.

► **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Dat ass kuerz virum Schluss.

### (Hilarité)

► **M. Eugène Berger (DP).**- Ech soen et awer. Ech zitieren also: „D'Gerechtkeet, dat ass, wat eng Gesellschaft, wat eis all hei am Land zesummenhält. Well nëmmen an der Solidaritéit si mer staark a kënne mer eng gutt Zukunft fir jiddwereen opbauen. An dës Koalitioun ass gewëllt, fir och déi nächst fënnf Joer keen um Rand vun der Strooss stoen ze loosse, mä jiddwerengem déi beschtméiglech Chancen ze ginn.“

Dat hunn ech relativ rezent am Ufank vu menger Analys zur Regierungserklärung am Dezember 2018 gesot gehat, well d'Gerechtkeet zitt sech wéi e sozialliberale Fue dem duerch de ganze Programm, dee sech d'Regierung Bettel 2 ginn huet.

A méi Gerechtkeet, dat ass fir dës Regierung keen eidelt Versprieche, mä si fiert eigentlech nëmmen do weider, wou se opgehalen huet am Oktober, weider nou Motto: „Gesot, gemaach!“ Well, knapp dräi Méint méi spéit, am Mäerz 2019, huet de Finanzminister Pierre Gramegna am Numm vum der Regierung e Budget deposéiert, dee jo genau déi Akzenter setzt, déi de Premier Xavier Bettel ugekënnegt hat. Akzenter fir sozial Gerechtkeet, Gerechtkeet fir déi nächst Generationen am Sënn vun dem Klimaschutz, vun der Nohaltegkeet, awer och Gerechtkeet fir d'Betriber, déi eis Wirtschaft um Dréien halen an déi och hei fir nei Aarbechtsplaze suergen an eise Wuelfstand garantéieren.

Dir gesitt also, d'Koalitioun huet, entgéint deem, wat d'CSV-Spriecherin de Moie gemengt huet, eng kloer Visioun fir den da sougenannten „well-being“ fir d'Bierger am Land.

A schonns ier da muer de Budget wäert d'Zoustëmmung um Parlament kréien, op alle Fall vun der Majoritéit a vläicht doriwwer eraus, huet d'Regierung net laang gezéckt an déi lescht Woche konkret Mesuren ëmgesat am Sënn vu méi sozialer Gerechtkeet: wéi zum Beispill d'Erhéije vum Mindestloun, wéi zum Beispill engem zousätzleche Congésdag, souwéi de fräien Europadag.

D'Halschent vun eise Budget fléisst a sozial Transferten. Dat seet jo eigentlech genuch aus, wéi den État d'esprit vun dëser Koalitioun ass.

An, Här President, Dir kënnt Iech vläicht nach erënneren, och vläicht anerer hei an der Chamber: De fréieren DP-Wirtschaftsminister, de Marcel Mart, huet an de 70er Joren emol eng Kéier gesot: „Och an der Politik kann ee just esou vill Stécker vum Kuch verdeelen, wéi een der virdru gebak huet.“ A mir haten - dës Koalitioun, op alle Fall déi nei/al Koalitioun -, mir hunn an deene leschte fënnf Joren och, géif ech emol soen, déi richteg Ingredienten zesumme gemëscht, fir e grouse Kuch an de Schäffche kënne ze setzen.

Ech mengen, Här President, dës Koalitioun hat net onverschimmt Gléck, wéi d'CSV-Spriecherin haut de Moie gemengt huet, mä, ech mengen, déi lescht fënnf Joer huet dës Koalitioun d'Land gutt opgestallt an huet d'Konditiounen geschaaft, fir kënne eng grousszügeg Sozialpolitik ëmsetzen, ëm déi eis aner Länner wierklech beneiden.

Jo, sécher an engem positive wirtschaftlechen Umfeld, mä awer och a virun allem duerch d'Politik vun der Regierung déi lescht fënnf Joer, duerch déi gutt Aarbecht vum Finanzminister Pierre Gramegna, duerch eng innovativ Wirtschaftspolitik a viles méi, doduercher hu mer et fäerdegbruecht, d'Land an de leschte Joren aus eegene Kräften esou opze-

stellen, datt eise Kuch elo esou grouss ass wéi nach ni virdrun.

► **Une voix.**- Très bien !

► **M. Eugène Berger (DP).**- An dobäi hu mer 2013 bei engem dach éischter dréchene Kuch a weineg Miel an nach manner Schlagsan ugefaangen. Mir haten also deemools net onverschimmt Gléck, mä ech wëll eigentlech nach eng Kéier kuerz rappeléieren, vu wou mer hierkommen, um Beispill vun der Entwécklung vun der Schold.

Mir haten deemools eng Statsschold, déi 2013 bei 23,7 % vum PIB louch. Deemools, also 2013, huet de Comité de prévision gewarnt, datt schonn 2016, also virun zwee Joer, wa mer d'Politik net changéiert hätten, à politique inchangée, d'Verschëldung vum Stat bei 29,2 % géif leien. Net dervun ze schwätzen, wivill se dann 2018 oder 2019 gewiescht wier.

An duerfir hu mer d'Politik changéiert, mam Resultat, datt d'Statsschold 2018 nëmme méi bei 21,4 % vum PIB louch, a mat der Perspektiv, datt se bis 2022 op 18,4 % vum PIB erfällt.

Mir hunn also d'Scholdespiral gestoppt. Mir hunn also komplett d'Kontroll vun eiser Schold a si konstant amgaangen, se ze reduzéieren, trotz zum Beispill dem Verloscht vun der Recetten aus dem Commerce électronique, wat all Joers ronn eng Milliard ausgemaach huet.

Et muss ee soen, vill Länner op der Welt beneiden eis wéinst eiser niddreger Statsschold, an datt mer och op där anerer Säit awer héich Sozialleeschungen an Investissementer kënne finanzéieren.

An, wannechgelift, et soll elo keen erëm kommen a soen: „Jo, mä an absolutten Zuele geet d'Schold erop.“ Ech mengen, dat ass einfach géint déi normal Regeln, déi normal Analysen, wéi d'Statsschold vun den Experten, net nëmmen an der EU, mä weltwäit, vun alle Gremie gekuckt gëtt. D'Statsschold gëtt ëmmer par rapport zum Räichtum vum Land gerechent.

Et soll een also domadder ophalen, fir ëmmer erëm mat deem Spillchen oder mat där Legend vun den absolutten Zuelen ze kommen.

Op alle Fall: Mat dëser Regierung geet d'Schold kontinuierlech erof a läit iwwert der ganzer Legislaturperiod daitlech ënnert där Limitt - mir hunn eis déi Limitt selwer gesat - vun 30 %, a vun der europäescher Limitt vu 60 % guer net ze schwätzen. Dir gesitt also, a wat fir enge Paragen datt mer sinn.

An, mir stinn och ..., well da gëtt jo och gesot: „Soll een net awer an dëser Situatioun da vläicht méi d'Schold zrëckbezuelen a méi spueren?“ Neen, mir stinn zu eiser Politik, fir d'Investitiounen weider héichzehalen! Mir stinn derzou, wéi mer d'ëffentlech Finanzen an eise Budget geréieren.

A mir kréie jo och vun allen Instanze recht fir eis Politik. D'Juncker-Kommission, vu Bréissel, den FMI, d'OECD an nach anerer, déi ginn eis Joer fir Joer gutt Notten. Bréissel huet och schonn dës Joer eise Budget fir gutt befonnt an em gréng Luucht ginn. Regelméisseg kréie mer och den Triple-A confirméiert an esou weider.

Eise Solde structurel ass och ëmmer an der Riicht bliwwen, respektiv mer sinn ëmmer besser wéi den OMT, dee Bréissel eis virgëtt.

Einfach nëmmen, fir ze soen: Mir respektéieren all europäesch Stabilitéitskritären. An doduercher bleiwe mer dann och komplett Här a Meeschter vun eise Budget. Mir brauchen also net ze fäerten, datt Bréissel eis eng Kéier eise Budget géif diktéieren.

Jo, Här President, d'Opposition - dat kann ee jo nokucken -, déi huet eis Joer fir Joer virgehait, eis Previsiounen wieren ze optimisteschen an d'Opposition louch all Joer, Joer fir Joer, falsch, well déi lescht fënnf Budgete vun dëser Regierung hunn all Joer e positiven Ecart tëscht de Previsiounen vum Budget an dem Kont, wa mer duerno den Ofschloss gemaach hunn, opgewisen.

Den Defizit louch all Joer all Kéiers méi niddreg wéi geplangt.

2014, 2015, 2016, 2017 ware mer all Kéiers no um Equiliber. Dat trotz oder mat der Steuerreform, géif ech soen, déi den 1. Januar 2017 a Kraaft getrueden ass. An ech ka mech och do erënneren, wéi d'Opposition kritiséiert huet, datt déi Steuerreform net ze finanzéiere wier an eis Finanzen géif op d'Kopp geheien.

Wat ass am Endeffekt geschitt? 2018, also och no der Steuerreform, ass et déi éischte Kéier praktesch säit engem Jorzenge, datt mer schwaarz Zuelen an dem Zentralstat, an der Administration centrale geschriwwen hunn.

Mir haten och gesot, mir kéinten déi Steuerreform packen an datt se och positiv Effeten hätt. An dat hu mer jo och festgestallt. D'Steier-

reform huet positiv Effeten op d'Ekonomie, déi ugekuerbelt ginn ass, och op d'Consummation virun allem. An doduercher ass dat Ganz dann eigentlech eppes, et kéint een och soen en Hamsterrad, mä awer e positivt Hamsterrad fir d'Finanzen vum Stat.

Sécherlech, jo, déi gutt Konjunkturlag an Europa, déi spillt mat, huet matgespillt, mä déi eleng geet net duer! Och an anerem EU-Länner sinn d'Konjunkturdate gutt, ganz gutt déi lescht Joren, ouni datt awer an deene Länner esou positiv Budgete konnte geschriwwen gi wéi bei eis hei zu Lëtzebuerg. Et sinn nämlech och déi politesch Akzenter, déi dann d'Regierungen an hei, déi dës Regierung gesat huet, fir d'Wirtschaft ze begleeden, déi dann derzou bänge-droen huet, datt mer haut exzellent dostinn.

D'Spriecherin vun der CSV-Opposition, déi hat dat och scho bei der Virstellung vum Koalitionsaccord gemaach, si hat et och haut de Moien nach eng Kéier gesot: Si reprochéiert eis eigentlech, datt mer e Schéiwiederpak géife virstellen. Mir kënne eigentlech gutt domadder liewen. Mir géifen eis eigentlech Suerge maachen, wa mer e Schlechtwiederpak presentéiere missten.

Jo, mir notzen dat gutt Wieder, déi gutt Konjunktur, fir de Bierger hir Kaffraaft ze stäerken an hinne besser sozial Ofsécherungen a Sachleeschungen ze garantéieren. A mir suergen dann och derfir, fir weider ze investéieren, fir d'Betriber ze ënnerstëtzen.

► **M. Guy Arendt (DP).**- A mir hamstereen an!

► **M. Eugène Berger (DP).**- Jo. Mir stinn dozou, datt mir a gudden Zäiten investéieren, investéieren an nach eng Kéier investéieren, fir d'Land op d'Zukunft virzubereeden a méi gerecht ze maachen.

Ech illustréieren dat mat e puer Zuelen.

2019 ginn d'Investissementer fir d'éischte Kéier op iwwer 2,5 Milliarden Euro erop. Et kann een och elo soen: „Da kommt och elo net mat absolutten Zuelen“, mä dat heescht einfach: Dat si 4,4 % vun eise PIB. An der EU-Moyenne si mer bei 2,9 %, wat d'Investissementer ubelaangt.

An nëmmen, fir ze soen: Dës Budget, deen ënnersträicht, datt mer determinéiert sinn, fir weider héich Investissementer ze maachen, an d'Mobilitéit, an d'Ëmwelt, an déi Jonk, an d'Schoulen, an d'Familljen, an d'Fuerschung, an eis Betriber, déi d'Réckgrat vun eiser Ekonomie sinn.

Ech mengen, dës Budget stellt wierklech definitiv nach eng Kéier ënner Beweis, datt dës Regierung déi ass, ech géif soen, net nëmme vun Investissementer, mä vun der Rekordinvestissementer an d'Zukunft vum Land. D'Regierung ass wierklech Champion an den Investissementer.

Ech wäert elo net op all eenzelnen Aspekt vum Budget agoen. Dat huet de Rapporteur, mäi Fraktiounskolleg, den André Bauler, méi wéi exzellent gemaach. An ech wëll him hei och op dës Plaz am Numm vum der ganzer Fraktioun felicitéiere fir säi mëndlechen a schrëftlechen Bericht. Mir wëssen, wat fir eng Aarbecht dat déi lescht Wochen a Méint war. Mir kennen den André Bauler, datt hien dat net nëmme fläisseg, mä mat ganz vill Kompetenz mécht. An duerfir also och: André, e grouse Merci fir däi mëndlechen a schrëftlechen Rapport!

► **M. Guy Arendt (DP).**- Très bien !

► **M. Eugène Berger (DP).**- Dat erlaabt mer och, datt ech net méi muss op all Aspekter vum Budget agoen. Ech wäert der dann e puer eraussträichen, déi natierlech, dat kënnt Der verstoen, fir meng Fraktioun besonnesch wichteg sinn.

Här President, wann et dem Land gutt geet, soll et de Leit och gutt goen! An duerfir erhéicht dës Koalitioun de Mindestloun ëm 100 Euro netto. Wéi maache mer dat? Et ass scho gesot ginn: Mir hiewe retroaktiv ab dem 1. Januar de Crédit d'impôt Salaire social minimum. Donieft geet och de Mindestloun ëm 2 % an d'Luucht.

Dobäi hu mer awer och Suerge gedroen, an dat ass och eis Approche, op alle Fall déi, déi mir och begrëissen als DP-Fraktioun, datt den Effort gerecht op de Stat an d'Patrone verdeelt gëtt.

De Stat huet méi Moyenen. Dem Stat geet et gutt. Duerfir iwwerhëlt deen zwee Drëttel vun de Mesuren. Konkret heescht dat an absolutten Zuelen: 60 Milliounen. Just een Drëttel mussen d'Betriber bezuelen, well mir dës Mesure net op d'Käschten oder zum Nodeel vun de Betriber wollten maachen.

Mir brauchen einfach hei, do si mer eis eens, kompetitiv Betriber. Wa si dat solle bleiwen oder wa se et bleiwen, da suerge si jo och en retour derfir, datt se Steieren an d'Land bréngen an datt se och Aarbechtsplaze schafen.

Also, net eng Mesure au dépens vun deem anerem, mä zesumme soll een dat maachen. An esou hu mer et och gemaach.

Mir bleiwen do och kohärent mat eiser Steuerreform vun 2017, wou virun allem och déi kleng a mëttelgrouss Revenuen entlaascht goufen. An ech mengen, et goufe bis elo zu Lëtzebuerg weineg Regierungen, déi esou vill konkret - wierklech konkret! - Mesuren ëmgesat hunn, déi grad deenen hëllefen, déi et hei am Land am néidegsten hunn.

Loosst mech dat wierklech mat engem klengen Beispill just illustréieren, well dat ass jo ëmmer schnell gesot! D'Beispill vun de Familljen, déi et wierklech hei zu Lëtzebuerg am schweiersten hunn, dat ass jo haut de Moien och nach eng Kéier gesot ginn, nämlech d'Monoparentallen, ob Mann oder Frau.

Huele mer esou e Beispill: Ee mat onqualifiziertem Mindestloun, deen zwee Kanner huet an eng Wunneng lount. Eleng duerch d'Steuerreform huet dann esou eng Famille monoparentale 102 Euro netto am Mount méi zur Verfügung. Dobäi kommen 174 Euro Wunnegeld. Eent vun de Kanner geet zum Beispill an d'Crèche, profitéiert vun 20 Stonne gratis Kanerbetreuer. Dat anert kam geet an de Lycée a profitéiert vu gratis Schoulbicher am Wäert vu 400 Euro.

Wann een also alles kuckt, ech hu wahrscheinlech nach Saache vergiess, ech hunn elo einfach nëmmen déi Rechnung ganz schnell esou gemaach: Am Total huet esou eng monoparental Famill, mat der Augmentatioun vum Mindestloun, e Plus vu ronn 400 Euro netto de Mount oder, ech mengen, an anere Wieder 4.800 Euro, bon, wéi gesot, ech hu vläicht déi eng oder déi aner Saach vergiess, mä ronn 5.000 Euro d'Joer méi zur Verfügung.

Also, mir hunn an der leschter Legislatur eng Steuerreform ëmgesat gehat, déi wierklech versicht huet, sou wäit wéi méiglech sozial gerecht ze sinn. A jee no wirtschaftlecher, budgetärer Lag wäerten an deenen nächste Joren eventuell nach Steuererliichterungen an d'A gefaast kënne ginn. Dat muss ee gesinn, mä hei, wa mer dat dann uginn, da wäerte mer och e besonnesche Bléck op déi Vulnerabelst an eiser Gesellschaft behalen.

Sécher wäerte mer awer d'Individualiséierung vun dem Steiersystem an Ugrëff huelen. Eist Zil ass et, de Steiersystem esou gerecht wéi méiglech ze maache fir jiddwereen. Eis grouss Steuerreform vun 2017, déi huet en éischte Schrëtt an déi Richtung gemaach, mat der fakultativer Individualiséierung, der Steuererklärung. Et huet vläicht deen een oder deen anerem dat dann och gesinn. 2018 konnt een hei dann de Choix maachen, als bestuete Koppel déi Méiglechkeet ergräifen, fir datt jiddweree seng eege Steiercarrière kann opbauen.

An laangfristeg soll duerch d'Individualiséierung kee Liewensmodell méi vum Stat favoriséiert sinn. Jonggeselle respektiv Koppelen, déi sech net bestueden oder pace wëllen, solle steierlech net méi benodeelegt ginn, gradesou wéi Wittfraen, Wittmänner, déi och net méi sollen duerch d'Individualiséierung benodeelegt ginn.

Jo, dat wäerte mer elo net vun haut op muer realiséieren. Mä dat ass awer eist Zil, wat mer kloer am Bléck hunn. Ganz daitlech hu mer och gesot - dat wëll ech hei nach eng Kéier ënnersträichen -, datt aktuell bestuete Koppele par rapport zu haut näischt sollen an dierfe verléieren.

Et kéint ee sech - ech soen einfach „et kéint“, ech schwätze wierklech am Conditionnel - e Modell virstellen, wou an enger éischter Etapp Koppelen oder Elengerzéier mat Kanner solle steierlech entlaascht ginn. Mä ech loosse et léiwer sinn, well, ech mengen, de Finanzminister kann dat confirméieren, et sinn Aarbechtsgruppe mat Experten, déi dorunner schaffen. An ech mengen, et ass vläicht am beschten, mir loosse déi elo emol a Rou dorunner schaffen.

Jo, all dës sozialpolitesch Mesurë musse kënne finanzéiert ginn. An, ech hunn et schonn e puermol gesot, d'Viraussetzung sinn de Moment exzellent. De Kuch kënne mer weider grouss baken. Wéi maache mer dat? Ben, duerch eng iwwerlechte Finanz- a Budgetpolitik an eben och e gutt wirtschaftlecht Umfeld.

A fir datt eis Ekonomie weider gutt dréit, d'Konjunkturdaten an der Rei sinn, duerfir brauche mer och gutt opgestallte Betriber. Si sinn awer de Garant derfir, datt et eis och an Zukunft ka gutt goen. An duerfir gesäit och de Koalitionsaccord vir, an dat gëtt jo och





schonn ëmgesat, datt d'Betriber substanzuell entlaascht solle ginn. Duerfir geet den IRC da vun 18 % op 17 % erof. Dat ass nach e Schrëtt méi wäit, wéi mer 2017 an der Steuerreform gaange waren, wou e graduell vun 21 % op 18 % erofgaangen ass.

De reduzéierten Taux vu 15 % gött elo bis 175.000 Euro applizéiert, amplaz bis elo 25.000 Euro Benefiss. Ech mengen, dovunner profitéiere virun allem ganz kleng oder kleng Mëttelbetriber, Start-uppe profitéieren heivun-ner. An, ech mengen, domadder reagéiere mer och op d'Direktiven, wéi d'ATAD oder aner Initiativen am Kontext vum BEPS, déi jo mëttel- oder laangfristeg d'Base impossible vun de Betriber méi breetmaachen.

Ech mengen, fir Lëtzebuerg geet et bei der Ëmsetzung vun deenen Direktiven, déi mer jo alleguerten ënnerstëtzen an ëmsetzen, awer ëmmer drëm, fir en Equilibre ze fannen zwëschen, op där enger Säit, der Attraktivitéit an der Kompetitivitéit vun eiser Plaz, och vun eiser Finanzplaz an, op där anerer Säit, och der Exigence an der Transparenz, déi mer brauchen.

Ech mengen, op alle Fall ënnert dem Stréch, Här President: D'DP begréisst besonnesch d'Bekanntnis vun der Regierung, datt d'Steierlaascht vun den Entrepreneuren an den nächste Joren net eropgeet.

Op där anerer Säit musse mer awer och derfir suergen, datt mer als Lëtzebuerg kompetitiv bleiwen, interessant bleiwen, virun allem innovativ bleiwen, no vir kucken, kucken, Virreider ze sinn an enger ganzer Rei Domänen. A mir begleeten dat och mat finanzieller Mesuren an och mat deem Budget.

Och hei kuerz zwou, dräi Zuele respektiv ëmmer Prozenter. Bis op 2020 sollen op d'mannst 2,3 % vum PIB an d'Recherche fléissen. De Fonds de l'innovation geet ëm 27 % an d'Luucht. An der Moyenne wäert dann och de Budget fir Héichschoul a Recherche ëm 8,5 % op eng hallef Milliard an d'Luucht gesat ginn. D'staatlech Contributioun fir d'Uni an d'Centres de recherche geet ëm 7 % op 325 Milliounen an d'Luucht. An esou weider.

Alles Zuelen, ech hu se net alleguerten opgeziet, mä déi schwätze fir sech. Déi illustriieren, datt mer et wierklech an där Koalitioun eescht mengen, wa mer soen, datt mer wëllen d'Innovatioun an d'Recherche hei am Land ënnerstëtzen, féideren a virundreiwen.

An an deem Ganze musse mer jo och wëssen: D'Finanzplaz bleift nach wie vor e vun deene wichtegste wirtschaftlechen Akteuren hei zu Lëtzebuerg. De Finanzminister hat nach och an enger vu senger leschte Riede gesot, datt domat och vun engem Zéngtel, mengen ech, vun de Schaffenden hei zu Lëtzebuerg een Drëttel vum Räichtum erwirtschaft gött. Dat ass jo och e gutt Beispill vun nohalteger Ekonomik. Mä op alle Fall, dat wäert och an Zukunft net esou ofhuelen, mä éischter och nach an déi Richtung weidergoen.

An, mir hunn et jo och fäerdegbruecht, no dem LuxLeaks, datt mer d'Plaz méi transparent opgestallt hunn. Mir waren oft Virreider bei der Ëmsetzung vun neie Standarden, am Échange d'informations a bei der Transparenz. An, ech mengen, mir sinn definitiv vun alle groen, vun alle schwaarze Lëschten erof. Mir sinn also gutt gestiwelt, fir datt mer och an den nächste Joren op eis Finanzplaz oder eis Bankeplaz kënnen zielen. A mir brauchen de Brexit wierklech, wann en dann eng Kéier kënnt, net ze fäerten. Bien au contraire!

Mir wëllen awer net nëmmen do stoe bleiwen, wou mer elo sinn, mä mir wëllen e Kader schaffen, fir nach méi eng kompetitiv a villfälteg Finanzplaz ze kréien. An do spille bei eis déi nohalteg Finanzen eng eminent wichteg Roll.

An der Green Finance zielt Lëtzebuerg, jo, weltwäit zu den absolutte Virreider. Mir hu vill Energie an déi gréng Finanzen gestach. An dat ass och mëttlerweile wäit iwwer eis Grenzen eraus bekannt.

An duerfir, Här President, war ech dach e bësse verwonnert, datt d'CSV an der Faaschtzeit op eng Pressekonferenz invitéiert hat, fir der Regierung ze reprochéieren, si géif am Beräich vun de gréng Finanzen net op de Gas trëppelen. Ech hunn elo gesot: Mir hu ganz vill Energie, et war da wahrscheinlech net de Gas, mä et war dann nach méi eng innovativ an erneierbar Energie, déi mer do un den Dag geluecht hunn, mä mir hunn do wierklech op de Gas ... Mir hunn och do ganz vill gemaach.

An ... Gutt, et kann ee kritiséieren. An dunn, wéi ech den Titel gelies hunn, hunn ech geduecht: „Okay, da wäert déi gréisst Opposi-

tiounspartei dann elo nach eng Rei nei Iddie presentéieren. Si ass da ganz konstruktiv. Si wëllt eis hëllefen, fir eise Virsprong op déi aner Länner nach weider auszubauen.“ Ech soen: D'Enttäuschung war awer net gedämpft, mä war bei mir eigentlech grouss, hein, well ech hunn eigentlech awer keng eenzeg wierklech nei Propos fonnt.

Eigentlech huet d'Oppositionspartei just d'Ëmsetze vun eise Koalitiounsaccord gefrot, well all déi Mesuren, déi se do gefrot huet, déi hu mer am Koalitiounsaccord stoen, si mer amgaangen zum Deel ëmzesetzen. Also, ech kann op alle Fall berouegen: Dës Koalitioun wäert, wéi gewinnt, hir Annoncen ëmsetzen, trei hirem Motto: „Gesot, gemaach!“ Mir wäerten dat mat roueger Hand maachen, mä mir wäerten dat ganz determinéiert maachen.

An, wéi gesot, mir fänken hei wierklech net bei null un, bei der Green Finance. Mir sinn elo scho Virreider. Zum Beispill mam Luxembourg Green Exchange hu mer haut schonn déi gréisste Bourse op der Welt. Ech mengen, méi ass net dran. Wëlle mer déi vum Universum ginn? Mä op alle Fall hu mer déi gréisste Bourse op der Welt, op där gréng Obligatiounen, déi sougenannten „Green Bonds“, cotéiert ginn.

Eis Fongenindustrie, déi ass mat op de Won gesprongen. A weltwäit si mer d'Nummer 1 op deem Gebitt. Ech mengen, Green Finance ass zu Lëtzebuerg einfach eng Success Story scho ginn an deene leschten zwee, dräi Joer.

Nach een, zwee Stéichdatum, fir dat ze illustriieren:

Am Oktober 2016: Lëtzebuerg an déi europäesch Investmentbank lancéieren d'Plateforme du financement climatique, Luxembourg-BEL.

Juni 2017: Climate Finance Accelerator / LuxFLAG.

Mee 2018: d'Participatioun um Green Cornerstone Bond Fund, an esou weider.

Mir hunn also do definitiv eng Virreiderroll. Mir sinn awer ëmmer frou, wa mer nach kéinten nei Iddie kréien, wann et dann neier wieren. Mir wëllen op alle Fall Lëtzebuerg do an der Virreiderroll bestätegen a mir wëlle Lëtzebuerg wierklech zu engem Exzellenzcenter maache fir Nohaltegkeet an nohalteg Finanzen.

Et gött och, fir awer nach dann ze bleiwen, well et sinn elo nach e puer Saachen, déi mer do afale bei Green Finance. Et gött och d'Méiglechkeet gekuckt, datt mer zum Beispill mat de PMEe nohalteg klimaschounend Projete kënne finanzéieren.

D'Regierung wëllt och hir Verantwortung iwwerhuelen am Klimaschutz am Ausland an hëllefen, de Kampf géint de Klimawandel an den Entwécklungslänner nach méi konsequent unzuegoen; zum Beispill mam Schafe vun engem Fong nom Schwäizer Modell SIFEM, Swiss Investment Fund for Emerging Markets.

An, jo, och op der Pressekonferenz hat d'CSV d'Iddi, fir d'Taxe d'abonnement op nohaltege Fongen erfrozesetzen, an d'Spill bruecht. Och do, mengen ech, lount sech e Bléck an eise Koalitiounsaccord. Ech gesinn, de Finanzminister néckt zoustëmmend. Allgemeng soll jo, do si mer eis eens, d'Taxe d'abonnement schonn emol net eropgesat ginn, fir keen. Neen, mä mir iwwerleeën awer dann och, wéi steierlech Mesurë kënne geholl ginn, fir eben nohalteg gréng Fonge besonnesch kënnen ze entlaaschten.

Mir mussen awer och kucken, mir si jo net hei op enger Insel. D'Regierung wëllt sech dobäi un europäesch Kritären halen, fir ze wëssen, wat dann iwwerhaupt gréng oder nohalteg an de Finanzen ass a wat net. Mir ginn dat also, wéi gesot, mat där néideger Rou, awer och mat grousser Determinatioun un.

Ech wëll awer och rappeléieren, datt d'Attraktivitéit, ech géif och soen déi al/nei, awer och déi nei Attraktivitéit vun der Finanzplaz sech net eleng op d'Fiskalitéit reduzéiert. Mir sinn zum Beispill eent vun deene wéinege Länner, déi awer nach eng Taxe d'abonnement hunn. Vill Länner hunn dat net. A mir sinn awer, wat d'Fonge betrëfft, d'Nummer 1 an Europa an d'Nummer 2 op der Welt.

Eis Finanzplaz ass staark. Firwat ass se staark? Well se och den Know-how huet, mir hu kuerz Weeër, mir hu Kompetenz hei zu Lëtzebuerg, mir hunn erfueren, exzellent Personal, mir hunn d'Méisprouchegekeet, mir setzen op FinTech, eis Bankeplaz ass transparent an esou virun. An duerfir ass och eis Finanzplaz esou attraktiv! Et ass also e groust Ganz.

Här President, mir hunn de Klimaschutz net eréischt de 15. März entdeckt, wéi iwwer 10.000 Schüler op d'Strooss gaange sinn, fir op den Eescht vun der Lag opmierksam ze maachen, an där mir eis befannen, mä mir freeën eis, datt mer och vun deene jonken enga-

géierte Mënschen hei zu Lëtzebuerg, an duerfirwerraus, e kloert Bekenntnis zum Klimaschutz kréien.

D'Regierung an, ech géif do och éierlechkeetshalber soen, och scho viregt Regierungen huelen de Klimaschutz awer scho ganz laang eescht. Mir wëssen och, datt Europa, als ee vun deenen Eenzege, awer schonn och laang an der Virreiderroll ass, sief datt dat net ëmmer einfach ass, mä datt mer awer do och an der Vergaangenheet versicht hunn, ëmmer dat Bescht draus ze maachen. Sécher kann a muss een awer nach méi maachen. An dat maache mer. An de Budget 2019 ënnersträicht dat jo och ganz kloer.

Net manner wéi 20 %, also ee Fënneftel, vun allen Investitiounen vun deenen 2,5 Milliarden, vun deenen ech virdru geschwat hat, sinn am Interessi vum Klimaschutz an der Nohaltegkeet. A bis 2022 sollen déi Investitiounen op 23,3 % klammen. Also, bal ee Véierel vun eisen Investitiounen wäerten an de Klimaschutz an an d'Nohaltegkeet goen. Konkret heescht dat zum Beispill eng Augmentatioun vu 50 % zwëschen 2018 an 2022, fir op e Montant vu 710 Milliarden ze kommen.

Wat ass dat alles? Wat sinn dat vun Investissemen-ter? Ech ginn elo net méi op d'Green Finance an, well dat jo och méi nach eng Strategie ass, mä, ech mengen, mir wëssen dat alleguerten, dat ass näischt Neies: Zweek Drëttel vun eisen CO<sub>2</sub>-Emissiounen kommen aus eise Stroosseverkéier. Duerfir musse mer wierklech do usetzen.

An, bon, jo, e minimaalt Unhiewen op den Akzise vun 1 Cent um Bensinn, 2 Cent um Diesel, dat kann een, jo, et kann een et als symbolesch ugesinn, mä et ass awer méi wéi Symbolik, géif ech soen. Et ass och en éischten Usaz, fir einfach ze weisen, datt mer d'CO<sub>2</sub>-Gefierer, d'CO<sub>2</sub>-Mobilitéit net méi wëlle weider encouragéieren.

Op där anerer Säit setze mer jo duerfir zum Beispill op d'E-Mobilitéit, déi mer konsequent duerfir féideren. D'Primm fir den Elektroauto gött jo op 5.000 Euro eropgesat. Bis 2020 ginn natierlech och dann d'Infrastrukturen, zum Beispill 800 Elektrobussen, opgestallt an nach aner Mesurë méi.

Mir wëssen och, fir datt mer d'Leit méi op den öffentlichen Transport erëm eriwuerkréien, musse mer den öffentlichen Transport och onbedéngt méi performant maachen. Do wësse mer alleguerten, dorunner musse mer nach schaffen. Do sinn awer och vill Retarden opzehuelen! Dat muss een och all Kéiers soen. Wann d'Leit all Kéiers sech iergeren, zu Recht, datt den Zuch oder de Bus ze spéit kënnt oder datt en eventuell emol eng Kéier guer net kënnt, da muss ee wëssen, datt mer do vill dru schaffen, awer och vill Retarden opzehuelen hunn.

An duerfir investéiere mer weider massiv an d'Mobilitéit, an de Budget klëmmt do op iwwer zwou Milliarden Euro. De Budget RGTR geet 15 % an d'Luucht. A wat mech och do fret, dat ass, datt déi DP-Iddi vun den Express-Buslinnen och ëmgesat gött. Dat ass jo déi Iddi, datt een elo net mam Bus vun engem Duerf méi wäit am Land op all Statioun, all Arrêt muss stoe bleiwen, mä datt dann eventuell lokal Bussen op eng Express-Buslinn féieren an datt dann déi Express-Buslinnen direkt ouni Zwëschenhalt op d'Aarbechtsplaz oder an d'Stad féieren.

De Budget vum Fonds du rail geet ëm 10 % an d'Luucht. An den Ausbau vum Tram gött virugedriwwen. Haut stellt keen, bal keen, mengen ech, haut hunn ech d'Impressioun, a wann een d'Leit dobaussé gesäit, wa se och gesinn, wéi effizient a wéi flott den Tram ass, haut stellt eigentlech kee méi den Tram a Fro. An eigentlech ass et éischer esou, d'Leit sinn ongedëlleg a froen: „Wéini ass dann déi nächste Streck fäerdeg?“ Also haut hätten d'Leit eigentlech gär, datt schnell déi zousätzlech Strecken opginn. An dorunner schaffe mer dann och.

De gratis öffentlichen Transport kënnt am März 2020. Fir d'DP ass dat net onbedéngt eng sozial Mesur. Et ass eigentlech eng logesch Konsequenz vun eise Bekenntnis zum öffentlichen Transport. Et ass och en zousätzlechen Ureiz, fir nach méi Leit op den Zuch, op de Bus an op den Tram ze kréien. Et ass natierlech - mir hate Publicitéit op der ganzer Welt - flott als Nation Branding, mä et ass eigentlech awer och, fir datt mer hei zu Lëtzebuerg d'Leit nach méi motivéieren, op den öffentlichen Transport iwwerzeklappen.

An et muss ee jo och wëssen, da komme jo d'Rechnungen. Jiddweree rechent jo awer: „Jo, mä awer, hmm ...“ Et muss ee wëssen, datt och elo, wou den öffentlichen Transport nach net gratis ass, eigentlech haut nach just nëmmen 3 % vun den Depensen hautzudaags vun den Ticketen ofgedeckt ginn.

Wichtig ass awer fir eis, datt och weiderhi Kontrolle gemaach ginn am Zuch, datt Sécher-

heet a Recht am öffentlichen Transport garantiert sinn. An d'Begleetspersonal am Zuch, dat gött sécher net ofgebaut. Au contraire! Dat muss eventuell nach verstärkt ginn, eben och, well de Service um Client jo nach verbessert muss ginn, soudatt een also do och déi Leit ka gutt gebrauchen.

Här President, ech stellen eigentlech als DP ...

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Här Berger, erlaabt Der, datt den Här Kaes lech eng Fro stellt?

► **M. Eugène Berger (DP).**- Vlächht herno, Här President.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Jo, da maache mer dat herno.

► **M. Eugène Berger (DP).**- Jo, zum Schluss, jo.

Här President, ...

(Brouhaha)

Ech mengen, mir kréien nach Geleeënheet vlächht déi nächste Deeg, fir do ...

(Interruptions)

Här President, ech stellen als DP-Fraktiounspre- sident op alle Fall fest, datt quasi de ganze Wahlprogramm vun der DP am Beräich öffentlechen Transport an de Koalitiounsprogramm agefloss ass. An dat mécht eis natierlech Freed. Et weist eigentlech och, datt d'DP als Partei vun de gudden, awer ech géif virun allem soe pragmateschen - pragmateschen! - Iddien de gréng Punkt an hirem Logo méi wéi mat Liewen erfüllt.

(Brouhaha)

Mir zwängen ...

(Interruptions)

Ech sinn och de personifizéierte gréng Punkt. Also et ass ...

(Hilarité et interruptions)

Här President, mir zwénge kengem den öffentlichen Transport op a mir verdäiwelen och net den Auto.

► **Plusieurs voix.**- Aah!

► **M. Eugène Berger (DP).**- Et ass eben déi richtig Métt ...

► **Une voix.**- Très bien !

(Interruptions)

► **M. Eugène Berger (DP).**- Neen, neen, et ass déi richtig Métt, well d'Zil muss et, neen, d'Zil, jo ...

► **M. Serge Wilmes (CSV).**- Dat klängt awer net iwwerzeegend.

► **M. Eugène Berger (DP).**- D'Zil, neen, et ass awer gutt, well ech hu jo grad gesot, déi pragmatesch, déi pragmatesch Solutiounen! Ech hunn den Akzent op pragmatesch ge- luecht, Här President, well mir musse kloer den öffentlichen Transport esou performant maachen, datt ee guer keng Loscht méi huet, op den Auto ëmzeklappen.

Et muss een awer och wëssen, hei am Land ginn et nach vill Plazen, wou mer eben nach net en öffentlichen Transport kënnen ubidden, all Stonn, mat groussem Confort an esou wei- der. D'Leit ginn et der nach ganz vill hei am Land, a mir kënnen déi also net verdäiwelen. Mir mussen also och kucken, datt mer natierlech d'Offer do méi komplett maachen. Mä mir mussen awer och wëssen, datt déi Leit eben nach op en Auto mussen zrëckgräifen an datt se also och doduerjer net dierfen desavanta- géiert ginn.

Natierlech ass d'mëttel- a laangfristeg Zil, datt mer, ech géif soen iergendeng Kéier, op dat ideaalt Zil vun 100 % öffentlichen Transport kommen. Mä dat ass awer net, do si mer eis och eens, fir muer.

Vlächht nach e puer Zuelen zu dem Beräich vun der Nohaltegkeet, well d'Nohaltegkeet be- schränkt sech jo net nëmmen op de Klima- schutz, wou mer enorm vill Efforte maachen, mä dat sinn och zum Beispill finanziell Hëllef fir nohalteg Firmen. Ëm 44 % ginn déi an d'Luucht.

De Budget fir d'Waasser, proppert Waasser geet ëm 20 % an d'Luucht. Mir wäerten derfir suergen, datt d'Kläranlage vun deem Joer u keng Strofe méi solle bezuelen.

11 % méi gött fir d'Protektioun vun Iwwer- schwemmunge budgetiséiert. Mir haten d'lescht Joer zweemol Evenementer, Aeren- dall, Möllerdall. Kënnt Der lech erënneren, wat fir e grouse Schued fir d'Natur, mä awer och fir eenzel Leit da kann entstoen? An duerfir maache mer hei zousätzlech Efforten.

Och an der Landwirtschaft just eng Zuel: Fir méi nohalteg Landwirtschaft reduzéiere mer zum Beispill den Taux op 8 % fir biologesch phytosanitär Produiten.





Här President, datt dës Koalitioun fir sozial Gerechtegkeet steet, dat hu mer schonn déi lescht fënnef Joer bewise mat méi enger gerechter Familljepolitik, mat Mesurë wéi dem Congé parental, dem Pappecongé, d'gratis Kannerbetreuung, alles Mesuren, déi erméiglechen, datt Mammen a Pappes besser Famill a Beruff ënner een Hutt kënnen kréien. Mir hunn eng sozial gerecht Steuerreform an de leschte Joren ëmgesat mat Entlaaschtunge virun allem fir de Mëttelestand, fir d'Monoparentallen an d'Familljen.

Mir hu méi e gerechte Bildungssystem geschafen, wou déi Jonk, egal aus wat fir enge Famillje se kommen, wou jiddwereen, ouni mussen op de Portmonni ze kucken, vun Ufank un duerch gratis Kannerbetreuung, eng besser Frëifërderung besser Startchancen an d'Liewe kritt. Mir hu fir ënnerschiddlech Schüler och fir ënnerschiddlech Schoule gesuergt.

An, Här President, et ass kee Geheimnis, datt der DP d'Famillje besonnesch um Häerz leien. An duerfir wëllen a wäerte mer och elo net stoe bleiwen, mä mir fueren de Wee konsequent weider. An de Budget 2019 ënnersträicht dat ganz kloer.

Ech muss hei awer och soen, ech bedauern e bëssen, well ech sinn elo an enger schlechter Positioun, datt eréischt muer déi gréisst Oppositionspartei Proposen an der Familljepolitik wäert proposéieren. Ech kann elo net, op alle Fall elo direkt kann ech net dorop reagéieren. Da kënnen mer dat also och zu engem spéiden Zäitpunkt maachen.

Mä ech kann lech awer soen - dat ass jo och gutt gemengt -, mä ech kann lech awer soen, datt déi Mesuren, déi mir gemaach hunn, datt d'Leit, déi concernéiert Leit, déi Familljen, immens zefridde si mat deene Mesuren. Mir hunn zum Beispill, d'DP-Fraktioun - Dir sot jo: „Dat war d'DP-Fraktioun“ -, mat dem TNS ILReS virun annerhallwem Joer Sondagé maache gelooss iwwer eis Mesuren. Ouni elo an all Detailler ze goen: 60 %, 70 % Zoustëmmung fir déi eenzel Mesuren! D'Leit hu gesot: „Huelt dach och eng Mesure, fir verschidde Saachen ausbauen!“ Zum Beispill Flexibilitéit, do hunn d'Leit gesot: „Wannechgelift nach méi!“

Nëmme fir ze soen, datt also d'Leit elo net onbedéngt op nei Iddie vun der Oppositionspolitik oder vun där gréisster Oppositionspartei waarden, mä datt d'Leit ganz zefridde si mat deem, wat mir déi lescht fënnef Joer an der Familljepolitik gemaach hunn. An och konkret Chifferen - konkret Chifferen, net nëmme Sondagen -, konkret Chifferen ënnermaueren déi Zefriddenheet, oder soll ech da soen, den „well-being“ vun de Famillje mat eise Mesuren.

Ech mengen, virun allem de Congé parental an d'gratis Kannerbetreuung, déi hu jo all Erwaardungen iwwertraff. Dee Succès vun deene Mesuren, dee gesäit ee jo dann och am Budget 2019, do kann een deen erausliesen, well de Budget fir de Congé parental geet nach eng Kéier ëm 43 % an d'Luucht op insgesamt 237 Milliounen Euro fir 2019. Mir hunn de Congé parental méi flexibel gemaach. Mir hunn den Ausgläichsloun däitlech eropgesat, fir datt méi Leit sech de Congé parental kënnen leeschten. An all déi Mesuren hunn e groussen Erfolleg, net nëmmen an de Sondagen. Haut huele ronn 6.000 Leit méi de Congé parental wéi virun zéng Joer.

An dann och, dat ass jo och eppes, wat erfreenlech ass, virun allem d'Pappen, déi profitéieren neierdëngs och, huelen neierdëngs och de Congé parental. Haut sinn d'Halschent - d'Halschent - vun de Beneficiairë vum Congé parental d'Pappen. Ech mengen, dat ass jo awer e Paradigmewissel, wann ee gesäit, wéi effizient déi Mesure ass. Virun allem, et geet wierklech an déi Richtung vu méi gerechter Rolleverdeelung an de Familljen, well mir wëlle jo och, datt och d'Pappen oder d'Männer sech méi ëm hir Kanner këmmen an och duerfir mussen méi Zäit kréien. A mir gesinn, datt se dovunner och profitéieren.

Wéi soll et elo weidergoen?

Op alle Fall, mir wäerten natierlech de Bilan zeien. Ech hunn hei schonn e puer Chiffere genannt. Mä mir wäerte kucken, nach de Congé parental unzepassen, datt Familljen, wou béid Elteren dee wëllen huelen, nach verstäerkt ënnerstëtzt ginn. Mir hunn och d'Iddi vun der Deelzäit fir Mamm a Papp, déi steet och am Koalitiounsaccord. De Stat iwwerhëlt dobäi dann d'Cotisation an d'Pensionskeess fir déi Stonnen, wou net geschafft gëtt. A fir d'Familljen zousätzlech ze entlaaschten an den Eltere méi Zäit fir d'Kanner ze erméiglechen, sollen och eng Rei Pisten, fir d'Aarbechtszäite méi flexibel ze maachen, weider verfollegt ginn. Den zousätzleche Congésdag, de Feierdag, déi si schonn ëmgesat. Dat ass jo och letztendlech am Sënn vu méi Zäit fir Famill a Fräizäit ze hunn.

An ech mengen, wann ech elo vu Flexibiliséierung schwätzen, do ass et awer fir eis och

wichtig an der Approche, datt all Salaré individuell mat sengem Patron d'Aarbechtszäite kann ausverhandelen. Hei soll net vun uewen erof vun der Politik diktiert ginn, wéi dat op d'Minutt an d'Sekonn soll goen. Dat muss also do tëschent deenen eenzelne Parteien ausgehandelt ginn. Ech mengen, dann huet och ënner dem Stréch jiddwereen eppes dovunner. Da kann de Salaré eventuell seng Fräizäit oder seng Familljenzäit besser, méi flexibel plangen. An de Betrib kann och da kucken, seng Aarbecht besser ze organiséieren. Dat ass eigentlech dat, wat een déi sougenannte Win-win-Situatiounen nennt.

An en Deeelement vun der Flexibiliséierung ass jo eigentlech schonn ëmgesat, an zwar a Form vun den Zäitspuerkonten. Mir ënnerstëtzen och e rechtliche Kader fir den Teletravail, deen och wäert fir méi Flexibilitéit a Fräizäit suergen. Herno, ech schwätzen och nach iwwert d'Digitalisation, wäert ech nach eng Kéier op den Teletravail zrëckkommen.

Dann de Budget fir d'gratis Kannerbetreuung, och am Sënn vun de Familljen, dee geet am Budget ëm ronn 10 % an d'Luucht op 421 Milliounen. Dat, kann ee soen, si vill Milliounen, dat ass eng hallef Milliard! Mä mir soen, do ass all Centime gutt investéiert Suen an d'Zukunft vun eise Kanner, well mir wëllen och weiderhin eng qualitativ héichwäerteg a méisproocheg Kannerbetreuung, déi d'Kanner gutt op hir Zukunft virbereet an d'Famillje finanziell entlaascht. Ech mengen, d'Kannerbetreuung gehéiert eigentlech elo zur Schouloffer. Duerfir steet och am Koalitiounsaccord den DP-Vorschlag, datt d'Maison relais während de Schoulwoche gratis ass.

Ech mengen, ëm wat geet et hei am Endeffekt, Här President?

Dat ass einfach: Eisen öffentleche Schoulssystem ass a muss Garant vu Gerechtegkeet an eiser Gesellschaft bleiwen. Et geet drëms, datt all déi Kanner déi nämlecht Startchancë kréien, hinne déi ze erméiglechen.

Dat ënnersträiche mer jo och dann am Budget: Education, Kanner, Jugend, dee geet iwwer 2,5 Milliarden Euro. Gerechtegkeet awer och fir Kanner mat Handicap oder Verhalenopfällegkeeten, wou d'Budgeten 18 % an d'Luucht ginn. De konventionéierte Secteur geet ëm 19 % an d'Luucht, Ateliers protégés geet ëm 7,5 % an d'Luucht. Ech mengen, och domadder leet mer d'Basis, datt de Bierger mat Handicap, egal ob Kand oder Erwuessenen, esou vill wéi méiglech kann um alldeegleche Liewen deelhuele, fir datt mer weiderhin déi inklusiv Gesellschaft kënnen opbauen, datt eis och do keen Effort dierf ze mann (veuillez lire : ze vill) sinn.

An da mussen mer natierlech och déi Etapp hannendru kucken. Nom Bildungsparcours dierfe mer och d'Kanner net eleng loossen, hinne déi néideg Ënnerstëtzung ginn, fir Fouss am Beruff, am Liewen ze faassen.

Et stellt een och just fest opgrond vun Zuelen: Zum Schluss vun der Legislaturperiod ass Lëtzebuerg ee Land mat engem vun deenen niddregsten Tauxe vu Jugendaarbechtslosigkeit an der OECD. Dat freet eis! Ech mengen, do ass all eenzelne Mënsch, all eenzel Schicksal, wat do derhannert steet, datt een eng Aarbecht fënnt, positiv. Mä dat wëllt net heeschen, datt net weider Efforte mussen gemaach ginn. Duerfir ginn d'Mëttel, fir de Jugendchömage ze bekämpfen, nach eng Kéier ëm 45 % an d'Luucht.

Ech mengen einfach, d'Zil vun dëser Regierung ass et net just, fir d'Leit, déi Schwierigkeiten hunn, an Netzer opzefänken, sozial Netzer opzefänken, mä mir wëllen eigentlech hinne en Trampolin dohinnerstellen, fir datt se selwer erëm no uewe kommen, no uewe kënnen sprangen. An duerfir ass jo och deen neie REVIS geduecht, deen als erkläert Zil huet, fir d'Leit net nëmmen ze encadréieren, mä ze kucken, fir datt d'Leit esou schnell wéi méiglech erëm un d'Aarbechtswelt erugefouert ginn. D'staatléche Participatioun fir dësen Encadrement am Budget geet ëm 27 % an d'Luucht.

Här President, ech hunn elo vill iwwert d'Mesurë fir eis Jéngst geschwat. Mä och déi eeler Leit hu mer net vergiess. Et muss een och wëssen, wann et eis haut gutt geet, jo, dës Regierung huet gutt déi lescht fënnef Joer geschafft, mä och déi eeler Leit, déi hu ganz vill Meritte fir eist Land an eis Gesellschaft. Si hunn och an der Vergaangenheet, virun 10, 15, 20, 25, 30 Joer, wéi et och vläicht net ëmmer einfach war, vill mat Hand ugeluecht. Ech hu vum Kuch geschwat gehat. Si hunn och deemools vill mat Hand ugeluecht, fir deen Deeg ze réieren, fir datt mer haut e grouss Kuch do stoen hunn. A mir sollen dat och respektéieren, mir sollen dat och honoréieren an och kucken, datt si an engem héijen Alter gutt kënnen liewen. An hei hu mer och eng ganz Rei Mesurë gemaach.

Ech ginn elo net méi op alles an. Einfach hei ee Stéchwuert ass eis Strategie Active Ageing oder zum Beispill d'Maisons de soins, 120 Milliounen fir 400 Eebetter zu Käerjeng an zu Déifferdeng.

Här President, ech kommen dann nach zu engem leschte Kapitel, deem vun der Digitaliséierung. De Budgetsrapporteur, den André Bauler, huet zu Recht eng Rei Akzenter vun der Regierung am Beräich vun der Digitaliséierung opgezielt an och op d'Geforen higewisen. A jo, d'Digitaliséierung ass eng grouss Erausforderung fir d'Gesellschaft. Mir sollten d'Digitaliséierung virun allem als Chance gesinn, als Chance fir deen Eenzelnen, awer och fir d'Gesellschaft. An ech mengen, dat ass méiglech. Dat ass méiglech, wa mer déi schnell Evolution richteg vun der Politik encadréieren.

Dir kënnt lech vläicht erënneren, déi, déi och eng grouss Dageszeitung liesen, ech hat am Fréijoer eng Rei Meenungsartikelen ënnert dem Slogan #digitalchance publizéiert. An engem vun deenen Artikelen hat ech geschriwwen: „Déi digital Technologie si fir mech d'Minette-Aerz vun der Zukunft.“ Ech wëll dat nach eng Kéier ënnersträichen.

Wa mer déi verschide Chancen, déi eis déi digital Technologie bidden, konsequent notzen, da kënnen mer den Erfolgsmodell Lëtzebuerg op der digitaler Autobunn virufueren, well Lëtzebuerg ass gutt opgestallt, fir e Virreider als ICT-Standuert ze ginn, mat zum Beispill HPC, High Performance Computing. Dir wësst vläicht, dat ass dee groussen, dee Supercomputer, nennen ech deen. Et stinn der e puer an Europa. D'Europäesch Kommissioun huet et fäerdegbruecht, datt mer een hei op Lëtzebuerg kréien.

Wat dat alles fir Méiglechkeete gëtt fir d'Recherche, fir déi eenzel Entrepreneuren, fir mat esou engem Supercomputer kënnen ze schaffen, mat der FinTech, fir eis Finanzplaz, mat 5G-Reseaunen, mam Know-how an de spezialiséierte Start-ups, deene mer jo awer wierklech gutt, ideal Konditiounen hei zu Lëtzebuerg bidden! Alles dat, do sinn eigentlech d'Viraussetzungen do, fir datt déi digital Technologien, d'Digitaliséierung eng enorm wirtschaftlech Chance bitt, déi mer onbedéngt notze mussen.

D'Digitaliséierung wäert eist deeglecht Liewe verännern. Et ass schonn amgaangen, ech hat et jo eng Kéier illustréiert: Wéi ech hei 1994 déi éischte Kéier stoung, ass et nach keen Handy ginn. Haut kënnen mer net méi ouni dee fonctionnéieren, liewen. Et verännert awer nach weider all Dag eist deeglecht Liewen a ville Beräicher, ugefaangen an der Schoul, dann op der Aarbecht. Ech mengen, et ass kloer, déi Jonk müssen haut konsequent op déi digital Technologie virbereet ginn. Et gëtt haut kee Beruff méi, och elo schonn, deen een nach kritt, wann een net ka mat engem Computer ëmgoen, och heiansdo Beruffer, wou een dat net esou op den éischte Bléck mengt. Mä och e Schräiner zum Beispill muss haut kënnen moossen, zeichnen a wat weess ech, fir mat Maschinne kënnen ëmzegoen, fir nach kënnen ze fonctionnéieren. Also op dat alles müssen natierlech déi Jonk an de Schoule virbereet ginn.

Et ass awer och nach en aneren Aspekt, deen ech nach eng Kéier kuerz hei wëll rappeléieren. Et ass och enorm wichtig, datt d'Medienerziung systematesch vu klengem u vermëttelt gëtt, fir datt déi Jonk och kritesch an differenziéiert mam Internet a virun allem mat de soziale Medie léieren ëmzegoen.

Déi digital Technologien, déi kënnen och eng Chance si fir d'Veereinfachung vun der Aarbechtswelt an dem Alldag. Ech hat virdru schonn dovunner geschwat, Stéchwuert Teletravail. Den Teletravail, dee bitt awer eng Rei Chancen. Andeems een da seng Aarbecht méi flexibel, méi individuell kann organiséieren, huet ee méi Flexibilitéit an domat och Zäit, méi Zäit fir Famill oder Fräizäit. Kuckt, einfach eleng duerch den Aarbechtsweg! Wann een Teletravail mécht, da bleift ee jo een Dag oder méi Deeg oder eng länger Zäit doheim, fir ze schaffen. Eleng déi Zäit, déi ee spuert, wann een net muss op d'Aarbecht fueren! Dat hântk vun deem engen oder aneren of. Mä rechent jiddwereen Eenzelnen emol, wann een nëmmen dräi oder véier Deeg an der Woch net misst an d'Stad, an d'Chamber kommen, wivill, net Minutten, mä Stonnen dat den Dag an d'Woch mécht, also wivill Zäit een eleng doduerjer spuert, datt een net méi muss op d'Aarbecht hin- an zrëckfueren!

Dann awer och op där anerer Säit, wann een net op d'Aarbecht fiert, dann ass manner Trafic, ass manner Stau. Dat ass also och en Element, e Puzzle-Element, fir den CO<sub>2</sub> ze reduzéieren.

Ech weess, et ass och net all Beruff, all Aarbecht, déi kann am Teletravail gemaach ginn. Et ginn eng Rei Pilotprojeten. Et sinn och schonn eng Rei Secteuren, Privatsecteuren, wou dat awer scho méi wéi usazméisseg fonctionnéiert. Dat mussen mer also weider fërderen.

Wat awer kloer och hei ass: Mir brauchen e gesetzleche Kader, an eisen Aen, deen déi sozial Rechter an Ofleef klärt. Kloer ass fir eis och: Déi besteeënd sozial Ofsécherungen dierfen net a Fro gestallt ginn. An natierlech gëtt et och esou Aspekter: Vu datt mer vill Frontalieren hunn, muss een dann natierlech och zum Beispill steuerlech Ofkommesse mat Nopeschlänner iwwerkucken.

Digitalisation heescht och, engem Wiessel an eiser Gesellschaft Rechnung droen. Do stelle sech vill aner Froen, zum Beispill déi vun digitale Rechter. Mir hate jo elo och déi Direktiv, déi zu Bréissel diskutéiert ginn ass. D'Fro vum Geoblocking zum Beispill am digitale Banne-maart. Et ass jo awer net normal, datt hei zu Lëtzebuerg eng ganz Rei Saache wéinst dem Geoblocking net fonctionnéieren. Ech fannen et net normal. Et ass jo e bekannt Spill „Game of Thrones“, dat, hunn ech gelies, wier weltwäit illegal - illegal! - 500 oder ech weess net, eng onméiglech Zuel, 500 Milliounen mol erofgeluede ginn. An hei zu Lëtzebuerg ass et awer net méiglech, et legal erfizelueden! Dat kann et jo also awer och net sinn. Also, mir mussen kucken, datt mer och an der EU am Beräich Geoblocking virukommen.

Dann déi ganz Erausforderung am Beräich vu Fake News, Beaflossung vu Wahlen, ech mengen, dat mussen mer och resolutt ugoen. An ech mengen, hei spilt och déi fräi, déi kritesch Press eng wichteg Roll, fir dat ze iwwerhuelen.

Bon, op alle Fall och hei, Här President, si mir als DP frou, datt d'Regierung eiser Fuerderung nokomm ass an d'Digitalisation als Prioritéit fir déi nächst fënnef Joer erkläert huet an och en eegenen Digitalministère geschafen huet, wéi mir dat an eise Wahlprogramm gefrot haten. An, ech hunn der e puer ugerass, mä d'Digitalisation ass en Thema an alle politeschen, an alle gesellschaftleche Fäll, der Santé, Bildung, Finanzen, Mobilitéit, Wirtschaft, Medien. Ech hunn der vergiess, mä ech mengen, et ass jo och elo hei am Kader vum Budget net Zäit, fir se méi detailléiert ze thematiséieren. Mä ech mengen, et ass sënnavoll, wa mer an Zukunft, an noer Zukunft eng Kéier eng spezifesch Debatte hei an der Chamber dozou féieren, wou ech da méi am Detail kann op d'DP-Iddien do agoen.

Här President, ech kommen dann zu menger Konklusioun.

Haut de Moien huet d'Oppositionsspriecherin vill vum Hamsterrad geschwat, mä net gesot, wéi se da wëilten drun dréien, fir datt d'Mënschen an enger sougenannter CSV-„well-being“-Welt ukomme sollen.

## (Interruption)

Bon, ech ka just feststellen, Här President: Sondagen, Zuelen, international Gremien, déi bescheinegen eis, datt et de Leit haut zu Lëtzebuerg besser geet wéi viru fënnef Joer. Lëtzebuerg ass haut méi gerecht wéi viru fënnef Joer. Mä dës Koalitioun wëllt net dobäi stoe bleiwen, well Stëllstand wier Réckstand oder Réckgang. Mir dréien och net am Rad, mir ginn no vir weider op enger richter Linn, op enger Ligne droite. Mir wëllen op eise Wee weiderfueren, well mir hunn nach villes vir zu Lëtzebuerg an deenen nächste fënnef Joer. An dës Budget 2019 setzt dobäi e kloert Zeechen a weist, wou de Wee hiegt, bei méi sozial Gerechtegkeet, méi Nohaltegkeet, méi Innovation.

An duerfir, Här President, duerfir kann ech de volle Support an Accord vu menger Fraktioun zum Budget 2019 hei abréngen.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Berger. Den Här Kaes wëllt nach eng Kéier à charge kommen.

► **Plusieurs voix.**- Ooh! Aah!

## (Interruptions)

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Wann dat net de Fall ass, ass den nächsten ageschriwwene Riedner den honorabelen Här Alex Bodry. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Ufank vu menger Interventioun wëll ech och am Numm vun der LSAP-Fraktioun der groussherzoglecher Famill eist hærzlecht Bäileed ausdrécken zu Ulass vum Doud vum Grand-Duc Jean. Et ass e Verloscht fir si, et ass e Verloscht fir Lëtzebuerg, et ass e Verloscht fir ganz vill Lëtzebuerger.

De Grand-Duc Jean war e Stéck Lëtzebuerg. Hien huet international wéi national d'Fonction vum Statschef op eng exemplaresch Aart





a Weis während Jorzéngte verkierpert an ass do-bäi Mënsch bliwwen. D'Geheimnis vu senger enker Relatioun zu de Lëtzebuerger ass ganz einfach: Hien hat d'Leit gären an huet de Leit dat ze spiere ginn. An duerfir haten d'Leit och hie gären. De Grand-Duc Jean wäert eis feelen.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, den éischte Budget vun enger neier Mandatsperiod ass ëmmer e bëssen e spezielle Budget. Et ass kee Budget wéi all déi aner. E markéiert de Start. Hei ass kee richtegen Neistart, well u sech déi al Equipé bestätegt ginn ass, mä dach awer en neien Plan vun enger nei zesummege-sater Regierung an enger Koalitioun, déi u sech bestätegt ginn ass.

2019 ass net 2014! Dës Kéier ass et kee poli-tesche Wiessel. Et sinn déi dräi selwecht Par-teien, déi mat engem neien, ugepasste Pro-gramm fir weider fënnef Joer untrieden. An duerfir ass et selbstverständlech, dass dës Bud-get sech fir d'Éischt emol aschreift an d'Konti-nuitéit vun där Budgetpolitik, déi déi zwee, dräi lescht Joer hei zu Lëtzebuerg, och ënnert der vieregter Regierung, bedriwwen ginn ass. Et ass also e Weiderschreiw vu ganz ville sekto-rielle Politicken an et ass awer och de Wëllen, fir nei Usätz, nei Sensibilitäten, nei Prioritéite bei dësem éischte Budgetsprojert kloer ervirze-sträichen.

D'Opposition huet an hiren éischte Reak-tiounen wéi gewinnt dës Budgetsprojert wéi all déi Projete virdru verdaamt a besonnesch sech gestierzt op deen Defizit, deen dee Statsbudget hei ausweist fir 2019. Et sinn déi übblech Kri-ticke formuléiert ginn. Et war fir kuerz Zäit hei de Moien en Hoffnungsschimmer opkomm, wéi ech déi nei Oppositionsleaderin, d'Ma-damm Hansen, hei héieren hunn aner Téin ustoussen. Si huet vun „well-being“ geschwat. Si huet eis also matgeholl an eng nei Welt vu Klengdéierenzuucht a vu Wellness.

#### (Hilarité et interruption)

Ech duecht: Neen, dat do gëtt elo eppes aneres! Mä ech muss soen, eng Minutt drop ware meng Illusiounen zerstéiert, wéi nëmme méi rieds gaangen ass vu Risiken, vun Onsé-cherheeten, dann op Franséisch vun Incertitu-den, da vu Schocken, vun „Schönwetterpoli-tik“, déi géif gemaach ginn. Et ass déi al CSV-Litanei, ...

► **Mme Octavie Modert (CSV).** - Är Ap-proche huet och net geännert!

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - ... déi gebetsmüh-lenaarteg hei rezitéiert ginn ass iwwert déi lescht fënnef Budgetsdebatten, mat deenen übbleche Kriticken, mat där übblecher Schwaarzmolerei, mat deem übbleche Pessi-mismus, wat d'Entwécklung vun der Wirtschaft an déi sozial Entwécklung vun dësem Land an deenen nächste Joren ugeet. D'Verpackung huet vläicht changéiert, d'Inhalter bleiwen déi al.

An déi Taktik, déi allze duerchsichteg Taktik, déi während fënnef Joer ugewannt ginn ass, fir op där enger Säit ze kritiséieren, dass alles ze optimistesches ageschat wär, dass d'Situatioun vill méi schlecht wär, fir ze soen, et war kee Spillraum do, fir nach weider Depensen ze maachen, am selwechten Otemzuch awer an-dauernd erëm nei Depensen ze froen, déi Tak-tik schéngt och dës Joer widerzegoen, et sief, et géifen nei Iwwerraschungen kommen am Weidergoe vun der Debatt.

Et kann een net dat eent an de Contraire be-haapten, et kann een net hei e Festival vu Widerspréchen opbauen, wou een op där enger Säit virgëtt, en neien Diskurs ze féieren, dann awer déi al Inhalter hei widerhëlt, op där enger Säit fir en neie PIB ass a gläichzäiteg seet, et hätt een awer näischt géint deen ale PIB, op där enger Säit wëllt alles anescht orientéieren an der Wirtschaft, dann awer seet: „Mir müssen awer am ale Credo vun eiser Finanzwirtschaft weiderfueren.“ Dat eent an dat anert zesum-men, dat geet net! Dat huet de Wieler d'lescht Joer ganz kloer erkannt an de Wieler wäert dat och a fënnef Joer gradesou kloer erkennen, wann net aner Alternativen op den Dësch kom-men.

#### (Interruption)

Ech hu gesot, mir stinn 2019 an enger ..., ech wëll soen, dës Koalitioun ass bestätegt gi vum Wieler, soss wär se jo net méi do! Also steet dës Koalitioun manner ënner Zuchzwang, fir d'Pol-i-tik ze änneren, wéi anerer, déi et net fäerdeg-bruecht hunn, an d'Regierung eranzekommen.

2019 sti mer an de Statsfinanze besser do wéi 2013. Duerfir sinn den Ausgangspunkt an och d'Orientéierung vun dëser Budgetpolitik ane-rer wéi déi Diskussiounen, déi mer nach viru

fënnef Joer gefouert hunn, déi am Androck stoungen vun enger Kris, déi nach an hiren Aus-wirkungen ze spiere war, déi am Androck stoungen och vun der Noutwendegkeet, fir e Budgets-lach zouzestoppen, wat sech opge-doen huet duerch d'Ewechfale vun den Ein-nahme bei der TVA vum Commerce éleetro-nique, dat sech am Endeffekt bis op eng Mil-liard pro Joer erausgestallt huet. Do sinn also e puer Milliarden Euro pro Joer an de leschte fën-nef Joer ewechgefall vun Einnahmen, op déi een nach déi vieregter Period konnt rechnen.

Dat ware riseg Erausforderungen, déi mer ge-meinsam gemeeschtert hunn duerch d'poli-tesch Decisiounen, déi geholl si ginn, duerch natierlech och eng international Konjunktur, eng Konjunktur an Europa, déi positiv war, déi gehollef huet, déi dote Sanéierungspolitik vun den öffentleche Finanzen ze maachen a gläich-zäiteg an der zweeter Halschent vun der leschter Period och déi néideg politesch Akzen-ter ze setzen, fir d'Zukunft vum Land a wesent-leche Beräicher ofzesécheren.

Et war déi ganzen Zäit de Wëllen do, fir net op Austeritéit, mä op d'Erhale vun der Kafkraaft ze setzen. Dat spigelt sech besonnesch an där Steuerreform vun 2017 erëm, déi e Succès war! Dat dierf een hei eng Kéier ganz kloer soen! Ech si fir d'Evaluéierung vun de Politicken. An déi Steuerreform vun 2017 war sonner Zweifel e Succès, e Succès an hiren direkten Auswierkun-gen, e Succès awer och duerch déi sozial Aus-geglichenheet, déi se duergestallt huet mat deem Haaptakzent op den Entlaaschtungen bei de Privatpersounen, bei den Haushalter par rapport zu de Betriber, mat awer och dem Asaz schonn deemools vun dem Instrument vum Crédit d'impôt, deen et méiglech gemaach huet, cibléiert deene klengen a mëttleren Akommessen ze hëllefen a besonnesch déi pro-portionell am stärksten ze entlaaschten.

Dat war eng gutt, gemeinsam gutt preparéiert Steuerreform, déi gemaach ginn ass, an dat war e volle Succès. An dovunner profitéiere mer eigentlech haut och nach ëmmer. An dat spi-gelt sech an deem onerwaart, an deem Mooss onerwaart positive Resultat vum Kont 2018 erëm, wou mer erstmaleg zënter 2007 hei en Iwwerschoss vun den Einnahmen am Zentralstat zu Lëtzebuerg ze vermieren hunn. Dat ass eppes, wat vill Deputéierten net kannt hunn. An och déi Fro, déi sech wäert an engem bescheidenen Mooss, mä trotzdem stellen iw-vert d'Affektatioun vun de Plus-valuen - jo, et si Plus-valué gemaach ginn! -, dat ass also och eng Fro, déi mer ze behandelen hunn a wou mir als LSAP-Fraktioun der Meenung sinn, dass, wéi dat och fréier, kann ech soen, übblech war, och d'Chamber soll mat consultéiert ginn, wann et drëm geet, festzeleeën, wou da konta-belsméisseg déi Plus-valuen, déi 2018 beim Zentralstat realiséiert gi sinn, och sollen affek-téiert ginn.

Et schéngt eis normal ze sinn, dass dat a Richtung vun de Reserve sollt goe respektiv a Richtung vun deem intergenerationelle Fong, dee jo während där leschter Period geschäfe ginn ass.

2019 gesäit et bei enger konservativer, am gudden Sënn vum Wuert, enger virsiichteger Äschätzung besonnesch och vun de Statsein-name fir d'nächst Joer duerno aus, wéi wann ee misst mat 650 Milliounen Defizit beim Zentral-stat rechnen.

D'Erklärung ass ganz einfach: D'Ausgabe géife par rapport zum Kont vun 2018 ëm 5,8 % an d'Luucht goen, während d'Einnahme vun der Re-gierung ageschat ginn op nëmme plus 1,6 %, dat besonnesch, well se, wat d'Betriebsbesteie-rung ugeet, d'Kierperschaftssteuer ugeet, net dovunner ausgeet, dass sech dee positive Rhythmus géif weider widerhuelen, wéi mer dat elo 2017 a besonnesch 2018 kannt hunn.

Mä de Minister huet awer och gläichzäiteg haut de Moien eis jo scho gesot, dass, wann een déi Zuele vum éischten Trimester kuckt, da schéngt et sech éischter ze bewahrheiten, wat eng Rei vu Kommentatoren och schonn ervir-gehuewen hunn, dass et eng ganz virsiichteg Äschätzung war vun den Einnahme vun der Re-gierung vun 2019 an dass déi Einnahme kéinten, vläicht wa sech dat géif fortzéien iwwert déi nächst Trimesteren, e bësse méi héich ausfale wéi dat, wat d'Regierung virsiichtegerweis age-plangt huet.

Dat wär iwwregens och an där Tendenz vun de leschte laange Joren, wou ëmmer hei zu Lëtze-buerg am Endeffekt bei de Konten u sech d'Re-sultat méi positiv war, wéi dat eigentlech beim Initialbudget vun de Regierungen esou propo-séiert gi war, obwuel et ëmmer och do scho Stëmmen gi sinn, déi gesot hunn, se wä-re vläicht ze vill optimistesches gewiescht bei der Äschätzung vun der Finanzsituatioun fir d'nächst Joer.

Virsiicht ass gebueden, dat wëll ech awer och hei ervirsträichen. Et ass net esou, dass ee kann all Schleisen opmaachen a soen: „Majo, elo

komme jo déi Steiereinnahmen, dat spruddelt elo, an elo kënnen mer do richtig ausdeelen.“ Ech mengen, dass d'Regierung do e gutt Mët-telmooss fonnt huet an hirer Politik fir 2019, wou se op där enger Säit setzt op eng proaktiv, eng Politik fir d'Zukunft, also och wëllt beson-nesch Investissementer héich halen, eigentlech och nach tendenziell méi héich féieren, wéi dat déi lescht Joren de Fall war, an op där anerer Säit awer och muss am A behalen, dass sech Schocke kënnen presentéieren - dat ass jo och dës Kéier probéiert ginn, zum Deel ausge-rechent ze ginn -, op där anerer Säit awer dann och muss verhéinnen, dass mer eng Dynamik an d'Entwécklung vun den uerdentlechen Aus-gaben och haaptsächlech kréien, déi mer op eemol net méi kënnen bändegen.

An do muss ee feststellen, dass mer do, wat d'Progressioun vun dem Ausgaberrhythmus ugeet, an der Regel iwwert dem Rhythmus vun der mëttelfristeger Wirtschaftsentwécklung leien. Dat heescht, dass eis Ausgabe liicht méi staark steigen, wéi dat eigentlech eis Progno-sen, wat d'Wirtschaftsentwécklung ugeet fir déi nächst Joren, virausgesinn.

Duerfir stellt sech d'Fro, et ass och an der Zen-tralbank opgeworf ginn, ob een net sollt driwwer nodenken, sech hei zu Lëtzebuerg och eng Budgetsnorm vläicht ze ginn. Mir falen net an deen europäesche Budgetsnormsystem, well mer konform sinn zu den Haaptregele vum Semestre européen. An doduerjer appli-zéiere sech fir Lëtzebuerg déi dote Regeln net. Nach muss mer, mengen ech, do awer Vir-siicht walte loossen a kucken, dass déi Dynamik eis net op eemol aus dem Rudder leeft. Ech denken, dass do de Finanzminister eng äänlech Positioun huet wéi déi, déi ech hei elo grad geäussert hunn.

Investitiounen beim Stat, ech hunn dat schonn ervirgeworf, dat ass fir eis enorm wichteg, well een och an auslännesche Beispiller gesäit, an eis däitsch Nopere sinn en negativt Beispill an deem Sënn, dass, wann ee jorelaang déi öffent-lech Investissementer zréckhält, net méi a Stroossen, net méi a Brécken, net méi an ef-fentlech Gebaier investéiert, obwuel et néideg wär, wann een dee Rhythmus bis eng Kéier ge-brach huet, da brauch ee Joren, fir dat do erëm eng Kéier opzefänken. An d'Nofollegkäschte fir net getäegt Investitiounen sinn enorm fir d'Kol-lektivitéit!

Dee Feeler ass net gemaach ginn. Besonnesch no engem Déifpunkt, deen 2013 erreecht ginn ass, wat d'öffentlech Investissementer ugeet, wou mer bei ronn 1,5 Milliarden nëmmen hei waren, ass et steteg eropgaangen am Laf vun der leschter Mandatsperiod. An dës Koalitioun huet sech och zum Zil gesat, déi doten Ten-denz widerzëentwéckelen, a sämtleche wich-tege Beräicher héijer Investissementer wëllen duerchzezéien an och déi néideg Mëttele sech ze verschafen, fir dat kënnen ze maachen.

Dat gëllt am Beräich vun de groussen öffent-lechen Infrastrukturen, dat gëllt beim öffent-lechen Transport, ob dat elo d'Bunn ass, ob dat den Tram ass, ob dat de Stroossebau ass, ob dat Aktivitéitszone sinn, ob dat de Beräich vun de Schoulen ass, ob dat sozial Aariichtungen sinn, ob dat Spideeler, Alters- a Fleegeheimer sinn, a sämtleche Beräicher muss investéiert ginn, fir och matzehale mat der Entwécklung vun der Bevëlkerung, mat deene Besoinen, déi do sinn. An duerfir dierf een do net noloossen. Den In-vestissementsbudget ass den éischte Punkt, dee bäibehale muss ginn.

Souguer wann et géif zu engem Schock kom-men, dierf ee menger Usicht no net de Feeler maachen an un déi doten, besonnesch wat déi produktiv Investissementer ugeet, dorunner kappe goen. Dat muss op engem héijen Ni-veau ëm 4 % vum PIB gehale ginn. Dat ass ge-nau dat, wat hei geplangt ass. 2018 louche mer bei 2,2 Milliarden. Dat soll op 2,5 Milliar-den 2019 eropgoe bis dann iwwer 3 Milliarden an de Joren 2021, 2022 an 2023.

## DOCUMENTS PARLEMENTAIRES

Les projets et propositions de loi ainsi que les avis et rapports y relatifs sont publiés comme documents parlementaires qui font l'objet d'une numérotation continue.

An et muss een och de Lien maachen, an ech maachen dee Lien direkt, Investissementer vum Stat a staatlech Scholden.

Fir eis ass et ganz kloer, ech hunn et schonn e puermol hei gesot: Et gëtt weder gutt nach schlecht Scholden! Scholden ass u sech eppes Neutrales! Wichtig ass: Firwat geet ee Sue léi-nen? Wat soll mat deene Sue finanzéiert ginn? Fir mech ass et ganz normal, dass, wann een Investissementer an Héicht vun 2, 2,5, 3 Mil-liarde mécht, een Deel, eng hallef Milliard, eng Milliard vun deene Suen, och méi breet ver-deelt gëtt, wat d'Charge ugeet, an ee Sue léine geet, fir dann och eng aner Generatioun mat ze bedeelegen an deem Käschtepunkt, well se jo och profitéiere vun deem Investissement, dee gemaach gëtt.

An duerfir ass et fir eis och keen Drama, bei 2,5 Milliarden direkten an indirekten Investisse-menter vum Stat, dass een elo bei deem Bud-getsprojert hei en Defizit schreift vu 650 Milliounen. Dat ass zemools, mengen ech, keng Katastroph, well op där anerer Säit jo ge-plangt eigentlech ass, net onbedéngt dës Joer, 2019, en neien Emprunt opzehuelen. 2018 ass ee getäegt gi vu 650 Milliounen.

A wann d'Entwécklung esou ass, wéi se an de Prognose vun der Regierung respektiv vum Statec steet, well d'Regierung huet näischt aneres gemaach, de Finanzminister huet dat virdru gesot, wéi dem Statec seng Prognosen ze iwwerhuelen, da misst déi Rechnung do op-go. An et gëtt och hei bewisen, dass dat wäert och iwwert déi nächst Joren zu éischter enger Stabiliséierung vun där dach zu Lëtze-buerg nach ëmmer niddreger Scholdelaascht féieren, mat vläicht souguer um Enn vun dëser Period ënner 20 % vum PIB öffentlech Schold, woubäi d'Zilsetzung vun de konsekutive Re-gie-rung war, dat ënner 30 % ze halen. Mir sinn also wäit ewech vun Horrervisioenen, déi emol an der Vergaangenheet och hei an dësem Haus gezechent gi sinn. Bei héijen Investissementer ass eng Statsschold, déi liicht wiisst, méi wéi verträaglech, beweist, dass mer nach Margen och déi nächst Joren hunn.

Dës Budget ass net nëmme konform zu dem Regierungsprogramm, wat d'Regierung sech als Zilsetzung fir d'Finanzpolitik ginn huet, mä dës Budget ass och konform zu sämtlechen europäesche Regeln, ëm déi et geet. Ob dat elo am Pacte de stabilité et de croissance ass, ob dat am Sixpack oder am Twopack ass, all déi Regeln, déi mer an d'nationaalt Gesetz jo och iwwerholl hunn, si respektéiert, a beson-nesch och si mer an der Linn, dat ass jo och bestätegt gi vun der Instanz vum Conseil nation-al des finances publiques, dass mer dee ver-schäerfte Kritär vu plus 0,5 % vum PIB-Iwwer-schoss, wat de Gesamtstat ugeet, iwwert déi ganz Period, also 2019 bis 2022, géife respek-téieren. A souguer wann een dee méi strengen OMT iwwerholl hätt, deen ee Moment de Conseil national des finances publiques propo-séiert hat, fir dat bei plus 0,75 % ze maachen, wär een nach ëmmer, no deene Prognosen, déi elo virleien, konform zu deem Ganzen. Also do, mengen ech, soll een och net den Däiwel un d'Wand molen.

Déi Fro, déi mat Recht opgestallt gëtt, dat ass déi: Wéi kredibel sinn déi Budgetsprognosen a Wirtschaftsprognosen, déi d'Basis duerstellen net nëmme vum Budgetsprojert 2019, mä och vun der Programmation fir déi Joren hannen-dru bis 2022 respektiv am Pacte de stabilité jo och bis 2023?

Do si mer eis, mengen ech, alleguerten eens, a) dass d'Regierung kaum eppes aneres konnt maachen, wéi dem Statec seng lescht Zuelen iwwerhuelen. De Statec ass derfir do, fir déi Be-rechnungen ze maachen. An de Comité de prévision huet déi jo och da guttgehescht, an d'Regierung huet déi als Grondlag fir déi Be-rechnungen, déi dann och hei der Chamber an der Kommissioun zu Bréissel virgeluecht ginn, dann och weider iwwerholl.

Déi sinn optimistesches, do si mer eis eens, sinn optimistesches, zemools wann ee gesäit, dass méi rezent Avice vun internationalen Institu-tiounen éischter drop hiweisen, dass et schéngt international wirtschaftlech 2019, besonnesch 2020 manner gutt ze goen, wéi dat nach viru e puer Méint gemengt war. An ech gesinn, och d'Regierung ass an hiren Ausféierungen an deem Sënn méi virsiichteg. Et ass off gesot ginn, wéi de Wirtschaftsminister nach de Moien hei gesot huet: an der Moyenne plus 3 % iwwert déi nächst Joren. Wann ech d'Zuelen elo kucke vum Statec, leie mer do e bëssen iwwer 3 % an der Moyenne. Mä et bleift also, dass do eng Inconnue besteet, be-sonnesch wat 2020 an 2021 ugeet, wou et vläicht nach zu Rectificatiounen no ënne kënn-t.

Déi Budgetsprognose sinn awer onheemlech wichteg, wat de Wirtschaftswuesstum ugeet, well sech aus deem dote Kritär vun dem Wirt-schaftswuesstum och all déi aner Kritären oflee-den, op deenen eigentlech de Pluriannual





opgebaut ass fir déi nächst Joren. Et ass ëmmer de PIB, deen d'Grondlag duerstellt fir all déi aner Berechnungen, déi duerghefouert ginn op der Einnamesäit wéi och op der Depensesäit. An et ass also wichteg, dass mer do mat der méiglechst Genauegkeet fueren.

A mir mussen do nach en Effort gemeinsam maachen, d'Regierungsstelle mat der Chamber, mat all deenen Instituter, déi do awierken, fir déi Berechnungen ze maachen, ob mer do net methodologesch nach Verbesserungë kënnen maachen, fir déi Variatiounen, déi awer relativ grouss kënnen sinn, besser nach an de Grëff ze kréien, fir esou no wéi méiglech un der Realitéit ze leien, obwuel och d'Cour des comptes an aner ëmmer drop hiweisen, dass et immens schwéier ass an enger klenger, oppener Wirtschaft wéi Lëtzebuerg, fir do iwwer e puer Joer fiabel Prognosen ze maachen. Nach mussen mer wëssen, dass mer hei also ëmmer nach eng relativ staark Inconnue an eiser pluriannueller Finanzplanung behalen, mä am Detail si vläicht nach Verbesserungë méiglech. Do soll een d'Käpp nach eng kéier alleguerten zesummeschiechen.

Ech mengen, dat bescht Beispill ass 2018, wou mer vun engem geschaten negative Saldo vun 889,6 Milliounen elo sollen op engem positive Saldo vun 121 Milliounen erauskommen. Dat ass eng Differenz vun enger Milliard! Dat ass awer enorm, wann een dat um Gesamtvolum vum Statsbudget kuckt. Do gesäit een also, wéi schnell sech kënnen Saachen änneren an déi eng Richtung, mä dat kann natierlech och eng kéier an déi aner Richtung goen. Risikoe si selbstverständlech do. Do dāerf een d'Aen net virdrun zoumaachen.

Zousätzlech Konfusioun an den Zuelen - dat mécht och, mengen ech, déi ëffentlech Debatt relativ schwéier, wa mer ëmmer mat den Zuele ronderëm eis geheien an dobaussen d'Leit, déi eis nolauschten, da solle verstoen, wat deen een an deenen gemengt huet - kënn doduerjer, dass och d'Kontabilitéitsnormen, déi national an déi europäesch, verschidde sinn. An duerfir ass et nëmme ze begrëssen, ech wëll et hei ausdrécklech ervirhiewen, dass de Finanzminister dat wouergemaach huet, wat en eigentlech der Chamber versprach hat a bei dësem Budget erstmalig probéiert ginn ass, fir déi zwou Budgetsnormen, déi europäesch Kontabilitéitsnormen, déi europäesch an déi national, méi nobäi erunzeféieren, fir dass d'Chiffere méi komparabel sinn, obwuel nach ëmmer Differenze bliwen, wéi dat an der Vergaangenheet de Fall war.

D'Differenz kënn haaptsächlech doduerjer, dass de Perimeter vum Zentralstat europäesch méi breet definéiert gëtt, wéi mir dat hei zu Lëtzebuerg maachen. Dorunner kënnen mer näischt änneren. Mä et ass awer elo méi einfach, an deenen nächste Joren e Verglach ze maachen, wa mer déi Budgetsnorme méi no beienegefuert hunn.

Dann, deen zweete Problem ass eben d'Adaptatioun vun de Basisdonnéeën am Laf vum Joer. Do hate mer elo déi glécklech Situatioun, duerch den Datum vun de Wahlen ass dat entstanen, dass mer dëst Joer eigentlech d'Diskussioun ronderëm de Pluriannuel an de Pacte de stabilité et de croissance, also déi järelech Aktualiséierung vun deem Programm, dass mer déi elo gemeinsam kënnen féieren, dass d'Regierung och d'Decision geholl huet, fir dëselwecht Zuele bäizebehalen an der Programmation pluriannuelle wéi déi Zuelen, déi mer an der Aktualiséierung vun eise Programm de stabilité et de croissance dann op Brëssel wäerten an e puer Deeg schécken.

Do hu mer ëmmer Problemer gehat! An ech géif wierklech hei am Numm vun eiser Fraktioun bidden, dass mer dee Rhythmus vläicht géife bäibehalen, dass mer elo an déi Situatioun géifen erakommen, dass mer am Mäerz, Abrëll géifen de PSC an de Pluriannuel diskutéieren, an dass da wéi üblich am Oktober den Depot vum Budget wär, am Dezember géife mer de Budget vun nächste Joer stëmmen, well déi Konfusioun, déi andauernd mat Date besteet, well mer e Pluriannuel stëmmen am Dezember, wou mer op eemol am Abrëll ganz aner Zuele kréien, dat ass net zefriddestellend.

An ech mengen och, dass een duerchaus kann déi Presentatioun vum Pluriannuel vereinfachen. Dat muss net Kredit fir Kredit gemaach ginn. Dat kann ee mat grousser Bléck maachen, e bësse wéi et och am PSC ze Fall ass. Dat géif, mengen ech, eis an der Diskussioun et vereinfachen, wa mer dann zäitlech kënnen Budget a Pluriannuel trennen an een de PSC mam Pluriannuel zesumme géif diskutéieren, da wär dat Ganzt méi iwwersichtlech.

Am Prinzip, mengen ech, ware mer eis schonn eens op deem dote Punkt. Zumindest ee Joer mussen mer et maachen! Ee Joer mussen mer deen dote Sprong maachen. A vläicht ass de Moment komm, fir dat elo ze maachen.

Interessant, wéi ëmmer, sinn déi sëllegen Avisen, déi vun de Chambres professionnelles oder vun aneren Institutiounen hei beim Budget koumen, wou mer eis, mengen ech, net genuch domadder beschäftegen. Ech soen dat ganz kloer. Déi wäere schonn derwäert, dass mer déi eng kéier géifen och an der, wéi dat emol an der Vergaangenheet war - et war net alles schlecht, wat an der Vergaangenheet war -, Finanzkommissioun, quitte dass et Zäit kascht, duerghegoen, well awer do ëmmer nei Elementer analyséiert gi sinn, déi eis awer och an der Diskussioun géife weiderbréngen a weiderhëlfen. An dat ass och dës kéier net anescht.

An do ass zum Beispill vun der Cour des comptes, dat ass ee vun deenen, dee virgestallt ginn ass, dës kéier eng Analys gemaach gi vum Impakt vum Finanzsektor op d'Steiereinnamen beim Stat. An dat ass jo d'Bestätegung vun deem, wat ee schonn e bësse wosst, mä wat awer, mengen ech, nach an engem méi dramatesche Mooss bäikomm ass. Dat ass déi Tendenz no uewen, déi weist, dass mer eng ganz staark Ofhängegkeet vum Finanzsektor hu bei gewëssene ganz grousser Betriebssteieren, déi beim Stat erakommen.

4,8 Milliarden Euro vun de Steiere kommen aus dem Finanzsektor. An dovunner kommen der 1,7 Milliarde vun de SOPARFlen. D'SOPARFlen, vun deene mer wëssen, dass déi och an den Opbau vu Modeller vu Gestion de fortune mat implizéiert sinn, also alles dat, wat jo och beobachtet gëtt, wat sech do deet. A mer mussen wëssen, dass mer do an enger gewëssener Ofhängegkeet si vun engem Sektor, wou een net weess, wéi déi Entwécklung iwwert déi nächst Jore verleef.

Et bleift also d'Bestätegung, dass mer weider d'Efforte mussen intensivéieren, fir eis wirtschaftlech nach méi breet opzestellen, fir nei Kompetenzen opzemaachen, nei Domänen opzemaachen, déi och Aktivitéiten hei op Lëtzebuerg bréngen, déi net direkt verbonne si mam Finanzsektor, wéi och dass de Finanzsektor selbstverständlech am Embroch ass an dass dat, mengen ech, och an engem positive Sënn begleet ginn ass an deene leschte Joren. An d'Regierung huet wëllen, dat och an deenen nächste Joren ze maachen. Deen Embau vun eise Finanzsektor, fir en och haaptsächlech méi nohalteg auszerichten, wäert weidergefuert ginn.

Ech wëll awer och, well mer gläichzäiteg eng Debatt hei solle féieren, déi ass elo e bëssen a Bedrängnis geroden duerch deen Zäitplang vun dësem Joer, iwwert de Pacte de stabilité et de croissance wéi och iwwert den nationale Reformplang am Kader vun der Strategie vun 2020, e Wuert soen iwwert déi eenzel aner Secteuren, déi bei den ëffentlechen Finanzen mat spillen, well dat eent gräift jo an dat anert eran. Et kann een, denken ech, eng Budgetdiskussioun zu Lëtzebuerg net féieren, ouni och e Bléck op de Gemengesektor an op den Domän vun der Sécurité sociale ze werfen, déi déi zwee aner Elementer si vun dem ëffentlechen Budget a vun den ëffentlechen Finanzen.

Wa mer also en Defizit opweisen am Zentralstat, fir d'nächst Joer gëtt en op 650 Milliounen geschat, gëtt dat awer largement kompenséiert fir 2019 mat engem Iwwerschoss am Gemengesektor, deen op 300 Milliounen geschat gëtt, respektiv engem Iwwerschoss bei der Sécurité sociale, dee bei ronn enger Milliard läit an dee sech während der ganzer Period vun 2019 bis 2023 och soll an engem Creneau tëschent 1 Milliard an 1,15 Milliarden Euro bewegen. Dat si keng nei Tendenzen. Dat ass eng Fortschreiwung vun engem Opbau vun den ëffentlechen Finanzen an dem Budget, wéi mer en hei zu Lëtzebuerg zënter 15 Joer praktesch kennen.

Dat Ganzt ass natierlech opgebaut op en dynamesche Wirtschaftswuesstum, op e Wuesstum vun der Beschäftegung, op Steiereinnamen, déi regelméissig wuessen. A well dat momentan esou leeft, profitéieren natierlech och déi aner Secteuren vun där doter Entwécklung. Dat huet net nëmme en Impakt op d'Statsfinanzen, dat huet och en Impakt op déi aner Beräicher.

Dat gëllt besonnesch natierlech och fir d'Gemengen, déi jo hir Haaptrevenue eigentlech net aus eegenen Einnahmen zéien, mä déi traditionell zu Lëtzebuerg, dat ass eng Differenz zu villen anere Länner, de gréissten Deel vun hiren Einnahmen eigentlech aus der Gewerbesteier respektiv engem Undeel un anere Statssteieren zéien. Statssteieren, déi och eng dynamesch Entwécklung besonnesch déi lescht Jore kann hunn, soudass ee ka soen, dass et dem Gemengesektor hei zu Lëtzebuerg gutt geet.

Et huet een och weening Kloten héieren a leschter Zäit, an dat heescht meeschtens, dass et gutt geet. Well wann d'Einnahmen eropginn, dann héiert ee kaum Kommentaren dobaussen. Et ass awer wichteg, dat och ze soen, well dat och keng normal Situatioun ass. A ville Länner,

de meeschte Länner geet et de Gemenge schlecht. An do geet et an der Regel de Gemenge souguer méi schlecht wéi et de federaale Strukturen, den nationale Strukture geet. Lëtzebuerg ass do am gudde Sënn eng Ausnamessituatioun.

An zu deem huet sécherlech och d'Gemengefinanzreform vun 2017 mat bäigedroen, déi positiv gespillt huet, wou déi grouss Majoritéit, ronn dräi Véierel Notznéisser si vun där doter Reform. Et ass jo och eng Emverdeelung geschitt am Kader vum Gemengesektor. Virun allem awer gesäit een, dass déi Leit, wou déi Sécherheetsgarantie muss spillen, fir d'Einnahmen op dem Niveau vun 2016 ze halen, déi Gemengen, dass dat praktesch just eng Handvoll sinn an dass dat insgesamt 1,5 bis 2 Milliounen Euro ausmécht (veuillez lire: Virun allem awer gesäit een, dass et praktesch just eng Handvoll Gemenge sinn, wou déi Sécherheetsgarantie muss spillen, fir d'Einnahmen op dem Niveau vun 2016 ze halen, an dass dat insgesamt 1,5 bis 2 Milliounen Euro ausmécht), déi d'Regierung fir déi doten Zwecker elo prognostizéiert huet fir 2018 an 2019.

Eng Analys, déi gemaach ginn ass, huet gewisen, dass et duerch déi Steuerreform och esou ass, dass insgesamt fir de ganze Gemengesektor 75 Milliounen Euro méi un d'Gemenge gefloss sinn, dat schonn an enger Situatioun, déi esou schlecht och an der Vergaangenheet net war.

Ech wëll awer och eng kéier déi Zuelen hei ervirruffen, déi sech erginn aus de Statsdotatiounen fir d'Gemengen iwwert den neie Fong, wou jo och dann d'Gewerbesteier mat dran ass. An do louchen d'Gemengen 2016 bei 1,59 Milliarden, déi se vum Stat kritt hunn, a fir 2019 gëtt geschat, dass dat 2,05 Milliarde sinn, äänlech wéi 2018 mat 2,04 Milliarden.

Wann ech elo d'Entwécklung kucke vun 2016 bis 2019, also an dräi Joer, ass dat e Plus vu 25,7 % fir de Gemengesektor. Dat ass an der Moyenne een Uwues vum 8,5 % pro Joer. A fir déi nächst Jore geet d'Regierung an hire Schätzungen dovunner aus, dass de Fong nach géif ëm eppes méi wéi 6 % pro Joer vun 2020 bis 2022 an d'Luucht goen.

Derbäi kommen, an dat ass interessant, och wann ech do den Detail net hunn, och déi indirekt Investissementer, déi sech jo am Investissementsbudget vum Stat erëmispigelen, wou et bei den indirekten Investissementer oft d'Bedeelegung vum Stat u Gemengeprojeten ass, ob dat elo Kläranlage sinn, ob dat Sportsterraine sinn, ob dat am Schoulberäich ass oder an anere Beräicher, och am Logement. Do gëtt de Stat méi oder manner Sue bäi an och déi Zuele bewege sech staark no uewen. Wann ech dat iwwer eng länger Period vergläichen, da kommen also nach Honnerte Milliounen mat derbäi, déi iwwert de Statsbudget un d'Gemenge fléissen an deenen nächste Joren, och ëmmer erëm Tendenz steigend.

Fir eis als Sozialisten ass dat immens wichtig, dass déi lokal, déi regional Kierperschafte gestäipt ginn, dass si, déi nach méi schnell a méi direkt wéi de Stat kënnen awierken, wann et drëm geet, eng Rei vun Dénsgschtleeschungen ze leeschte fir d'Bierger, och Hëllefstellunge kréien.

An et ass och immens wichtig, dass doduerjer, well déi Capacitéiten do sinn, d'Gemengen och nach méi staark hir Verantwortung kënnen iwwerhuelen a ganz wichtege Beräicher, ob dat elo de soziale Wunnungsbau ass, ob dat den Ëmweltberäich ass, ob dat aner Domäne sinn. Do kënnen d'Gemenge mat deem, wat se hei vu Mëttele hunn, och weiderhin eng aktiv Politik maachen.

Ech ginn net midd, et ze widderhuelen: Mir kënnen der Logementsproblematik nëmme an iergendenger Form bäikommen, wann eng staark Konzertatioun besteet tëschent Gemengeninitiativen a Statsinitiativen, wou natierlech de Stat d'Gemenge muss begleeden an deem doten Effort an och berodend wirken, well besonnesch déi kleng Gemengen net onbedéngt deen Know-how hunn, fir gréisser Projekte kënnen ze maachen. Dat bleift also eng Viraussetzung. An d'Margen, déi finanziell Margé sinn do, fir do kënnen aktiv ze ginn.

Dat drëtt Element nieft dem Stat an de Gemengen ass d'Sécurité sociale, wa mer elo de Gesamtstat kucken a säi Budget. An och do weist 2019 e positivt Bild, an dat praktesch a sämtleche Beräicher, natierlech am Beräich vun der Pensionskeess mat, ech hunn et gesot, engem Iwwerschoss, deen op ronn eng Milliard geschat gëtt. Och haut ass et esou, dass den theoreteschen Taux vum finanziellen Equiliber bei 21,7 % läit, awer d'Cotisationsbeim 24 % leien, soudass also do nach ëmmer Reserve gebilt ginn, déi mer selbstverständlech och eng kéier wäerte brauchen.

Vun der Assurance dépendance gëtt gesot, dass se een Iwwerschoss vun 19 Milliounen hätt, a

vun der Assurance maladie, dass se een Iwwerschoss vu 16 Milliounen hätt. Et ass just d'Assurance accident, déi doduerjer, dass och d'Cotisationserofgesat ginn, elo an engem Minus ass vu minus 16 Milliounen. Mä och do sinn d'Reserven awer däitlech méi héich, wéi d'Gesetz eigentlech virschreift, dass déi Reserve misste sinn.

D'Transfere vum Statsbudget an d'Sécurité sociale sinn och konsistent, 3,47 Milliarden, e Plus vu 6,5 % par rapport zum Budget 2018. Dat seet ganz kloer, dass eise Sozialversicherungssystem zu engem gudden Deel och fiskaliséiert ass, zu engem gudden Deel also iwwert de Statsbudget, also iwwer Steiereinnamen bezuelt gëtt an zu engem aneren Deel iwwer Cotisationsbeim bezuelt gëtt.

Dat hāntk vun den eenzelnen Domänen of. Bei dem Pensionsregime ass et een Drëttel, deen de Stat bäileet an de Kuerf. Bei der Krankenversicherung sinn et souguer 40 % vun de Cotisations, déi e bäileet, a bei der Dependence sinn et 40 % vun de Gesamtausgaben, déi de Stat iwwerhëlt.

Also och do iwwerhëlt de Stat seng Responsabilitéit, wann et drëm geet, derfir ze suergen, dass mer en héije Sozialsystem hei hunn. An déi Politik gëtt hei weidergeschriwwen vun dëser Koalitioun iwwert déi ganz Period, wou et sech och erausschleift, dass no deene Projektionen hei eigentlech och ouni gréisser Reforme fir déi nächst Joren de Gesamtequilibrium méi wéi garantéiert ass an deenen eenzele Beräicher. An dat schéngt mer immens wichtig ze sinn, dass een och gesäit, dass déi Reformen, déi awer iwwert déi lescht zéng Joer gemaach gi sinn, och gräifen an dass mer d'Chance hunn, hei e Sozialversicherungssystem ze hunn, dee gënschteg bleift an deene deene Leit héichwäerteg Leeschtunge kann offréieren, déi dorënnerfale.

Zréck vläicht zum Statsbudget am enke Sënn. An och do mengen ech, sinn nieft deem Transfer, deen iwwert de Statsbudget an d'Sozialkeese geschitt, an dësem Budget eng Rëtsch vu ganz staarken Moosnamen dran, déi e soziale Charakter hunn an déi zu engem groussen Deel och deen Iwwerschoss vun Ausgabe fir 2019 erklären.

Net zu Onrecht huet de Finanzminister bei der Virstellung vum Budget op de Budget vun der sozialer Kohäsion a vun der Gerechtegkeet higewise fir 2019 a gläichzäiteg natierlech och vun der Noutwendegkeet vum Erhale vun der Kompetitivitéit vun der Wirtschaft a vun der Nohaltegkeet geschwat.

An ech wonnere mech ëmmer erëm, wann da Kritik geäussert gi wéi och nach de Moie vun der CSV-Spreecherin, fir ze soen, dat wär dann e Foudre-tout, dat wär e Sammelsurium vun Iddien, fir jiddwereen eppes. Déi eng schwätze vun der Politik mat der Strenz, déi aner schwätze souguer vu Kaddoen. Ech hoffen, dass se net d'Erhéijung vum Mindestloun als Kaddo bezeichnen. Mä ech hat gemengt, dass ee schounenden Ëmgang mat natierlechen Ressourcen, dass eng verantwortlech Wirtschaftspolitik, dass dat eben zesumme mat dem Erhalt vun der sozialer Kohäsion grad déi dräi Eckpfeilere wäeren, mat deenen zënter dem Brundtland-Rapport eigentlech d'Nohaltegkeet definéiert ginn ass.

Déi dräi Elementer do, dat sinn déi dräi Piliere vun der Notioun vun der Nohaltegkeet, wéi se viru Jorzéngten definéiert ginn ass an déi sech selbstverständlech an dësem Budget erëmispigelt - anescht kéint et jo net sinn - an eenzelne Moosnamen, eng op déi aner ofgestëmmt.

An dat ass déi Politik, déi mer konsequent och mussen weiderféieren an deenen nächste Joren. De sozialen Zesummenhalt vun eiser Gesellschaft ofsécheren, en Ausenanerbriche vun der Gesellschaft verhënnern tëschent Aarm a Räich, tëschent Stad a Land, tëschent Lëtzeburger an Netlëtzeburger. D'Gerechtegkeetsfro gehéiert an den Zentrum vun den Iwwerleeungen.

Dat huet dës Koalitioun, huet dës Regierung grad besonnesch mat deem éischte Budget ganz kloer gewisen, dass se och de Budget als Instrument gesäit, fir sozial Gerechtegkeet ze fërderen an den Zesummenhalt vun der Gesellschaft ze stäipen. Well an anere Länner, och an eisen Nopeschlänner, gesäit een, wéi schnell, wann een déi dote Fro vernoléisseg vum sozialen Zesummenhalt, alles kann zesummebrichen an een an eng Spiral erakënn vun Turbulenzen, vun Onrouen, vum wirtschaftlechen Ofgang, wou een net méi weess, wéi ee schlussendlech draus erauskënn.

Et ass och fir eis immens wichtig, dass hei och eng Bekenntnis an dësem Statsbudget 2019





dran ass fir e staarke Sozialstat, en handlungsfäegen, finanzkräftege Stat, dee ka lenken, dee kann awierken, deen net einfach seet: „Dat, wat sech esou an der Wirtschaft mécht, dat wäert scho gutt fir jiddweree sinn“, mä dee Korrekturen usetzt. An dat musse mer weider ganz kloer am A behalen.

Jo, wa mer all eise Kanner Chancëgerechtegkeet wëlle garantéieren, da muss net manner, mä da muss weider méi nach an d'Schoulen, an d'Formation, an d'Uni investéiert ginn, well mer dat brauchen, fir Kompetenzen ze vermëttelen, déi an Zukunft gebraucht ginn, a fir och d'Méisprouchegkeet ze fërderen, e weideren Atout vu Lëtzebuerg.

A wa mer eis Welt, d'Liewensgrundlage wëllen erhalen, wa mer jiddwerengem eng uerdentlech Liewensqualitéit wëlle sichen, da musse mer selbstverständlech nach méi maachen am Beräich vum Proppehale vun der Loft, Waasser a Buedem, awer net nëmme reparativ wierken, mä och eng präventiv Ëmweltpolitik maachen. Och do sinn éischt Elementer an deem heite Budget mat dran.

## (M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)

Duerfir kann ech net verstoen, dass Leit Gefallen heira fannen a mengen, an där doter Situation, wou mer sinn, mat deenen enormen Defien, déi mer am soziale Beräich, am Ëmweltberäich hunn, kéint ee mam Spuerstéit hei duerch d'Kreditter vum Budget lafen, vu Kad-doe schwätzen, a mengen, et kéint een d'Einnamen och vum Stat erofsetzen.

Neen, de Stat brauch, fir déi dote Politik am allgemengen Interêt ze maachen, och an Zukunft déi néideg Finanzmëttelen, fir dat kënnen ze maachen, a muss och de Courage hunn, déi néideg Prioritéiten ze setzen. Eng konservativ Politik, déi keng positiv Perspektiven opweist, déi wäert Lëtzebuerg net weiderbréngen. Duerfir däerfe mer op kee Fall Sozialdefizitter entstoe loossen, mir däerfen op kee Fall Investitionsdefizitter entstoe loossen.

A loose mer och weider de Courage behalen, och wann dat vläicht nëmme usazweis bis elo gemaach ginn ass an net einfach wäert ginn, déi ökologesch a sozial Transition hinze kréien, déi mer brauchen, d'Adaptation vum eise Wirtschaftsa- a Gesellschaftsmodell hei zu Lëtzebuerg ëmze krämpelen iwwert déi nächst Joren a méi nohaltig auszerichten.

An de Rifkin-Prozess war en exzellenten Usaz, fir déi Aarbecht do ze maachen. D'Iddi vun der Kreeslafwirtschaft muss progressiv ëmgasat ginn. An den Embau vum Finanzsektor, deen amgaangen ass, och no ökologeschen an ethesche Kritären, ass ee wichtige Punkt an där ganzer Strategie.

Dës Budget ass sécherlech kee perfekte Entworf, mä et ass awer de Versuch, Deelantworten op déi doten Defien ze ginn. A mir däerfe bei Begrëff wéi Reflexiounsarbecht a Planungsarbecht net fäerten. Mir musse plange fir d'Zukunft. Mir hunn d'Chance, e klengt Land ze sinn, d'Gréisst vun enger grousser Stad am Ausland. Mir kënnen also op Landesniveau praktesch eng stättesch Planung maachen, wann ech dat däerf esou soen. Loose mer déi Outilen, déi mer hunn, och gebrauchen, fir déi Planung iwwert déi nächst Joren ze maachen! D'Plan-sectorielle sinn e wichtegt Element an deem Ganzen. Nach musse mer och de Courage hunn, se dann och richtig an deenen nächste Joren ëmzesetzen.

Een interessanten Deelaspekt hunn ech fonnt am Avis vun der Zentralbank, deen och wéi all Joers ganz interessant ass, deen och eng Keier gekuckt huet: Ma wéi effizient sinn eis Sozialleeschungen? An deem zum Schluss komm ass, dass de System fonctionnéiert, deen zum Schluss komm ass, dass, wann een kuckt, wat d'Leit vu Geldleeschungen, mat deen Einzelne vu Geldleeschungen a vun Naturleeschungen am soziale Beräich kritt, dat méi ass wéi dat, wat e vu Cotisation a vu Steiere bezuelt.

Dat heescht, et ass also eng Ëmverdeelung, déi sech op deem dote Punkt mécht. A mir müssen an Zukunft also och de Courage hunn, nach aner Politicken ënnert d'Lupp ze huelen, systematesch eng Evaluéierung ze maache vun eenzelne Moossnamen, déi mer geholl hunn, vun eenzelne Politicken, déi mer geholl hunn. An ech ka mer virstellen, dass d'Chamber sech do als Parlament och den Know-how sollt ginn, fir kënnen esou Aarbechten duerchezéien. Ech verstinn, dass schlussendlech déi Iddi vun engem Budget par objectif fale gelooss ginn ass. Mä si muss awer ersat ginn duerch eppes aneres.

Ech denken, eng punktuell awer systematesch Evaluéierung duerch eng onofhängeg Stell vun eenzelne Moossnamen, vun eenzelne Politicken ass wichteg, fir vläicht och aus dem Hamster-rad vun de Moossnamen erauszekommen, an deem mer sécherlech gemeinsam oft gefaange sinn.

Mir hunn eis als LSAP staarkgemaach fir eng Besserstellung vun de Leit mat de kleng Paien iwwer divers Moossnamen. Virun allem awer och duerch den neie Steierkredit fir d'Bezéier vum einfache Mindestloun a vum qualifizéierte Mindestloun gëtt dat hei méiglech gemaach. Dat sinn der iwwer 62.000.

Iwwer 62.000 Leit, en majorité Resident si Bezéier vu kleng Paien hei zu Lëtzebuerg. An deene gëtt iwwert dee Crédit d'impôt vu 70 Euro hei gehollef. Dat gëllt net nëmme fir d'Steierklass 1, mä dat zitt sech och a sämtlech Steuerklassen, d'1A an d'2 eriwuer.

Dat ass och kee Muttwëll, wann een effektiv déi lescht Erhiewunge kuckt, wat d'Situation vun dem Grupp vun den Elengerezéier hei zu Lëtzebuerg ugeet, déi nach wie vor engem ganz staarken Aarmutsrisiko ausgesat sinn, trotz enger ganzer Rëtsch vu Moossnamen, déi iwwert déi lescht Jore geholl gi sinn, fir hir Situation ze verbesseren.

Dee Schantjen ass net zou, dee Schantje bleift weider op. De Käschtepunkt vun deem Crédit d'impôt fir d'Mindestlounbezéier läit bei 60 Milliounen Euro. Ech mengen, dat si se eis sécherlech wäert. An et wäert jo och den 1. Januar 2021 an den 1. Januar 2023 nach zu weideren Ajustementen vum Mindestloun kommen, déi des Keier dann och struktureller Natur sinn.

D'Chargé fir d'Betriber ginn, wat de Mindestloun ugeet, zum Deel ofgefiedert duerch eng Rei vu Steiermesuren, déi an deem heiten Text dra sinn. Als Sozialiste soe mer ganz kloer: Mir sinn net der Meenung, dass ee soll insgesamt d'Steierlaascht vun de Betriber erofsetzen, wat awer net verhënnert, dass ee sech punktuell, fir gewëssen Aktivitéiten ze fërderen a gewësse Situatione méi gerecht ze maachen, Steiererliichterunge ka virstellen. Mir sollten do awer virsiichteg virgoen, och well mer ebe grad gesot hunn, dass mer och net kënnen op Steiereinnahme verzichten hei zu Lëtzebuerg. Wa mer all déi ambitiéis Ziler, déi mer eis an der Sozialpolitik an der Ëmweltpolitik gesat hunn, wëllen ëmsetzen, da brauche mer och Geld, fir dat ze maachen.

Den TVA-Saz vun 3 % op Hygiënesartikelen, Binden, elektronesch Bicher, Presse en ligne sinn alles och Punkten, déi bei eis an dem Wahlprogramm stoungen an déi hei ëmgasat ginn. An dat ass wichteg esou.

Iwwert de Succès vum Congé parental kënnen mer eis nëmme gemeinsam freeën, well mer och der Meenung sinn, wann ee wëllt hunn, dass et zu enger reeller Gläichberechtigung vu Mann a Fra kënn, dass d'Frae besonnesch professionell op eegene Bee kënnen stoen a fir hir eege Versécherung kënnen stoen, dann ass et wichteg, dass mer bei esou Methode wéi dem Congé parental, wou et drëm geet, fir Beruff a Famill kënnen ze vereinbaren, de Leit entgéintkommen. Dat war e grouss Succès, och wann do nach déi eng oder aner Adaptation an Zukunft wäert kommen. Och dat ass virgesinn.

Den Ëmweltberäich ass scho genannt ginn. Déi staark Akzenter bei den Investisementer wäerten iwwert déi ganz Period vu 455 op 710 Milliounen Euro am Joer eropgoen. 20 % vun den Investisementer sinn am Energie- an Ëmweltberäich. E wichtige Moment ass dee Klimaplang, dee mer elo 2019 wäerten ausschaffen. Dee gëtt politesch sensibel, dat wësse mer allegueren. Mä ech denken, dass mer do, nodeem mer de Mond gespëtz hunn, och musse pafen an eis do déi richtig, konkret Moossname ginn, fir virunzekommen.

Ech kommen zum leschten Deel vu mengen Ausféierungen, wou ech wëll dem André Bauler hei vu menger Sait an dem Numm vu menger Fraktion en décke Merci soen. En huet et an enger Rekordzäit - et ass de Budgetrapport, bei deem een et ëmmer am engsten huet, dat si praktesch nëmme sechs Wochen, déi een zur Verfügung huet - fäerdegbruecht, mengen ech, e ganz flotten, kompletten, liesenswäerten an interessante Rapport hei ze maachen.

An en huet sech och, mengen ech, dat ass him unzerrechnen, wéi anere Rapporturen och virun him, en Thema erausgesicht, deem en eng besonnesch Importenz wollt ginn an deem heite Rapport. Dat ass d'Fro vun der Digitaliséierung vun der Wirtschaft, vun der Gesellschaft.

Dat ass en Thema, wat eis an den nächste Joren nach intensivst wäert musse beschäftegen. Ech sinn him och dankbar, dass en den Akzent net ausschliesslech op déi reng wirtschaftlech Aspekter geluecht huet, déi domadder zesummenhängen, well dat ass eppes,

wourop ech och besonnesch wollt am Numm vun eiser Fraktion hiweisen, dass et e Prozess ass, deen och d'Fro stellt, ob mer zum Primat vun der Politik erëmfannen oder ob et schlussendlech d'Wirtschaft wäert sinn, déi d'Norme wäert diktéieren, déi an enger digitaliséierter Welt wäerte gëllen.

Et ass wichteg, dass e Kader gesat gëtt, deen dem allgemengen Interêt entsprécht, e juristesche Kader souwuel national, virun allem muss dat natierlech awer an deem heite Beräich och international geschéien. Dat ass jo och, mengen ech, eng vun den Erausforderungen, déi och op d'Europäesch Union an deenen nächste Jore wäerten zoukommen, fir eben deen normativen an ethesche Kader do festzeleeën am allgemengen Interêt.

Et geet awer net nëmme dorëm. Et geet net nëmme drëm, fir technesch Infrastrukturen op d'Been ze stellen, fir Software ze entwéckelen. Et geet net nëmme drëm, fir d'Kompetenzen ze vermëttelen. Et geet och ëm nei Regeln am Aarbechtsrecht, ëm nei Regeln am Steierrecht, am Dateschutz, international wéi och national. Dat sinn also enorm Adaptationen, déi wäerte gemaach musse ginn, fir kënnen ze hëllefen, déi ganz Entwécklung do ze steieren.

Virun allem, mengen ech, wëll ech drop hiweisen, dass déi Digitaliséierung net kann e Selbstzweck sinn, dass et net nëmme kann drëm goen, fir iergendee Wirtschaftszweig weiderzuentwéckelen. Et geet drëm, dass déi grouss Mass vun de Leit profitéiert vun där doter Entwécklung, dass déi Digitaliséierung, déi Robotiséierung hiren Alldag vereinfacht, hinnen eppes Konkretes bréngt am Alldag. An et ass déi Zilsetzung, mengen ech, déi mer am A mussen hunn.

An do muss ee ganz, jo, ängstlech ginn, wann een awer gewëssen Entwécklungen a leschter Zäit kuckt, déi gemooss gi sinn, wat zum Beispill d'Entwécklung vum Salariat ugeet, wou Etüde weisen, dass an deene leschte Jore sécherlech d'Zuel vun de Leit mat héijer Qualifikation staark an d'Luucht gaangen ass, d'Zuel vu Leit mat klenger Qualifikation och an d'Luucht gaangen ass an d'Zuel vun de Leit mat mëttlerer Qualifikation praktesch däitlech erofgaangen ass.

Et huet een also eng Zweedeelung vum Salariat, déi amgaangen ass, sech hei ze maachen. An esou Entwécklungen am Kader vun der Plattformökonomie wéi déi Nullstonnekontrakter, wéi se a Groussbritannien üblech sinn a wou praktesch eng Millioun Leit esou Kontrakter hunn, also praktesch Aarbechten op Nofro maachen, déi a kengem richtige Salariatsverhältnis eigentlech stinn, dat muss engem Angscht maachen. Zemoos wann elo och schonn d'EU festgestallt huet, dass eng vu véier Aarbechtsplazen an Europa engem sougenannten atypeschen Aarbechtsverhältnis entsprécht, also just nach Contrat à durée déterminée respektiv Deelzäitaarbecht respektiv aner nach méi prekär Forme vun Aarbecht. Et ass also do eng immens Erausforderung, déi op eis duerkënn.

Ech wollt nach op aner Punkten ze schwätze kommen, ech gesinn awer, meng Riedezäit leeft hei weider. Et wär och derwäert, eng Keier op de Plan national de réforme ze schwätzen ze kommen, well mir si jo elo no bei 2020, dat heescht, d'nächst Joer ass spëitstens de Moment vum Bilan komm.

An do gesäit een, dass mer bei eenzelnen Zilsetzung gutt virukommen: Beschäftigungsquot, Energieeffizienz, Réckgang vun der Aarbechtslosegkeet, dat si positiv Punkten. Mir gesinn awer och, dass mer bei Recherche et développement, net bei der öffentlecher Recherche et développement, mä bei der privater Recherche et développement wäit ewech si vun deenen Zilsetzungen, déi mer haten. Et gesäit een och, dass mer eisen Undeel vun erneierbaren Energien nach net esou schnell op déi 11 % bruecht hunn, wat d'Zil war fir 2020, och wann et am positive Sënn weidergeet.

Mä virun allem mengen ech, ass et wichteg, dass mer och do dee Benchmarking weiderféieren. Dat ass vläicht esou eng lästeg Stilübung ginn, dee PNR do. Do huet ee jo och gesinn, wann een d'Foto gesäit vu Sozialpartner mat der Regierung, ech mengen, et war no zwou Stonnen eriwuer: Dat war net déi grouss Begeeschterung, fir déi Debatt do ze féieren.

Mä ech mengen, esou e Benchmarking ass wichteg, fir sech och selwer a Fro ze stellen, fir och selwer ze iwwerpräiwen: Si mer op der richteger Trajectoire, wat eis Politik ugeet? An et soll een dat onbedéngt och bäibehalen, mä vläicht dat Ganzt méi oppe maachen a méi participativ maachen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zum definitive Schluss vu mengen Ausféierungen. Jo, dës Budget ass kee Spuerbudget. Et ass keen Danz ronderëm dat Gëllent

Kallef vun dem Nullbudgetsdefizit, mä et ass e Budget, dee konform ass zu deem Programm, dee sech dës Koalition virun e puer Méint ginn huet, deen e verantwortlechen Ëmgang mat de Statsfinanze mat sech bréngt, mä ganz kloer awer koppelt u konkret Moossnamen, wat de sozialen Zesummenhalt, wat d'Nohaltegkeet ugeet. A besonnesch aner Beispiller vun anere Länner weisen, zu wat et ka féieren, wann een déi richtig Akzenter an deenen doten zwee Beräicher net setzt.

Dës Koalition huet de politesche Spillraum genotzt, dee se hat, fir eng Rei vun neie politeschen Initiativen ze huelen. Dës Budget huet sécherlech e voluntaristesche Charakter. En ass engem gewëssen Optimismus verschriwwen an d'Zukunft.

D'LSAP wäert dës Budgetsprojett stëmmen.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien !

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.**- Merci dem Här Bodyr. An déi nächst ageschriwwen Riednerin ass d'Madamm Josée Lorsché. Madamm Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Josée Lorsché (déi grëng).**- Här President, mam Doud vum Grand-Duc Jean huet e grouss Statsmann eis verlooss. Säin Engagement, seng Opriichtegkeet a säi staarke Sënn fir Solidaritéit an Demokratie hunn eist Land an eis Gesellschaft nohaltig gepräagt. Am Numm vun der grënger Fraktion drécken ech der groussherzoglecher Famill eist häerzlechste Bäileed aus.

Ganz besonnesch wierdege mer awer och gären den onermiddlechen Asaz vum Grand-Duc Jean fir d'Natur an d'Ëmwelt. En Asaz, deen eis Kraaft gëtt fir d'Zukunft an eis weiderhi staark mam Grand-Duc Jean wäert verbannen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Joer 2010 ënnert der CSV/LSAP-Regierung huet den deemolegen Département de l'environnement vum Nohaltegkeetsministère, dee jo déizäit vun zwee CSV-Ministère gefouert ginn ass, e wäertvollt a wichteg Dokument publizéiert mam Numm „Ein nachhaltiges Luxemburg für mehr Lebensqualität“.

Dës Dokument sollt d'Basis liwweren, fir de PNDD, de Plan national pour un développement durable, ëmzesetzen an dobäi fënnf iwwergeuerdnet Grondprinzipien ze verwierklechen:

- éischstens, den Erhalt vum attraktive Standuert Lëtzebuerg mat héijer Liewensqualitéit;

- zweetens, de Respekt vun den ökologeschen, sozialen a kulturelle Rechter vun de folgende Generationen, och am internationale Kontext;

- drëttens, de Respekt vun den ökologeschen Grenzen a vun der Regenerationsfäegkeet vun der Natur bei der Notzung vun den natierlechen Ressourcen;

- véiertens, de Schutz vum sozialen Zesummenhalt;

- a fënneftens, d'Sécherung vum wirtschaftlechen Wuelstand duerch d'Entwécklung vun enger zukunftsfäeger Ekonomie mat héije sozialen an ökologeschen Standarden.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, wa mir haut vum Statsbudget schwätzen, da schwätze mer iwwert dat zentraalt Instrument, wat mir brauchen, fir ganz genee dës zukunftsfaeg Entwécklung vu Lëtzebuerg ze erméiglechen an domat genee dat ze maachen, wat d'CSV/LSAP-Koalition schonn am Joer 2010 wëlls hat, mam eenzegem Ennerscheed, dass dës Koalition de Programm vun 2010 mat zousätzlechen a méi ambitiësen Ziler ergänzt huet, well d'Urgence an alle Gebidder offensichtlech ass. Stéchwuert: Klimawandel. Stéchwuert: Verloscht vun der Biodiversitéit.

An och dës Koalition, Dir Dammen an Dir Hären, geet et drëms, déi wirtschaftlech Entwécklung mat héije sozialen a ökologeschen Standarden an Aklang ze bréngen an eist Land op déi Manéier virun der Wuesstumsfal ze schützen.

An deem Sënn wäerte mir an den nächste Wochen an der Chamber iwwert déi nei Version vum PNDD debattéieren. Dobäi handelt et sech ëm déi drëtt Version, dobäi am September 2018 vun der Regierung virgestallt gouf.

Dir Dammen an Dir Hären, eigentlech misste mer eis jo elo all zesumme freeën, datt dës Regierung aktiv drop hischafft, deene villen Dimensiounen vun der Nohaltegkeet a vun der nohaltiger Entwécklung gerecht ze ginn, méi wéi jee. An da misst een och zesummen de Budget stëmmen, well e genee dofir geduecht ass. A mir müssen eis och freeën, dass dës Regierung sech net scheid, nei Erausforderungen unzegoen.

Well et den éischte Budget no de Chamberwahlen ass, an domat och den éischte vun dës





Legislatur, emol ofgesi vun den Douzièmes provisoires, déi mer jo scho fir de Fonctionnement vum Stat gestëmmt hunn, erlaben ech mer fir d'Éischt e kleng Bléck no hannen. E Bléck zréck op d'Ausgangssituatioun, wéi se sech dëser Koalitioun am Joer 2013 presentéiert huet.

Bekanntlech war déi alles anescht wéi blendend, an awer ass et gelongen, déi finanziell Situatioun vu Lëtzebuerg ze verbesseren an um Wee dohin eng ganz Rei Erausforderungen an Turbulenzen ze meeschteren.

Et ass scho gesot ginn: D'Perte vun de Recetten um Commerce électronique hunn eis eng Milliard d'Joer kascht. Da war et awer och net einfach, dat berechtigt Enn vum Bankgeheimnis hei zu Lëtzebuerg dann och ëmzesetzen, d'Ëmsetzen awer och vun den Antiblanchiment-Direktiven a vum Échange automatique, mä och d'Ëmsteieren am Kader vum BEPS, dem Impakt vum Brexit, dee sech scho méi laang ubaant, dann awer och de Respekt vun de Kritären, déi mam Stabilitéitspakt verbundene waren, an d'Finanzkris generell.

Trotz all dësen Hürden an Zwéckmillercher - kann ee scho bal soen - huet de Minister Pierre Gramegna et um internationale Parquet fäerdegbruecht, sech als kleng Lëtzebuerger Finanzminister ze behaupten; woumat ech ënner „kleng“ natierlech déi bescheide Gréisst vun eisem Land mengen.

► **Plusieurs voix.** - Aah!

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- En huet et fäerdegbruecht, e gesonden Equilibre hierstellen tëscht engersäits dem Respekt vun enger ëmmer méi harmoniséierter europäescher Finanzpolitik, déi mer ënnerstëtze mat all hire Contrainten, anerersäits awer och den Interesse vum kleng Lëtzebuerg gerecht ze ginn, wat sech vis-à-vis vu groussen Nationen muss behaupten, fir net vun hinne verschléckt ze ginn.

Haut am Joer 2019 léisst d'Resultat vun dëser Politik sech weisen. De Rapporteur André Bauler ass am Detail op déi konkret a ganz positiv Zuelen aus dem Budget agaan. Dir sidd schonn e puermol gelueft ginn, mä Dir hutt et verdéngt.

Ech wëll déi Zuelen net widderhuelen, allerdéngs wëll ech et net verpassen, lech als Rapporteur, Här Bauler, villmools Merci ze soen. E Merci éischters fir Äre Fläiss, deen Der bei der Elaboratioun vun dësem Budget zudaag geluecht hutt, mä awer och fir déi ganz fair a besonnen, kompetent Aart a Weis, d'Finanz- a Budgetkommissioun ze leeden. Dat soen ech ganz éierlech.

E Merci geet am Numm vun der grénger Fraktioun awer och un de Finanzminister Pierre Gramegna, engersäits fir säin Asaz an de ganze leschte Joren, anerersäits awer och fir seng pertinent a gutt verständlech Erklärungen, déi hien ëmmer zum Budget gétt. Et ass, wéi gesot, e Buch mat siwe Sigelen, wann ech dann de Rapporteur kann zitieren.

Wat déi finanziell, sozial an ekonomesch Ausgangssituatioun vu Lëtzebuerg fir d'Zukunft betrëfft, esou si jo eng ganz Rei Beräicher relevant. Ech picken der awer just dräi eraus:

- éischters, dee vun der Statsverschëldung am Verglach zum PIB;

- zweetens, dee vum Taux d'emploi an der domat verbonnener Kafkraaft;

- drëtens, dee vun der Sécurité sociale, dem System vun der sozialer Sécherheet, deen an eisem Land op Solidaritéit berout an och weiderhin op Solidaritéit muss berouen. E léisst kee falen.

Éischte Punkt: d'Statsverschëldung. Eng statistesch Donnée, déi an deem ganzen Zuelendschungel besonnesch erfreesch ass, ass déi vun der niddreger Statsverschëldung prozentual zum PIB. Wat dës Schold ugeet, esou kann ee wierklech net oft genuch widderhuelen, datt se an de leschte Jore kontinuierlech erofgaangen ass, an zwar dank enger gutt iwwerleechter Finanzpolitik, mä och dank enger gudder internationaler Konjunktur, déi dëser Regierung viles erliichtert huet. Och dat muss een zouginn.

Haut gehéiert Lëtzebuerg definitiv zu de Spëttereider vun deene Länner, déi am mannsten éffentlech Schold opweise par rapport zu hirem PIB. Mat engem Ratio vu just 21,4 % am Joer 2018, vun nach just 20 % am Joer 2019 an enger falender Tendenz fir déi nächst Jore läit eis Verschëldung wäit ënnert der europäescher Limit vu 60 % vum PIB a respektéiert domat kloer d'Kritäre vu Maastricht.

Eis Statsverschëldung läit awer och nach wäit ënnert der Limit vun 30 %, déi d'Dräierkoalitioun sech bei hirem Untrëtt am Joer 2013 gesat huet.

Wéi gutt mir um Niveau vun dëser Verschëldung dostinn, gesäit een awer virun allem och, wann een iwwert d'Grenze kuckt. Et kann ee jo

net soen, eis Nopeschlänner wäeren aarm Länner, an awer: Frankräich an d'Belsch leie bei enger Statsverschëldung vun iwwer 90 % vum hirem PIB, Däitschland an Holland leien och nach bei wäit iwwer 50 %, fir emol nëmme vun deene Länner ze schwätzen, deene mir geografesch am nooste sinn.

Net onwichtig ass an deem Kontext och, datt eis éffentlech Verwaltungen iwwer Actifs financiers verfügen, déi insgesamt iwwert dem Brutto vun eiser Statsschold leien.

Ech kommen dann zum zweete Punkt, deen ech virdrun ernimmt hunn: den Taux d'emploi. Et ass den zweete Chiffer, deen eis positiv stëmmt an e wesentleche Parameter ass, fir déi wirtschaftlech Situatioun an d'Kafkraaft zu Lëtzebuerg ze bewäerten. A genee do wëll ech hin. Dat heescht, grad wéi d'Statsverschëldung ass och d'Aarbechtslosegkeet zu Lëtzebuerg kontinuierlech erofgaangen a läit elo nach just bei 5 %, also e gudder Krack ënnert där vun den Nopeschlänner, an esou déif wéi scho laang net méi oder bal nach ni.

E kleng Bemoll, an och dee muss een awer ervirhiewen, ass déi wuessend Inadequatioun tëscht deenen eenzelne Berufsprofiler. Den Här Serge Allegrezza vum Statec ass an der Budgetkommissioun dorop agaan. En huet gesot, datt de Gros vun den Aarbechtsplazen, och vun deenen neien, vu wéineg qualifizierten oder guer net qualifizierten Residenten besat ginn, während ëmmer méi Branchen e Problem hunn, déi néideg Spezialisten op d'Berufsprofiler hei zu Lëtzebuerg ze fannen. D'Resultat ass, datt déi gebrauchte Profiler natierlech am Ausland musse rekrutiert ginn.

Wéi wichtig et ass, Dir Dammen an Dir Hären, am Educationswiesen a virun allem an der Berufsausbildung nei Weeër ze goen, fir de wuessende Problem an de Grëff ze kréien, weist sech domat eemol méi. Als Gréng si mir jiddefalls iwwerzeegt, datt de Chômage zu Lëtzebuerg nach weider reduzéiert ka ginn, wann d'Schoul déi Jonk méi geziilt op den Aarbechtsmarché virbereet an no hire Kompetenzen orientéiert, amplaz duerch eng Orientation par l'échec, ...

► **Une voix.** - Très bien !

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- ... mä och wann d'Betribler ugespornt ginn, méi Jonken eng Stageplaz unzibidden. Ëmmerhin ass de Mangel u Stageplazen ee vun den Hauptfacteurs vum Décrochage scolaire, dee séier am Chômage endegt. An do ass all Prozent ee Prozent ze vill. An dofir begrësse mir ausdrécklech, datt d'Regierung dee Problem erkannt huet a mat konkrete Moossnamen dergéint virgeet.

En drëtten Punkt: d'Sécurité sociale, wou mer jo en Iwwerschoss vun enger Milliard am Gesamttotal am Joer ze verzechnen hunn. Ech schwätzen awer elo just vum Pensionssystem als engem vun den Haaptpillere vun der sozialer Ofsecherung am Alter. E läit jiddwerengem um Häerz.

De Pensionssystem ass 2012 reforméiert ginn. Deemoos huet de Spriecher vun der grénger Fraktioun, den haitege Minister Félix Braz, drop higewisen, datt d'Renteproblematik duerno net vun Dësch wier, mä datt se nees séier op den Dësch vun der politescher Aktualitéit géif zréckkommen.

Wann déi berüümt-berüchtegt Rentemauer dann effektiv um Horizont 2037 Realitéit wäert ginn - vläicht, d'Zentralbank geet op alle Fall dovun aus -, dann hu mir wuel nach eng Zäitche Sputt. Dat soll eis awer net drun hënneren, datt mir, am beschte parteiwwergräifend, eis Gedanke maachen iwwert d'Stellschrauwen, un deene soll gedréit ginn an déi a Bewegung musse gesat ginn, fir och deene folgende Generatione mënschewierdeg Renten ze garantieren.

Jiddefalls däerf et net sinn, datt déijéineg direkt verdäiwelt ginn, déi et och nëmme woen, den zukünftege Problem vun der Rentefinanzierung iwwerhaupt emol unzeschneiden. Mir mussen zesummen no Léisunge sichen.

► **Une voix.** - Très juste !

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Net manner um Häerz leit als als Gréng och de Pensionssong, dee vill Recettë generéiert an d'Renten ofsécher, zousätzlech zu de Cotisatiounen.

Hei wëll ech eng Bréck bauen zu den nohaltegen Entwécklungsziler vun der UNO, mä och zum Accord vun der COP21 vu Paräis, wou Lëtzebuerg sech zu enger nohalteger a solidarescher Finanzgestioun engagéiert huet. Dir wësst, op wat ech aus sinn.

Bei den Investissementer vum Fonds de compensation muss et definitiv drëms goen, ausschliisslech an nohaltege Secteuren ze investieren. Nohalteg am Sënn vun allen Dimensionen vun der Nohaltegkeet an net just där

finanzieller, esou wéi et am Koalitiounsaccord festgehalten ass.

Sech hannert der falscher Sécherheet vu Finanzprodukter verstoppem, déi keng Zukunft hunn, well se eis Liewensgrondlagen laangfristeg zerstëieren, ass jiddefalls net méi de richtige Wee.

Dir Dammen an Dir Hären, enk mat dësem leschte Punkt verbonnen, ass en Thema, wat eis als Gréng och speziell um Häerz läit am Hibleck op eng nohalteger a solidarescher Finanzplaz Lëtzebuerg. Et ass de Beräich vun der grénger Finanzpolitik, der sougenannter „Green Finance“, iwwert déi ech am Numm vun der grénger Fraktioun och e puer Wieder méi wëll soen. Den Eugène Berger huet eis schonn eng ganz Rei Erklärungen dozou ginn.

Generell besteet d'Zil vun der grénger Finanzpolitik doran, déi finanziell Handlungsfäegkeet vun der éffentlecher Hand ofzesécheren a gläichzäiteg awer och derfir ze suergen, datt d'Finanzpolitik e sozialen an ökologeschen Wandel erméiglecht. Dat heescht, d'Gelder mussen do ukommen, wou se fir eng nohalteger a ressourcenschonend Entwécklung gebraucht ginn. A wa privat Finanzakteuren an d'Spill kommen, dann ass et um Stat, fir den néidege Kader ze setzen, Kaderbedéngungen ze schafen, an doriwwer eraus och déi gesetzlech Grondlagen, esou wéi de Koalitiounsaccord et mat sechs Moossnamen virgesäit; emol onofhängeg vun deem, wat schonn alles op deem Plang geschitt ass.

Dir Dammen an Dir Hären, mir wëlle wierklech domat krisefest, konsumentefrëndlech, gerecht an nohaltege Finanzmäert opbauen, net nëmmen zu Lëtzebuerg, mä och um internationalen Niveau an an der Solidaritéit mat den Entwécklungslänner; dëst och nees am Respekt vum Accord vun der COP21 vu Paräis an am Respekt vum Accord vun de Vereenten Nationen vun der UNO, deen de fréiere Kooperationsminister Romain Schneider an d'Ëmweltminister Carole Dieschbourg 2015 zu New York ënnerzechent hunn.

Alles an allem geet et bei der grénger Finanzpolitik drëm, solidaresch ze handeln, dat heescht, den Honger an d'Aarmut weltwäit ze bekämpfen, d'Liewensmëttelsécherheet weltwäit ze garantieren an alle Länner vum Planéit eng nohalteger a propper Landwirtschaft opzebauen - natierlech mat Verzicht op Glyphosat -, déi nohaltege Bildungsziler awer och ëmzesetzen, an dem Klimawandel mat all sengen Auswirkungen entgéintzesteieren.

Et geet dëser Koalitioun also net just ëm d'Wuelbefanne vun der Populatioun an eisem Land. Et geet hir och ëm d'Wuelbefanne vun alle Mënschen, déi op dësem Planéit liewen an zu den éischten Affen vum Klimawandel ginn, esou och mat der grénger Finanzpolitik, wou mer do d'Hiewele kënnen a Bewegung setzen.

Och wann de Bilan zu Lëtzebuerg, dee Lëtzebuerg elo scho virleien huet, op deem Plang nach net bei jiddwerengem ukomm ass, esou léisst e sech awer schonn haut weisen. Just e puer Beispiller:

- Ech fänken u mat enger Initiativ aus dem Joer 2015, wou d'Regierung d'Initiativ ergraff huet, déi sougenannt „Climate Finance Task Force“ ze grënnen. Dat war eng Plattform, déi geduecht ass, fir innovativ Iddien am Kampf géint de Klimawandel ze schafen. Mëttlerweil hunn iwwer zéng Meetinge stattfonnt, Dir Dammen an Dir Hären, déi ënnert der Leedung vum Finanzminister Pierre Gramegna an der Ëmweltminister Carole Dieschbourg stoungen. Et kann een also net grad behaupten, et géif näischt geschéien.

- Weider goug et am Joer 2016 mam Projet Luxembourg Green Exchange, enger Initiativ vun der Lëtzebuerger Bourse, déi sech op gréng Finanzprodukter spezialiséiert huet, dëst och nees am Kontext vum Accord vun der Klimakonferenz zu Paräis. Domat ass eng éischt grouss Plattform entstanen zu Lëtzebuerg, an där nëmmen ökologesche Finanzprodukter ze fanne sinn. D'Bourse schléisst zum Beispill all Produit aus, dee mat Benefisser am Beräich vun der Atomenergie, dem Handel mat geschützten Aarten, Déiereversich fir kosmetisches Zwecker an esou weider verbundene sinn.

Laut engem rezenten Artikel am „Paperjam“ vum Januar 2019 si mëttlerweil 277 Entitéiten an där Plattform ze fannen. An d'Valeur vun de gréngen Obligatiounen läit zu dësem Zäitpunkt scho bei iwwer 112 Milliounen Euro.

- Eng aner Initiativ koom 2016 zustanen. Déi heescht Climate Finance Label, déi vu LuxFLAG lancéiert ginn ass a wou 75 % vum Actif an de Kampf géint de Klimawandel flëssen.

- An am selwechte Joer ass d'Regierung eng Partnerschaft mat der EIB agaan, der Europäescher Investitionsbank an huet déi sougenannt „Luxembourg-EIB Climate Finance“-Plattform an d'Liewe geruff. Dës Plattform ass

mëttlerweil ganz aktiv an ënnerstëtzt Prëten am Beräich vun der Energieeffizienz, wou Lëtzebuerg vill nozehuelen huet, der Ressourceneffizienz an der Produktioun vun erneuerbarer Energie. Dobäi setzt se awer och op déi international Solidaritéit mat Länner aus dem Mëttleren Osten an Nordafrika, esou wéi et déi nohaltege Entwécklungsziler virgesinn.

- Ervirsträiche wéilt ech dann och nach d'Initiativ vum Green Bond Label vu LuxFLAG, dee fir de Finanzement vun ökologeschen Projeten zoustänneg ass;

- an dann dozou nach eng éffentlech-privat Partnerschaft, déi vum Finanzministère, dem Ëmweltministère an néng privaten Akteuren lancéiert ginn ass. Hei muss ee betounen, datt iwwert déi éischt dräi Joer 2 Milliounen Euro vun der Regierung an dee Fong investéiert ginn.

Dobäi koumen nach aner Projeten, op déi ech elo net am Detail aginn, well et ze wäit féiert.

Op alle Fall muss ee soen, dass mer um gudden Wee sinn an dass mer op deem gudden Wee wëllen a solle weiterfueren.

D'Resultat vun all deene Moossnamen, déi ech elo opgezielt hunn an déi ech awer nach net all konnt beschreiwen, et sinn der am ganzen eelef, ass beuechtlech. Am globale gréngen Finanzindex, deen d'Efforte vun de Länner am Beräich vun der grénger Finanzpolitik analyséiert, steet Lëtzebuerg mëttlerweil op véierter Plaz.

An d'Objektiv vun dëser Regierung besteet elo doran, och déi néideg Investitiounsfongen ze fërderen, déi e positiven Impakt op d'Ëmwelt, op d'Klima an op déi sozial Gerechtegkeet hunn, dëst op Basis vun europawäit gellende Kritären, déi momentan vun der Europäescher Kommission diskutéiert an ausgeschafft ginn am Hibleck op d'Schafung vun engem europäesche „bio-Label“ an der Fongenindustrie.

A firwat net och kuerzfristeg zu Lëtzebuerg en nationale „bio-Label“ schafe fir d'Lëtzebuerger Fongenindustrie, esou wéi de Minister Pierre Gramegna et rezent an engem Interview am „Lëtzebuerger Land“ ugedeit huet? Jiddefalls beweisen dës Beispiller alleguer, datt dës Regierung hir Verantwortung um Niveau vun der grénger Finanz längst iwwerholl huet an datt se de politesche Wëllen huet, op deem Wee weiterzefueren. Dat just als Ergänzung zu der Pressekonferenz vun der CSV.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech kommen zu verschiddenen Eckdaten an zu de Previsiounen vum Budget fir 2019, déi an der Lescht jo méi oft am Mëttelpunkt stoungen wéi déi gréng Finanzpolitik vun dëser Regierung.

Bekanntlech geet de Budget 2019 vun enger Croissance vum PIB aus vun 3 % fir d'Joer 2019.

De Pluriannuel berëfft sech sengersäits op eng Croissance vun 3,8 % fir d'Joer 2020, vun 3,5 % fir d'Joer 2021, an erëm op 3 % fir d'Joer 2022.

Vun alle Säite festgestallt, kommentéiert an zum Deel och kritiséiert gouf an der Finanz- a Budgetkommissioun d'Tatsaach, datt dës budgetär Previsiounen net fiabel sinn an datt se et awer och nach ni waren. Dowéinst ass et haut schwéier soen, ob d'Previsiounen fir 2019 an d'Joren duerno der reeller Entwécklung dann elo entsprechen oder net, ob se ze vill optimistesche sinn oder net.

Allerdéngs ass dat an eisen Aen net déi relevant Fro. Fir eis ass d'Fro méi relevant, firwat et zu Lëtzebuerg net méiglech ass a bis elo ni méiglech war, exakt Previsiounen op Basis vu verschiddenen Zeenarien opzestellen, a wat mir eigentlech kënnen maachen a musse maachen, fir déi Previsiounen ze erméiglechen.

Fir e Problem ze léisen, muss een natierlech d'Ursaache kennen.

Déi éischt Ursaach vun der Onverlässlechkeet vun de Previsiounen ass ganz sécher déi, datt d'Evolution vum PIB net just vun der Lëtzebuerger Wirtschaft vun eisem klengem Ländchen ofhängt. Se ass och ofhängeg vun internationalen Entwécklungen, wéi zum Beispill den Handelskonflikter, de Finanzkrisen, der Entwécklung vun den Zënsmäert, vun de Pétrolspräiser, dem Impakt vum BEPS, dem Brexit, der grousser Diversitéit vun eiser Ekonomik, awer och (veuillez lire : awer och dem ICT-Secteur), mä dann donieft och vun temporären Krisen, wéi zum Beispill vun der Automobilkris an Däitschland. Dës Facteurs si schwéier virauszegesinn an och schwéier am Virfeld ze berechnen.





Déi zweet Ursaach da gesinn d'Spezialisten doran, datt déi aktuell Berechnungsinstrumenter just op der Produktivitéit berouen, déi duerch d'Entreprisé generéiert gëtt. Den Hoken dobäi ass, datt d'Produktivitéit awer net eleng ausschlaggebend ass fir déi ekonomesch Entwécklung a fir d'Wäertschöpfung, déi domat verbonnen ass. Ausschlaggebend sinn och de Finanzsektor an den ICT-Sektor, déi eng grouss Plaz an eiser Ekonomik anhuelen, mä bei der Berechnung vum PIB net berücksichtegt ginn.

Net berücksichtegt gëtt och d'Evolution vum Taux d'emploi, obwuel dësen Indicateur schnell iwwert d'IGSS ofruffbar wier, an deemno eng gutt Basis géif duerstellen, fir d'Performance vun eiser Ekonomik, mä och d'Kafkraaft an eisem Land ze bemessen. Woubäi ee jo muss wëssen, datt den Aarbechtsmaart zu Lëtzebuerg och während der Finanzkris weider gewuess ass. D'Emploie sinn eropgaangen, trotz Kris. An datselwecht zielt och fir d'Awunnerzuel.

Eng drëtt Ursaach vun deenen dach extreme Schwankungen an de budegetäre Previsiounen, Dir Dammen an Dir Hären, ass éischter hausgemaach. Se läit wahrscheinlech doran, datt et zu Lëtzebuerg Usus ass, seng eegen Zopp ze kachen, amplaz zesammenzeschaffen.

Wann een an der Finanz- a Budgetskommis-sioun Sätz héiert wéi: „De Statec ass eppes wéi eng Auster, déi der Banque centrale näischt erausgëtt“, oder: „De Statec kritt net genuch Donnéeën vun der Steierverwaltung“, oder - ech komme bei de Saz, deen d'Martine Hansen de Moien zitëiert huet -: „D'Banque centrale schafft mat deem, wat se huet, mä se weess net, ob dat, wat se huet, vill wäert ass“, spéitstens da muss ee sech Froe stellen!

Virun allem muss ee sech awer d'Fro stellen, ob Lëtzebuerg net scho säit éiwegen Zäiten e Problem mat der Gouvernance hat an net just mam Problem vu feelende makroökonomeschen Analysen.

Dir Dammen an Dir Hären, fir an deem Beräich vum Fleck ze kommen an net ze streiden, plädéiere mir als Gréng derfir, dass mer eis ee fir allemol mat der fundamentaler Fro ausernee-setzen, wéi eng Approche mir beim Opstelle vum Budget, haaptsächlech och vum plurian-nuelle Budget, sollen huelen.

Wëlle mer, wéi dat och zu CSV-Zäiten nach ëmmer de Fall war, wëlle mer eis éischter vu Virstellungen, politeschen Ziler an Idealer leede loosser a weiderhin en Droit à l'erreur zouloosen? Eng Approche, déi schonn zanter Jorzéngten zu Lëtzebuerg akzeptéiert gëtt. Dës Approche ass an eisen Aen duerchaus legitim, allerdéngs soll ee sech dann och net bekloen, wann den Iertum an de Prognosen effektiv an-trëtt.

Oder si mer bereet, eng sougenannt „evidence-based policy“ op d'Been ze stellen, fir den Term aus dem Fachjargon ze benotzen? Den Term „evidence-based“ kënnt eigentlech aus der Medezinn. En ass schwéier ze iwwer-setzen a bezechent eng Approche, déi op klore Fakte berout.

Ech denken, den Här Bodry huet och an déi Richtung geduecht, wéi e vu senger neier Approche oder enger Verbesserung vun der Methode geschwat huet. Mir mussen just nach wëssen, wéi mer se da schlussendlech nennen. « Politique par objectifs » gehéiert natierlech och dozou. Dat ass eng Politik, déi sech Objektiv setzt an duerno muss evaluéiert ginn.

Op d'Finanzpolitik an op d'Opstelle vum Pluriannuel haaptsächlech bezu bedeit den Aus-drock „evidence-based policy“, datt déi poli-tesch Decisiounen net just ebe vu politeschen Ziler a Programmer, mä och vun empirischen Daten ofhängeg gemaach ginn. Dozou gehéieren Impaktstudien, Evaluatiounen vu Programmen a Käschen-Notzen-Analysen am Stil vun deenen, wéi den Nohaltegkeetsminister, de Mobilitéitsminister se schonn um Niveau vun der Mobilitéitsplanung an den duerfir ge-brachten Investissementer realiséiert.

Quitte datt net all Entwécklung previsibel ass, dat kann ee guer net behaupten, esou gëtt den Zoufall awer mat esou enger Approche esou wäit wéi méiglech ausgeschloss, an zwar do-duerch, datt all moossbar Indicateuren och effektiv gemooss ginn, matenee verglach ginn, openeen ofgestëmmt ginn an datt dann e Choix getraff gëtt.

Wa mer op de Wee vun esou enger empire-scher Politik wëlle goen, Dir Dammen an Dir Hären, da geet et net duer, all Joer bei der Dis-kussioun ronderëm de Budget feststellen, datt déi implizéiert Akteuren net genuch ze-

summeschaffen an datt mer méi makroekon-mesch Analyse musse maachen, esou wéi d'Cour des comptes dat fuerdert. Wa mer dës Approche wierklech wëlle wielen, da mussen mer och déi néideg Ressourcen derfir zur Ver-fügung stellen. Dat heescht, datt Lëtzebuerg sech déi néideg Expertise muss siche goen an domat och deenen néidegen Know-how, fir iwwerhaupt emol fäeg ze ginn, makroekon-mesch Analysen duerchzeféieren a verschidden Entwécklungszeenarien op Basis vun alle varia-belen an net variablen Daten ze entwéckelen. An nëmme da kënne mer der Recommandation vun der Cour des comptes och wierklech nokommen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, am Kader vun de Budgetdiskussiounen hunn déi gréng an de leschte Joren ëmmer nees betount, datt et net duergeet, als Finanznatioun ze reusséieren.

► **Une voix.** - Très bien !

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Mir mussen och als Mënschheet reusséieren. An och dat ass d'Zil, wat mer bei der Opstellung vum Budget musse berücksichtigen. Ech schwätze vun engem Wuert, wat och de Moien hei gefall ass, d'Martine Hansen huet et ge-nannt, ech géif mengen, do leie mer op enger Linn.

(**M. Fernand Etgen reprend la présidence.**)

Mä net nëmme si huet dovu geschwat, och den Henri Kox a sengem Budgetsrapport vun 2015 ass op de PIB du bien-être agaangen an awer och op de World Happiness Report, wou eng ganz Rei Facteuren dran ze fanne sinn, déi definéieren, wéi d'Wuelbefanne vun der Bevöl-kerung ass.

Ech schwätzen awer och vun den Donnéeën a Bewäertungskritären, déi am Rapport « travail et cohésion sociale » vum Statec ze fanne si respektiv an den internationalen Dokumenter vum Global Footprint Network. Erviriwee wéilt ech dann an deem Zesammenhang och de Conseil économique et social, deen ze-summe mam Conseil du développement du-rable schonn iwwer 23 Indicateuren opgestallt huet, fir d'Nohaltegkeet vu politeschen Ent-scheedungen ze analyséieren an domat der so-zialer Situatioun, der Gesondheet an dem Wuelbefanne vun de Biergerinnen a Bierger méi geziilt Rechnung ze droe respektiv se ein-fach nëmme ze moossen, well ech mengen, de Bien-être ass an eisem Land emol guer net esou schlecht.

Datt d'Qualitéit an d'Verfügbarkeet vun deenen dräi wichtegsten natierleche Ressourcen, dem Waasser, der Loft an dem Buedem, mä dann awer och déi energetesch Transitioun do-bäi eng zentral Roll musse spillen, läit op der Hand. De Kolleeg Henri Kox wäert dee Volet a senger Interventioun nach weider verdéiwen.

Dir Dammen an Dir Hären, dat gesot, kommen ech zrëck zu den Zuele vum Budget, dee mer jo muer zum Vott stellen. Vill diskutéiert an zum Deel och kritiséiert gouf de virusgesoten Defizit vu 650 Milliounen Euro am Zentralstat, wuel wëssend, datt déi previsionell Recetten zimlech bescheiden ugesat sinn an nach Sputt no uewe loosser.

Zum viraussichtlechen Defizit vun deene 650 Milliounen, Dir Dammen an Dir Hären, wëll ech hei eppes ganz kloer soen. Jo, och als Gréng wëlle mir virsiichteg sinn an d'Geld net onnéideg zur Fënster erausgeheien. Mä neen, fir eis kann et kee sënnavollt Zil sinn, ze spueren, wann d'Spuere soll dozou féieren, datt manner Geld an de Fonctionnement vum Stat, manner Geld an déi ëffentlech Infrastrukturen, déi mer dréngend brauchen, manner Geld an d'Verbes-erung vun der Mobilitéit, manner Geld an eise Sozialsystem, manner Geld an d'Familljen, manner Geld an d'Bildung vun de Kanner, manner Geld an d'Gesondheet, manner Geld an de Logement a generell manner Geld an déi nohaltig Entwécklung vun eisem Land fléisst. Da verpasse mer wierklech den Uschloss a lafen der Entwécklung jorzéngtelaang hannendrun.

Duerfir sinn et grad dës Beräicher, déi gestärkt musse ginn, fir d'Zukunft vum Land an den Ze-summenhalt am Land nohaltig ofzesécheren. An et sinn och dës Beräicher, an déi de Gros vun den Zomme fléisst, inklusiv deenen zousätzleche 650 Milliounen Euro, woubäi ech wéilt bemerken, datt een Euro, deen an d'Bil-dung an an déi sozial Virsuerg vun engem Kand investéiert gëtt, dem Stat laangfristeg op d'mannst véier Euro spuert, well grav Pro-blemer am Erwuessenenalter doduerch verhën-nert kënne ginn. An anere Wieder: Mat der Erhéijung vun den Investissementer an de so-zialpädagogeschen an educative Beräicher spuert de Stat ënnert dem Stréch méi Geld, wéi en es ausgëtt.

Net onwichtig ass och d'Erhéijung vu 6,8 % vun de staatlechen Zommen, déi an de Lo-gement fléiszen, fir der Wunnpolitik méi geziilt entgéintzesteieren a fir de Problem vun de feelende Locatiounswunnengen hei am

Land iwwerhaupt emol mat konkrete Mooss-namen unzuegoen. Natierlech sinn d'Gemengen implizéiert a se sollen hir Verantwortung iwwer-huelen.

An och d'Kultur kritt mat dësem Budget méi Mëttele wéi jee virdrun, net fir datt Einzelner sech seenen, mä fir deem längst bekannte Pro-blem vun der sozialer Onsécherheet an der net méi tragbarer Ënnerbezuelung vu professio-nelle Kulturschaffenden endlech zu Lëtzebuerg en Enn ze setzen. Dat si mer hinne schëlleg.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Wat elo de Gesamtkuch vun den Dépense fir 2019 ugeet, do stellt een och nach fest, datt ganzer 48 % vum Budget an d'Sozialleeschtingen, an d'Sécurité sociale an a staatlech Subsidien an a Subventiounen investéiert ginn. 7 % fléissen an d'Gemengen a ganzer 23 % an d'Remunera-tiounen vun all deene Leit, déi beim Stat schaf-fen, woubäi och Leit aus dem educativen a so-ziale Sektor e groussen Deel dovun ausmaa-chen, plus dann nach 7 %, déi fir de Fonction-nement investéiert ginn. An Dépenses ausge-dréckt sinn dat bal fënnf Milliarden Euro.

Jo, Dir Dammen an Dir Hären, dat si wierklech ganz vill Suen! Mä eppes ass gewëss: Déi Sue si gutt ugeluecht! Se garantéieren net nëmme, datt de Stat de Garant bleift vun der sozialer Gerechtegkeet a vun der sozialer Kohäsion, se garantéieren och, datt d'Wirtschaft gutt fonc-tionnéiert, ganz einfach, well d'Betriber op e stabillt sozialt Klima ugewise sinn. Mir brau-chen e staarke Stat a mir brauchen e staarke Sozialstat.

Wivill all dës Ausgabe bréngen, mierkt een eigentlech eréischt a besonnesch gutt, wann de Stat sech zrëckzitt, oder besser gesot, wann en zrëckgezu gëtt, wéi an anere Länner, wou en net méi genuch Mëttele huet oder zur Ver-fügung gestallt kritt. Spéitstens da fält déi so-zial Kohäsion an de Koup an dann ass et och eriwuer mat dem soziale Friden an de Betri-ber.

Net nozevollzéien, Dir Dammen an Dir Hären, sinn an deem Kontext eng Rei Fuerderunge vu Patronatssäit, déi an de leschte Wochen un eis erugedroe gi sinn an déi mir mam beschte Wëllen net novollzéie kënnen. Domat leie mer op genee darselwechter Linn wéi de Pierre Gramegna, deen de Moien och vun deene Fuerderunge geschwat huet.

An eisen Ae wier et fatal, de Forfait d'éducation graduell ofzebauen, den Abatement extra-pro-fessionnel ëm d'Halschent ze kieren, esou wéi et verlaangt gëtt vun där Säit, de bëllegen Akt ze kappen, d'Bauspueren ofzeschaffen, an dat och nach grad an engem Land, wou d'Wunn-präisser ee vun de gréisste soziale Problemer iwwerhaupt duerstellen!

Wat d'Ausgaben an den Zentralstat dann ugeet, esou gëtt vun darselwechter Säit ver-laangt, datt nëmme d'Halschent vun deene geplangten 950 Fonctionnaire sollen age-stallt ginn an datt déi lafend Käsche bei de Verwal-tungen innerhalb vu véier Joer ëm 670 Mil-lioune reduzéiert solle ginn.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, hei treffen defi-nitiv zwou Welten openeen. Op där enger Säit d'Welt vun deenen, déi de Stat wëlle schrump-fen dinn, an op där anerer Säit d'Welt vun deenen, déi d'Roll vum Stat wëllen opwäerten, wëlle stäerken, déi säi Lenkungscharakter wëllen erhalen an him Verantwortung wëlle ginn. Zu dëser Welt gehéiere mir, well mir der Meinung sinn, datt net nëmme e staarken a gutt opgestallte Stat eng gutt ëffentlech Politik ka konzipéieren a garantéieren, mä och, datt e gutt opgestallten an effikasse Stat gebraucht gëtt, fir déi ambitieus Ziler vun dëser Regierung kënnen ëmzesetzen - dat geet net vum sel-ven -, däst um Hannergrond vun de polite-schen Erausforderungen, déi sech net nëm-men am Joer 2019 stellen, mä wäit doriwwer eraus.

Dat sinn, wéi gesot, de sozialen Zesammenhalt an den ekologeschen Embau, ouni deen de ganze System frëier oder spéider souwisou ze-summefält. Et ass awer och d'Digitaliséierung, déi sech wéi e bloe Fuedem, kann ee bal soen, duerch de Budgetsrapport zitt, äänlech wéi de Kolleeg Henri Kox et virun zwee Joer gemaach huet mam Thema vun der Nohaltegkeet. Dat war dann de gréng Fuedem.

Wat d'Digitaliséierung ugeet, esou ass et wierklech derwäert, sech domat auserneezenesetzen, well se längst ugefaangen huet. Mir mussen dee Prozess begleeden a leeden an net dee Prozess sech selwer iwwerloossen. Et kann ee scho bal soen, datt den Numm „Digitaal Zäit-alter“ eng nei Epoch beschreift, eng Epoch, déi souwuel Plus-valué wéi och Risike fir d'Betriber an hir Belegschaften bedeit. D'Suerg vun der Ëmstellung, virun allem vu klengen a mittel-grousse Betriber, op digitaliséiert Prozesser, mä och d'Suerg vum Maintien dans l'emploi vun deene Leit, deenen hir Aarbecht robotiséiert

gëtt oder digitaliséiert gëtt, ass schonn ëfters thematiséiert ginn, net nëmme an der Cham-ber, soudatt ech elo net speziell op dee Volet wäert agoen.

Manner thematiséiert ginn awer déi ge-sondheetlech an educativ Aspekter vun der Di-gitaliséierung, wéi zum Beispill d'Ofhängegkeet vun digitalen Instrumenter a Medien, déi sou-wuel zu physische wéi och psychesche Pro-blemer kënne féiere bis hin zu schwierge Krankheeten, mä och zu intellektuellen Defizi-ter, besonnesch bei klenge Kanner. De Bud-getsrapporteur huet de Moien op dee Problem higewisen, a mir begreissen, datt dat Thema an Zukunft verdéift wäert ginn.

Wat déi intellektuell a sproochlech Entwécklung vu klenge Kanner ugeet, wéilt ech op en Artikel verweisen, dee kierzlech am „Lëtzeburger Wort“ ze lese war. Den Titel war „Weniger ist definitiv mehr“. De Jean-Marc Hild, Direktiouns-beoptragte vum Service audiophonologique, deen all Joer eng 3.000 Kanner op hir Sproochentwécklung test, warnt an deem Arti-kel ausdrécklech virdrun, d'Kanner den Dauer-reizer vun den digitale Medien auszesetzen. D'Konsequenze vun esou enger Iwwerflutung sinn näamlech dramatesch, virun allem um Niveau vun de Sproochkompetenzen, der Uneeg-nung vum Vocabulaire, der Artikulation, mä och um Niveau vun den empathesche Fäegkee-ten, déi am Ëmgang mat digitale Medien op der Streck bleiwen an am Erwuessenenalter meeschtens net méi nozehuele sinn.

D'Geforen, Dir Dammen an Dir Hären, laueren awer och am Beräich vun der reng kierper-lecher Gesondheet. Dat heescht net, datt een d'Digitaliséierung vu virera soll condemnéieren a verdäiwelen, an et heescht och net, datt ee Geschichte vu Vullen erfanne soll, déi duerch d'Bestralung vum Himmel falen.

(**Hilarité**)

Et heescht awer, datt de Prozess vun der Digi-talisierung fir d'Medezinnwëssenschaftler an Experten an där Matière e wichtege Volet muss ginn, datt dee ganze Prozess vun deene Leit muss begleet ginn, ebe grad fir deene ge-sondheetleche Gefore virzebeugen a se am beschten auszuschléissen. Duerfir plädéiere mir derfir, Dir Dammen an Dir Hären, datt de ge-plangten « Haut comité de la digitalisation » mat kompetenten Experten an dëser Matière ausgestatt gëtt, falls dat nach net virgesinn ass, well wat nützt et, wann all Assuré am digitali-séierte Patientendossier erfaasst gëtt, wann d'Populatioun un de Konsequenze vun der Di-gitalisierung krank gëtt?

Fir et bildlech auszudrécken: Am Beräich vun der Digitalisierung dierf et eis net goe wéi dem Goethe sengem Zauberlehrling. Den Zau-berlehrling, dee war houfreg op dat, wat e fäerdegruecht huet, bis en op eemol gemierkt huet, datt en der Situatioun net gewuess war an Äffer ginn ass vu sengem eegenen Zauber.

En anere Volet, dee sech op d'Digitalisierung bezitt, ass éischter sozialer an ekologescher Natur a steet an direkter Relatioun zum Bud-get. An duerfir wëll ech en och wierklech hei erimmen.

Ech denken un den héije Ressourcen- an Ener-gieverbrauch fir d'Hierstellung an d'Bedreiwung vun digitalen Outilen. Datt d'Digitalisierung net per se nohaltig ass, wësse mer spéitstens, wa mer gesinn, wivill Datekabeln, Serverpar-ken a Rechenzentren gebraucht ginn, bis datt den Internet iwwerhaupt emol fonctionnéiert.

Den ekologesche Foussofrock vun den digi-tale Geräter an Infrastrukture riskéiert, eis also iwwert de Kapp ze wuessen, mä och deem Phenomeen ka virgebeugt ginn. D'digital Suffi-zienz kéint dobäi d'Leitmotiv gi fir d'Zukunft nom Motto „esou vill digital Geräter an esou vill Vernetzung wéi néideg, mä esou weéng wéi méiglech“. Esou eng Strategie kënnt net nëmme dem Budget zegutt, mä och der Ëm-welt.

A schlussendlech wéilt ech am Kontext vun der Digitalisierung nach eng Verbindung hier-stellen zum Prinzip vun der Diligence raison-nable, engem Prinzip, dee mir als ehemoleg Rapporteure vum Gesetz iwwert d'Marchés publics nach ëmmer ganz staark um Häerz läit.

Beim Vott vum Gesetz am Joer 2018 huet d'Re-gierung sech bereet erkläert, bei ëffentleche Marchéen op de Kaf vun technescher Hard-ware ze verzichten, déi Konfliktmineralien en-thält. Konfliktmineralien sinn natierlech Ressour-cen a Rohstoffe, deenen hiren Ofbau zu schwéiere Mënscherechtsverletzungen an de Krisengebiddern vun den Entwécklungslänner féiert an oft mat Kannerausbeutung verbonnen ass. Betraff si wäertvoll Äerzer wéi zum Beispill Zënnäerz, Coltan, Gold a Wolframite, déi ebe grad bei der Hierstellung vun elektronische Geräter wéi Computeren a Mobiltelefonen a villem anere méi verschafft ginn.

D'Zouso vun der Regierung, op de Kaf vun Ap-parater ze verzichten, déi Konfliktmineralien





enthalten, hu mir deemools parteiwwergräifend begreisst. An duerfir hoffe mer och, datt dësen Engagement bei der digitaler Oprüstung vun de Ministère, de Verwaltungen a vun allen ëffentleche Gebaier - där hu mer der jo vill - wouergeholl gëtt, woumat ech schonn nees bei den nohaltegen Entwécklungsziler ukomm sinn, déi sech och am Beräich vun der Digitaliséierung kënnen zréckspigelen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech hunn domadder e klengen Tour d'horizon duerch de Budget gedréit an iwwerloosse mengem Kolleeg Henri Kox d'Éier, déi verschidden ëmwelt-politesch Beräicher nach méi ze verdéiwen.

Als Gréng, Dir kënnt lech et denken, wäerte mir de Budget natierlech stëmmen, dee vun 2019, an och de Pluriannuel.

### (*Interruption*)

Mir sinn op alle Fall gäre mat verantwortlech fir dat, wat de Stat fir d'Zukunft mécht, a mat verantwortlech fir de Choix, wou a wéi dës Koalition déi staatlech Gelder wëllt asetzen.

Vu datt mat dësem Budget, et kann ee scho bal soen, Rekordzommen zur Verfügung gestallt ginn, fir de Moderniséierungsprozess an eisem Land op Basis vu ressourcéschounende Kritäre weiderzedreiwene a parallell dozou d'Aarmut ze bekämpfen an déi sozial Kohäsion ze stäerken, fënnt en eis voll Ënnerstëtzung.

An duerfir soen ech lech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, *Président*.** - Merci villmools, Madamm Lorsché. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Sven Clement (*Piraten*).** - Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, kee vun eis hätt geduecht, datt mer an dëser Woch, an där eise fréiere Statschef eis fir ëmmer verlooss huet, iwwert de Budget missten debattéieren, well dat u sech jo schonn am Hierscht evaküiert gi wär, wa mer net deen neie Kalenner vun de Wahlen hätten.

Ech, an ech menge souguer mir all, deelen d'Trauer vum ganze Land ëm den Doud vun dësem grouse Statsmann. An ech erlabe mer dofir och, am Numm vun de Piraten der groussherzoglecher Famill eist déifst Bäileed auszeschwätzen.

De Grand-Duc war e Statschef, deen d'Land an d'Leit gär hat, an d'Leit hunn him genee déi Referenz zréckginn.

Trotz eisem déiwe Leed muss mir awer no vir kucken an haut gemeinsam diskutéieren an an de kommenden Deeg Entscheedungen treffen, fir ze vermeiden, datt dëst Land, dat de Grand-Duc ni vergiesse wäert, wéinst engem feelende Budgetgesetz dach dann op eemol handlungsonfäeg géif ginn.

### (*Interruption par M. Alex Bodry*)

Dofir erlaabt mer, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ...

Ech zielen do op d'Stëmme vun der Regierungsmajoritéit, Här Bodry.

► **Plusieurs voix.** - Aah!

### (*Interruption*)

► **M. Sven Clement (*Piraten*).** - Dofir erlaabt mer, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dach op dëse Budgetsprojert ze schwätzen ze kommen.

Als Éischt wollt ech dem honorablen Här Bauler Merci soe fir deen extensive Rapport, deen en a Rekordzäit hei geschriwwen an och virgedroen huet. Datt ech net mat allem, wat drasteet, averstane sinn, dat ass, mengen ech, menger Sëtzplaz hei am héijen Haus zouzeschreiwen.

► **Une voix.** - Sot Dir!

► **M. Sven Clement (*Piraten*).** - Nodeems mer alleguerten den Houfert vum Här Gramegna matkruten, datt de Bilan 2018 eng schwaarz Null opzeweisen hätt, erstaunt et eis ëmsou méi, datt de Budget vun 2019 a genee déi aner Richtung geet.

Wéi déi lescht Statsbudgeten ënnert der blouder Regierung gewisen hunn, kann een op eng schwaarz Null oder op een Excedent kommen, mä dëst Joer ass alles anescht. Do, wou fiskal Responsabilitéit gepriedegt gouf, gëtt elo de Portmonni grouss opgemaach, fir säin Inhalt iwwert dem Land auszeschëdden.

Jo, et gëllt Luef auszeschwätze fir d'Resultater vun 2018. Mir haten eng besonnen gutt Konjunktur an et gouf e massiven Encaissement vu Steierréckstänn. Mä dëst, dat wësse mer all, sinn eemoleg Recetten a keng sech widderhuelend. A beim Budget goufen d'Depensé fir d'lescht Joer iwwerschat. An och dofir hu mer e besonnen gutt Joer hanner eis.

De Luef sollt dofir virun allem fir de spuer-samen Émgang mat den ëffentleche Gelder ausgeschwat ginn, en Émgang, deen et erlaabt huet, fir d'Éischte Kéier an dësem Jorzéngt e Plus am Statsbudget auszeweisen.

Dofir erschreckt et mech ëmsou méi, datt d'Regierung bei der Budgetspropas vun 2019 all Prinzipie vun der virsiichteger Haushaltsféierung iwwer Bord geworf huet. Konsequent schätzt se de Wirtschaftswuesstum méi héich a wéi d'EU-Kommissioun an aner international Akteuren. Konsequent gi potenziell Verschlechterunge vum Weltklima, de Brexit oder aner Krise klenggerechent oder ignoréiert. Et gëtt gemaach, wéi wa Lëtzebuerg „eine Insel der Glückseligen“ wär an déi Krisen eis net direkt géifen treffen.

Do verwonnert et da wéineg, datt och dëst Joer am Gesetz erëm en Emprunt vun enger Milliard autoriséiert gëtt. Hei bedauere mer, an dat hu mer och an der Kommissioun méi wéi eng Kéier gesot, datt d'Regierung immens ontransparent mat deenen Zuele vun autoriséierten Emprunten ëmgeet.

Besser wier et, wann d'Autorisationen ëmmer nëmme fir ee Budgetsjoer géife gëllen oder zumindest all Joers am Budgetgesetz een Tableau vun de Restante vun de Jore virdru matgereecht géif ginn. Insgesamt dierf d'Regierung näamlech, wann dëst Budgetgesetz bis gestëmmt ass, nach 3,2 Milliarden nei Scholde op huelen, ouni e weidere Vott oder Debat hei an der Chamber.

Hei wier et sech ze wënschen, datt eng nei Statsverschuldung ëmmer och den Aval vun der Chamber sollt kréien, amplat zu discrétion der Regierung zur Verfügung steet. D'parlamentaresch Kontroll soll d'Norm sinn an net d'Ausnam, wann et ëm nei StatsempRUNTE geet.

Natierlech muss de Stat dierfen investéieren. E Stat soll souguer investéieren, fir als eegenen Akteur am Marché dach dësen um Dréien ze halen. Mä wat d'Investitiounen vum Stat ugeet, gëtt et e grouse Problem, an zwar deen, datt et zum Deel eigentlech guer keng richtig Investitiounen sinn, well, wann ech mäin Ecoscours richteg an Erënnerung hunn, sinn Investitiounen normalerweis eppes, wat u Valeur gewénnt, an net Transfere.

Dës Regierung probéiert, eis verbessert Sozial-leechungen als Investitiounen ze verkaufen, fir ze argumentéieren, datt ee se mat neie Scholde dierft finanzéieren. Nei sozial Mesurë sollten awer nëmmen aus engem Excedent finanziert ginn, fir zukünfte Generationen duerch laangfristeg Engagementer net ëmmer méi opzehalen. Fir elo gutt dozostoen, ass ze kuerz geduecht. Mir müssen och un d'Generatiounen vu muer denken.

Elo wäerten d'Regierungsfraktiounen eis natierlech soen, an den Här Berger huet et och scho gesot: Am Verglach zum PIB geet d'Statschold zréck a mir sollten eis dach wannechgelift un déi international Norme vun der Statsschold am Verglach zum PIB halen.

Jo, an de Previsiounen vun der Regierung geet d'Statschold am Verglach zum PIB zréck, ënnert der Konditioun, datt d'Prognose vum Wuesstum vum PIB stëmmen, mat der Unnam, datt dës Prognosen anrieden. Dat ass awer, wéi ech virdru scho gesot hunn, wäit vu sécher, well aner Institutiounen de Wirtschaftswuesstum fir Lëtzebuerg ganz anescht aschätze wéi d'Regierung hei am Projet.

Dat heescht, d'Fro bleift op, ob net awer hei Politik fir haut op d'Käschte vun de Generationen vu muer gemaach gëtt. Do derbäi gëtt och nach verpasst, an enger Zäit vun niddregen Zënse de klenge Spuerer duerch d'Opmaache vu Statsobligatiounen fir d'Privatspuerer zumindest e marginal besseren Zënssaz ze of-fréieren, wéi se en aktuell op hirem Spuerbuch kréien, an dat mat der Garantie vum ganze Lëtzebuergeresche Stat derhannert. Dëst wier eng Méiglechkeet gewiescht, fir Kapital ze mobiliséieren, wat aktuell op der Bank schléift, während gläichzäiteg d'Käschte fir de Stat reduziert kéinte ginn an d'Zënse fir d'Spuerer steige kéinten.

De ganze Projet, deen hei virläit, huet ee roude Fue-dem, näamlech deen, datt mat der Géisskan iwwert d'Land gefuer gëtt, ...

► **M. Mars Di Bartolomeo (*LSAP*).** - Strenz!

► **M. Sven Clement (*Piraten*).** - ... fir jiddwerengem e klenge Kaddo ze maachen.

Lokalen Dialekt, Här Di Bartolomeo!

### (*Hilarité*)

Ech sot et awer och ewell a menger Ried zur Regierungserklärung: ...

### (*Interruption*)

Hei gëllt et opzepassen, datt et keng vergëft Kaddoe sinn. Sou seet d'Chambre des Salariés

beispillsweis ganz richteg, datt déi nei Mesure vu gratis Schoulbicher net d'Kierzung vun de Familienzoulagen ausgläicht.

### (*Interruption*)

D'Regierung gëtt also mat där enger Hand an hält mat där anerer!

D'nämlechte Klack och am Beräich vun der Betriebsbesteuerung. Wéi d'Chambre de Commerce richteg duerstellt, gëtt et engersäits nei Vergéischtegeungen, anersäits kënnt et zu engem « élargissement de la base imposable ».

An elo hunn ech hei nach nëmmen zwou offensichtlech Mesurë genannt!

Wat nach vill méi frappant ass bei der Analyse vum Budget, ass, datt ganz vill Iddien, déi d'Regierung an de leschte Méint avancéiert huet, wéi zum Beispill eng Steuerreform, déi d'Schafung vun enger eenzeger Steuerklasse zur Konsequenz soll hunn, hei guer net erwänt ginn. Och gi keng weider Moossname fir d'Ausgläiche vu sozialen Ongerechtegkeete genannt.

Dëse Budget setzt d'Jalone fir eng Rëtsch vu Mesuren, déi een direkten Impakt op all eis Matbiurgerinnen a -biurger wäerten hunn. An trotzdem vermësse mir als Piraten hei éischt reell Usätz, fir d'Regierungsversprechen an d'Realitéit ëmzesetzen. Villes gouf versprach a wéineg dovunner gouf bis ewell chiffréiert.

Heefeg gëtt drop verwisen, datt als Éischt nach Studie gemaach mussen ginn, grad ewéi wann dëselwecht Parteien net ewell fënnel Joer an der Regierung gewiescht wieren an dës Etüden net scho längst achevéiert kéinte sinn. Während an dësem Budget op Honnerte vu Milliounen verzicht gëtt, fir d'Betriebsbesteuerung reduzéieren ze kënnen, wat och néideg fir d'Kompetitivitéit ass, feelt et un engem gläichwäertegen Invest, fir géint d'wuessend sozial Ongläicheeete virzegoen.

Grad deen Dag, nodeem d'Salariatskummer an hirem Panorama social de Constat dresséiert, datt déi Ongläicheeete weider auserneeginn, hätt ee sech hei e bësse méi Akzenter an deem Thema kënnen erwaarden.

All dës Problemer ginn am Budget ganz wéineg thematiséiert. Et wier awer, an dat ass, mengen ech, en Haaptpunkt bei dësem Budget, e Verröt un de Biurgerinnen a Biurger, elo e Budget ze stëmmen, dee schonn defizitär ass, deen eis Marge de manœuvre hëlt, fir kënnen dann d'nächst Joer oder d'iwwernächst Joer ze soen: „Majo, dat, wat mer lech versprach hunn, kënne mer elo leider opgrond vun der budgetärer Situatioun net ëmsetzen. Spillraum fir weider Verbesserungen ass leider net méi do.“ Genee esou géif ee Politikverdrossenheet kultivéieren. An ech hoffe ganz staark, datt déi Marge de manœuvre, déi d'Regierungsfraktiounen bis elo hei avancéiert hunn, sech dann tatsächlech wäert esou erauskristalliséieren.

Ech deelen och der Statsbeamtekummer hiert Bedauern, datt net elo schonn Iwwergangsmesurë getraff goufen, fir de Steiersystem fir Elengerzéiend, Familjen, Wittfraen a Wittmänner méi gerecht ze maachen. Et hätt een net déi ganz Reform direkt misse maachen, mä éischt Mesurë jenseits vum Mindestloun wiere sécherlech vun deene Betreffenen immens begreisst ginn.

Soit! Villes hätt ee kënnen am Budget virgesinn, mä leider ass dëst bei kengem vun den ugeschwate Punkte bis elo de Fall. Si sinn am Budget net ze fannen. Neen, ganz am Contraire. De Budget reduziéiert duerch säin Defizit d'Marge de manœuvre fir zukünfteg sozial Mesuren a steierlech Entlaaschtungen. Grad puncto Steierbelaaschtung hätt mer eis gewünscht, datt hei d'Ausgabe méi equitabel

tëschent Betriber an och Privatpersounen opgedeelt gi wäeren.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen: « Gouverner, c'est prévoir. » Dat ass och esou een Ausdrock, deen ee ganz heefeg héiert, wann ee sech mam Budget beschäftegt. An eppes huet mech als neien Deputéierten erschreckt, näamlech déi wéineg Fiabilitéit vun den Zuelen, op deene mer hei operéieren.

De Statec selwer gëtt zou, datt mer immens Problemer hunn, de PIB am Moment ze berechnen. Gläichzäiteg maache mer Schätzungen. Mir maachen eng gewëssen Navigation à vue, well eis d'makroekonomesch Viraussicht feelt. Dat ass net e Feeler, well mer net déi lescht Jore probéiert hunn, déi Instrumenter ze schafen. Dat ass zum Deel op eis Situatioun als klengt Land an enger oppener Welt zréckzeféieren, zum Deel awer och dorobber, datt mer eis net nei Outilen, aner Outile vläicht ginn hätten, wéi d'Cour des comptes et proposéiert, wéi zum Beispill Irland et ëmgesat huet, wéi och de Statec et a verschiddenen Notte schonn thematiséiert huet.

Hei géif ech mer wënschen, datt mer fir déi nächst Budgetexercicë méi fiabel Donnéeën hätten, fir esou kënnen och besser ze plangen, besser virauszegesinn.

Här President, dës Regierung schwätzt vun Transparenz an Oppenheet. Si hält sech och nach drun, andeems se d'Présentatioun vum Budget online accessibel mécht, e grouse Progrès am Verglach zu Joren, déi zréckleien. Ech erënnere mech nach, wéi ech mer ganz Nuechten ëm d'Ouere geschloen hunn, fir aus deem kryptesche PDF vun der Steierverwaltung en Exceltableau ze maachen, fir en der Populatioun méi accessibel ze maachen. Ech si ganz frou, datt ech mer déi Aarbecht déi lescht Jore spueren konnt. Dofir felicitéieren ech do der Regierung, datt se op d'Pist vun engem méi oppene Budget gaangen ass.

Leider kommen déi gefuerdert Transparenz an d'Oppenheet um Niveau vum Gesamtbudget un hir Grenze bei de Spezialfongen. Bei der Dette publique a bei de Steiere feelt et, wéi ugeschwat, nach un Transparenz. An dat bemängelen net nëmmen ech, mä och d'Cour des comptes - mat hirem privilegierten Accès - huet an hirem Rapport notéiert, datt et heiansdo un Accès zu Donnéeën géif feelen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wa mir schonns bei Transparenz sinn, da muss een och uschwätzen, jo souguer fuerderen, datt de PSC an de PNR net nëmmen an der Chamber virgestallt solle ginn, mä och duerch e Vott approuvéiert sollte ginn. Sou kéint een en zousätzlechen Debat iwwert dës Projekte virun hirer Transmissioun op Bréssel erméiglechen an esou d'Roll vum Parlament an och d'Demokratie am Ganze stäerken.

Duerch de verréckelte politesche Kalenner behandle mir déi véier Dossieren, de Statsbudget, de Pluriannuel, de PSC an de PNR, - ganz vill - haut, zesummen an engem gemeinsamen Debat. D'Piraten géifen eis hei méi Méiglechkeete wënschen, fir op déi eenzel wichteg Komponenten anzegoen a fuerderen dofir, datt d'Chamber och fir de PNR an de PSC de Pouvoir kritt, e Vott ofzegi respektiv zumindest en Debat dozou ofzehalen.

Deementspriedend, aus deem Grond, Här President, deposéieren ech lech och hei eng Motioun, déi d'Regierung invitéiert, fir an Zukunft de PSC an de PNR matzäiten, zesumme mat enger Demande, fir en Débat de consultation ze organiséieren, der Chamber zouzustellen, fir esou en demokrateschen Debat an enger ëffentlecher Séance ze erméiglechen.

## PÉTITION ORDINAIRE

La pétition est une demande d'un particulier ou d'un groupe de particuliers à la Chambre des Députés en vue de provoquer une décision à leur avantage ou en faveur de la cause qu'ils défendent. Les pétitions sont adressées au Président de la Chambre qui les renvoie soit à la Commission des Pétitions, soit aux commissions saisies d'un projet ou d'une proposition de loi à laquelle la pétition se rapporte, ou en décide le dépôt sur le bureau de la Chambre. La Commission des Pétitions décide, suivant le cas, soit de les renvoyer à un ministre ou à une autre commission de la Chambre, soit de les déposer sur le bureau de la Chambre, soit de les classer purement et simplement.





## Motion 1

La Chambre des Députés,

- vu le traité sur la stabilité, la coordination et la gouvernance au sein de l'Union économique et monétaire ;

- vu la procédure de présentation du programme national de réforme (PNR) et du programme de stabilité et de convergence (PSC) au sein de la Chambre des Députés ;

- vu l'avis de la Cour des comptes du Grand-Duché de Luxembourg sur le projet de loi 7450 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2019 et le projet de loi 7451 relatif à la programmation financière pluri-annuelle pour la période 2018 à 2022 ;

- déplorant que ni le PSC ni le PNR fassent en soi l'objet d'un débat de consultation dans la Chambre des Députés avant leurs parachèvements ;

- considérant que la Chambre des Députés représente le pays et les citoyens luxembourgeois,

invite le Gouvernement

- à organiser à partir de l'année 2020 annuelle-ment un débat de consultation selon l'article 93 du Règlement de la Chambre des Députés au sujet du programme national de réforme,

- à organiser à partir de l'année 2020 annuelle-ment un débat de consultation selon l'article 93 du Règlement de la Chambre des Députés au sujet du programme de stabilité et de convergence.

(s.) Sven Clement.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, während am Budget engersäits wichteg Poste feelen, fanne mer anerersäits bei deene verschiddenste Ministären, vun der Aussepolitik iwwert d'Finanze bis hin zum Wirtschaftsminis-tère, awer eng ganz Rëtsch Posten, déi sech widderhuelen an déi bedauerlecherweis nach ëmmer net einfach zesummenzerechne sinn.

Ech denken do engersäits un déi ganz Budgete fir d'Promotioun vum Image vu Lëtzebuerg an der Welt, och deelweis e Budget Nation Branding genannt, wou d'Press jo och schonns d'Fro opgeworf huet, ob hei net deelweis vun eenzelne Ministère probéiert gëtt, fir och selwer emol kënne Subsidien ze verdeelen.

D'Fro vun der Dimensioun vun der Transparenz stellt sech och am Hibleck op de Poste fir d'Frais d'experts et d'études, déi bei bal all Ministère existéieren, Ausgaben, déi am Ganze 25 Milliounen am ganze Budget ausmaachen. Ech kommen op déi Zuel, andeem ech mech dohin-nergesat hunn an tatsächlech bei all Ministère, bei all Soussektioun dee Posten erausgesicht hunn an en op der Hand zesummegerechent hunn. Ganz esou einfach ass dat nach ëmmer net, trotz där neier Transparenz vum Budget.

Hei kéint ee sech erwaarden, datt een an Zukunft e bësse méi transparent mat deene Chifferen ëmgeet an eventuell och nei Visualiséierungen um Site vum Budget géif virgesinn, fir no Code-fonctionnellen zum Beispill ze gruppéieren.

Här President, et ginn natierlech och e puer positiv Punkten am Budget, déi ech dann och ervirsträiche wëll. Méi Geld fir de Sport ass bei-spillsweis richteg an noutwendeg. D'Resultater vun de leschte Joren hu gewisen, datt eng Pro-fessionaliséierung vun eise Verbandsstrukturen och zu bessere Resultater vun eise Sportler féiere kann.

Schonns laang Jore waren d'Jongen an d'Mee-dercher mam roude Léiw op der Broscht net méi esou erfollegräich wéi déi lescht Joren. Dës gutt Visittekaart vum Land sollt mir weider fër-deren, an dobäi ass dese Budget en éischten a wichtige Schrëtt. Do dernieft sollt mer grad beim Sport derfir suergen, datt moossbar Re-sultater och moossbar an de Finanzement vun de Veräiner afléissen. Et soll net eleng nom Géisskanepinzipp geschafft ginn. De Qualité+ (veuillez lire : De Subside qualité+) ass do eng Mesure, déi sécherlech gutt Jugendarbecht belount. A genau an déi Richtung sollt mer zesumme weider iwwerleeën.

Och d'Erhéijung vun den Ausgabe fir d'Ent-wécklungspolitik ass nëmmen ze begreifen. Nächst ass fir de Friden op der Welt méi wichteg, wéi jiddwerengem eng Perspektiv am Liewen ze erméiglechen, jiddwerengem Zou-gang zu Waasser an Energie ze garantéieren a generell de Liewensniveau vu jiddwerengem unzehiewen. Fluchtursaache bekämpft een net mat véier Milliounen fir Frontex op den EU-Baus-segrenzen, mä mat konsequenter Entwéck-lungshëllef um Terrain.

Hei géllt et opzepassen, datt mer kohärent Poli-tik maachen an net inkohärent engersäits mat wichteger Entwécklungspolitik Fluchtursaache bekämpfen, während mir gläichzäiteg duerch

d'Finanzéierung vu beispillsweis GovSat, dee fir den Dronekrich benotzt ka ginn, nei Fluchtur-saache schafen.

Virum Hannergrond vun dëser Inkohärenz froe mir Piraten eis, ob hei net d'Entwécklungspoli-tik benotzt gëtt, fir eisen Image, deen duerch eis Oprüstungspolitik däischter Flecke kritt, wäisszewäschen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wann ech schonns vu Kohärenz schwätzen, da kommen ech och net derlaanscht, iwwert de Mangel u Kohärenz an der Politik vum Wun-nengsbau ze schwätzen. De Logement ass e Käruleies vun de Biergerinnen a Bierger a misst deementspriedend e Käruleies vun der Politik sinn. Mat bal zweestellegem Wuesstum vun der Valeur pro Joer ass den Immobiliemaart den Jackpot fir déi eng an en Hamsterrad fir déi aner.

Während aner Ministère wéi Mobilitéit, Travaux publics, Ëmwelt a Klima Budgete kréien, déi un d'Gravitéit vun de jeeweilegen ze traitéierende Situatiounen ugepasst sinn, ass de Budget fir de Logement onkreativ an net erfollegsver-spriedend. Et géif eis erstaunen, wann d'Loge-mentspolitik mat dësem klenge Budget méi wéi nëmmen eng Drëps op de waarme Steen géif fäerdegbréngen.

De Logementsproblem schéngt eng waarm Gromper ze sinn, déi vu Minister zu Minister, vu Legislatur zu Legislatur ëmmer just weider-gerecht gëtt, ouni datt sech wierklech eppes deet.

Wa mir e méi soziaalt a gerecht Lëtzebuerg wëllen, wou d'Chancen, en adequaten Daach iwwert dem Kapp ze hunn, net dovunner ofhänken, a wéi enger Famill ee gebuer gëtt an ob de Bopa Terrainen hat oder net, da muss massiv an de locative Wunnengsbau investéiert ginn. Datt dëst op laang Vue och nach e Ren-dement fir de Stat kéint generéieren an esou de Budget mëttel- a laangfristeg ausbalancéiere kéint, dierf een dobäi net vergiessen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, erlaabt mer och nach, e puer Momenter beim Thema vun der Kohärenz ze bleiwen an nach e weidert Beispill fir d'Feele vun dëser ze ginn. Mir schwätze vill vun der Diversifikatioun vun der Lëtzebuerge-scher Economie. Certes goufen eng Rëtsch Me-surë geholl, fir d'Economie ze diversifiéieren. Leider spigelt sech dat nach ëmmer net bei de Recettë vun der Steierverwaltung erëm. Ganz am Contraire geet d'Part vum Finanzmarché, a ganz besonnesch vun de SOPARFlen, un de Re-cettë vum Stat ëmmer an d'Luucht an en Enn ass net en vue.

Mir brauchen also och an Zukunft keng Politik, déi zwar ewell de Brëfboitten Addi gesot huet, déi awer nach ëmmer vill ze vill op Béton a Glas setzt. Wa mir kohärent an eise politeschen Entscheedunge wëlle sinn, da muss mir de kli-mateschen Impakt vun all eise Wirtschaftsaktivi-téite moossen a berücksichtegen.

Eng Pist heibäi kéint et sinn, fir generell e Bilan opzestellen, wéi eng Aktivitéite wéi een Impakt op d'Klima an d'Ëmwelt hunn, fir esou d'Aktivi-téite mat enger héijer Valeur ajoutée a propor-tional geréngem Impakt op d'Ëmwelt konkret ze fërderen.

Här President, an der Regierungserklärung gouf vill vun de Chancë vun der Digitaliséierung ge-schwat an et goufen och Pisten opgewisen, wéi duerch en intelligenten Asaz vun neien Techno-logien d'Käschte vum Stat kéinte gesenkt ginn.

Dir verstitt dann an deem Kontext mäin Erstaun-en, wéi ech am Budget bei der Steierverwal-tung gesinn hunn, datt d'Käschte fir Pabeier a Bréiwer sech verduebele wäerten. Gläichzäiteg liesen ech haut op RTL, datt d'Police op Face-book d'Biergerinnen an d'Bierger driwwer muss a Kenntnis setzen, datt elektronesch Park-scheiwen ënner Poursuite pénale verbuede wä-ren. D'Digitaliséierung géllt also wuel nëmme fir déi grouss Linnen, am Detail gëtt se seelen duerchdekliniéiert. Kohärenz gesäit anescht aus an eng erfollegräich Digitaliséierungspolitik och.

Hei stellt sech zudeem jo dann och d'Fro, ob dës kleng Beispiller nëmmen e puer vu ville sinn, oder ob et sech vläicht och nach op anere Plaze widderhëlt, wou et awer just vläicht ver-deckt mat anere Posten durchgewonk gëtt.

Beim Thema Digitaliséierung si mir och bei engem vun eisen historesche Kärthemen. Wéi gestalte mer d'Zukunft an enger Gesellschaft, déi ëmmer méi digital gëtt? Wou eng Dekon-nexioun technesch deelweis guer net méi méiglech ass, well soss Haushaltsgeräte, den Auto oder souguer Gaardegeräte net méi fonctionnéiere wëllen?

Den honorabele Budgetsrapporteur André Bauler huet heizou eng ganz Rëtsch vu Schlag-wierder zitéiert an deelweis definéiert, ouni dës awer an engem konkrete Plang ze encadréie-ren.

Mir brauchen eng Politik, déi d'Digitaliséierung als Chance fir eis Zukunft begräift, ouni awer an enger Opbrochstëmmung all Bedenken iwwer Bord ze werfen. Zu wat et féiert, wann ee seng Angschten an d'Netverstoe vun der digitaler Welt iwwert d'Chancë vun neien Tech-nologië setzt, weisen d'Diskussiounen iwwert d'Droits d'auteur an d'Upload-Filteren, ëm falsch verstane Risiken an onentdeckte Chan-cen.

D'Digitaliséierung zu Lëtzebuerg, léif Kolleeginnen a Kolleegen, muss op allen Niveauen duerchdekliniéiert ginn, ouni awer Mënschen, deenen déi néideg Kenntniss feelen, ze pena-liséieren. Mir brauchen och weiderhin d'Méig-lechkeet, datt jiddwereen, dee kee Webbanking benotzt, seng Bankgeschäfte an enger Agence maache kann, ouni zousätzlech Fraisen an onofhängeg vu sengem Alter. Dofir dierfe mir bei der Digitaliséierung och net nëmmen op d'Formatioun vu Jonke setzen, mä mussen dës och duerch Mediekompetenztraininge fir all Alterstranche kompletteieren.

Dir Dammen an Dir Hären, d'Digitaliséierung op allen Niveauen duerchzedeklinéieren heescht, datt mir net nëmmen eng Bëtons- a Kabelpolitik promouvéiere sollten, wou mir iwwert d'Baue vun Datenzentren, neie Fiber-Kabeln a weideren Infrastrukture schwätzen. Mir brauchen en Debat iwwert d'Valeur ajou-tée, déi een duerch déi Servicer op Basis vun dësen néidegen Infrastrukture schafe kann. Do-fir brauche mir e konsequente Realignment vun eiser Digitaliséierungspolitik hin zu engem Stat, deen eng Plattform offréiert, fir privaten Initiativen ze erméiglechen, genee dës Valeur ajoutée zu de Basiservicer, déi vum Stat of-fréiert ginn, ze leeschten.

Den Internet ass net zu deem ginn, wat en haut ass, well d'amerikanesch Regierung dee-mools den ARPANET zougehalen huet, mä well eng Interkonnexioun vu virera gewünscht a souguer gefërdert gouf.

Wien ernënnert sech nach un déi zoue Reseau wéi MSN, AOL oder, nach méi wäit zrëck, un de Minitel an de Bildschirmtext vun der däit-scher Bundespost? Genee, dës Reseauen hu géint den Internet verluer!

► **M. Charles Margue** (*déi gréng*).- Ech kennen déi.

► **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Dat freet mech, Här Margue, datt Der lech dodrun erën-nert. Mä se hu géint den Internet verluer, well et zoue Reseauen waren. Et ware Reseauen, wou een net konnt iwwergräifend sech domat ver-netzen. A genauso wäerten Ekonomien an Zu-kunft verléieren, déi e Repli op sech selwer maachen a sech esou verschléissen.

Mir brauchen also eng oppen Economie mat engem oppene Stat, dee keng nei Monopoler, wéi zum Beispill a Form vu LuxTrust, schafft. Mir brauchen dofir awer och net nëmmen d'Plattform, mir brauchen och gutt ausgebilte jonk a manner jonk Leit um Aarbechtsmarché, déi verstinn, dës Chancen ze notzen.

Här President, ech kommen nach ganz kuerz op een Thema ze schwätzen, dat eis alleguerte beschäftegt an zu risegen Demonstratioune vu Jonke queesch duerch Europa gefouert huet: de Klimawandel.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, e Lëtzebuerge-sche Budget ass sécher net d'Plaz, fir eleng d'Welt ze retten. An trotzdem hätt ee sech e puer Akzenter méi kënnen erwaarden, fir dem Klimawandel entgéintzetrieden.

Jo, de Klimawandel ass eng Urgence a mir kënnen net waarden, bis et nach méi schlëmm gëtt, ier mer handelen. Dofir geet et awer net duer, iwwer een oder zwee Cent um Bensinns-präis ze schwätzen. Dës Mesure, déi zu engem groussen Deel professionell Transporteuren trifft an domadder e Verkéiersopkommes, dat mer brauchen, fir eis Economie um Dréien ze halen, ass am grössere Kontext vun de rezente Präishaussë vum Pétrol näamlech éischter reng symbolesch.

Mir müssen iwwer konsequent Investitiounen an ëmweltfrëndlech Energie schwätzen, well, wéi et ausgesäit, verpasse mer aktuell eis Ziler fir 2020, an dat net ze knapps.

Do dernieft muss mer och an Zukunft iwwer Alternativen zu ëmweltbelaaschtenden Aktivi-téiten nodenken. Ech sot et an ech widderhuelen et och nach eng Kéier: Eng Politik, déi reng op Infrastrukture setzt an net genuch op d'Va-leur ajoutée vun den Alternativen, dréit mat zu engem klimaschiedleche Wuesstum bäi.

Hei hätt ech mer nei Pisten, jo couragéiert Pis-ten erwaart, déi eng kloer Sprooch schwätzen an duerstellen, wéi Lëtzebuerg sech en vue vun den Challenge vum Klimawandel positionéiere soll.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir hunn als Piraten d'Regierungserklärung matgedroen, well vill gutt Iddien an dëser

skizzéiert goufen a mer der Regierung deem-entspriedend e gewëssene Vertrauensvirschoss wollte ginn.

(*Interruption*)

De Budgetsprojekt ass elo déi éischte Kéier an dëser Legislatur, wou de Regierungsprogramm mat der haarder Realitéit vun der Finanzmathe-matik konfrontéiert gëtt. An do gesi mer, datt villes, wat an der Regierungserklärung stoung, weder am Budget nach direkt am Pluriannuel virgesinn ass.

Ech sot et haut ewell: Et feelee Pisten fir eng Steuerreform, déi elengerzéiend a verwitwet Persounen entlaascht. Et feelee kohärent Pisten fir d'Digitaliséierung, déi iwwer e rengt Mandat vun der Simplification administrative eraus-ginn ...

(*Interruption*)

... a Lëtzebuerg fest als First Mover am 21. Jor-honnert verankeren.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dat gesot, ginn ech d'Hoffnung net op, datt d'Regierung hir Versprechen aus dem Regie-rungsprogramm nach aléise wäert. D'Legislatur huet jo nach e puer Joer.

► **Plusieurs voix**.- Aah!

► **M. Sven Clement** (*Piraten*).- A wann déi gutt Proposen aus dem Koalitiounsaccord dann och iergendwann hiren Nidderschlag an engem Budget fanne sollten, da wäerte mer dese selbstverständlech nees unhand vu senge Meritte moossen an dann hoffentlech zu enger anerer Konklusioun komme wéi haut.

En vue vun dësem defizitäre Budget wäert et awer schwéier ginn, fir eng weider Marge de manœuvre ze schafen, fir an Zukunft déi drén-gend néideg Reformen ze finanzéieren, déi am Regierungsprogramm skizzéiert goufen.

Grad dofir hätt ech mir jo en anere Budget gewünscht, e Budget, bei deem ee keng nei Scholde fir Transfere gemaach hätt an d'Marge vum Excedent vun 2018 genotzt hätt, fir Inves-titiounen ze maachen, déi u Valeur gewonnen hätten, oder fir Scholden zrëckzebezuelen, fir esou eis Zënsbelaaschtung ze reduzéieren.

Leider ass dëst awer aktuell net de Fall. Esou läit de Ball elo bei der Regierung, fir der Chamber an de kommende Joren, ufänkend am Hierscht vun dësem Joer, e Budget ze proposéieren, deen hiren urspréngleche Visiounen a Verspie-che méi gerecht gëtt. Deementspriedend kënne mir de Budget haut a muer net mat-droen.

Ech soen lech awer villmools Merci fir d'No-lauschteren.

(*Interruption*)

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci vill-mools, Här Clement. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här David Wagner.

(*Interruption*)

Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- Merci, Här President. Här President, mir sinn elo an engem Joer, wou ganz geschwënn, an engem Mount, e bësse méi, d'Europawahle stattfannen. An dofir wëllt ech och direkt mam europapoli-tesche Volet ufänken, dee Kader, an deem mer eis jo och bewegen. An do mengen ech dee faméisen OMT, also den Objectif à moyen terme. Ech mengen, datt een ëmmer erëm muss erklären, wourëms et do geet, wat sech hannert deene Wieder verstoppt.

Lëtzebuerg ass Member vun der Europäescher Unioun. A wéi all EU-Land muss Lëtzebuerg fir eng gewësse Period, dës Kéier vun 2020 bis 2022, en OMT, dat heescht e Solde structurel fir seng Administratioune festleeën. Bis elo louch e bei minus 0,5 %. Dat heescht, d'Regie-rung hat d'Erlaabnis, en Defizit vu maximal 0,5 % beim Sold vun der Administratioun ze maachen.

Aneschtens wéi awer ganz oft behaupt gëtt, ass e Stat net gläichzestelle mat engem Stot, a be-stëmmt net an der Economie. Wann ech mech verscholden, wann iergendee sech verscholt, e verdéngt 3.000 Euro de Mount an e gëtt all Mount 3.100 Euro aus, da kritt en e gewëssene Problem an iergendeng Kéier ríft d'Bank un. Wéi ech méi jonk war, hunn ech dat och eng Kéier versicht, a si hu mer erkläert, datt meng keynesianesch antizyklesch Politik sech op mech net géif esou richteg auswierken. Dat hunn ech och ganz schnell verstanen. E Stat awer fonctionnéiert aneschtens. E ka sech ver-scholden, e kann investéieren an doraus er-entstinn erëm Benefisser.

Bis elo louch also dee Sold bei minus 0,5 %. Elo kënnt awer déi Annerung fir d'Period 2020-2022, an dee Sold, dee soll ëm e ganze Pro-zent eropgehewe ginn, dat heescht op plus 0,5 %. Dat ass eng verréckt Situatioun, well





domadder schränkt de Stat sech ganz staark an, fir kënnen ze investéieren, a geet lues a lues a Richtung Austeritéit. Dat alles natierlech och, fir dee ganze Stabilitéitpakt vum Euro ze garantéieren, deen d'Staten, zemools déi aus dem Süden, ëmmer méi an hiren Investitiouns-capacitéiten aschränkt.

Här President, wann iwwer Europa geschwat gëtt, a leschter Zäit ass dat jo erëm oft de Fall, da gëtt et engersäits Sonndesrieden iwwert d'EU, wéi wichteg dee ganze Projet ass, an dann hu mer d'Realitéit, déi sech och hei zu Lëtzebuerg nidderschleift weider a Richtung Austeritéit.

Dann däerf ee sech och net wonneren, datt d'Leit sech net op d'Sonndesrieden iwwert d'EU aloossen. An do hëlleft och net, datt déi grouss traditionell Parteien a leschter Zäit soen, d'EU wier zwar net perfekt, dat gi se och zou, mä et géif net aneschtens goen. An do hëlleft och kee fräien Europadag. D'Fakte si stur, net d'Parolen. An d'Fakte schäfe Realitéiten.

## (Interruption)

Dofir, all Kéiers, wann ech déi Sonndesrieden héieren, déi vu Solidaritéit schwätzen an der EU - an ech géif mer wënschen, datt dat Realitéit wier, mä dat ass eben net de Fall, a souguer déi heite Regierung beweist dat jo och -, all Kéiers, wann ech déi Sonndesrieden héieren, déi net nëmme sonndes gehale ginn, dann denken ech un e Lidd vum Dalida a vum Alain Delon - ech zitëiere fir eng Kéier emol net de Karl Marx -, dat « Paroles, paroles » geheescht huet.

► **Une voix.** - Sangt eis et!

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- Ech sangen et léiwer net. Ech hu vill ze vill Respekt virum Dalida. « Caramels, bonbons et chocolats. [...] Merci, pas pour moi, mais tu peux bien les offrir à une autre qui aime le vent et le parfum des roses. »

An dat ass e bëssen esou den Androck, deen een huet, wann een déi offiziell Rieden iwwert d'EU héiert.

Dobäi si mer an enger Situatioun, wou déi ëffentlech Finanzen ganz an der Rei sinn an all déi bluttnoutwendeg Investitiounen deelweis këinten ermëglichen. Well mir brauchen och staark Service-publicken! D'Madamm Lorsché huet dovunner geschwat. Et ass wichteg, Service-publicken ze hunn an datt d'Service-publicken och an ëffentlecher Hand bleiwen.

Ech hoffen, datt déi gréng dat och iergendeng Kéier verstinn an dat, zum Beispill wat den Tram ugeet, och realiséieren an aus dem Tram och iergendeng Kéier en Établissement public maachen, well mir hu jo grad e Sozialkonflikt, wéi d'Madamm Lorsché gesot huet, wa mer keng Service-publicken hunn, wa mer privat Gesellschaften hunn. Dat ass e gutt Beispill. Maacht dat! Verännert d'Sociétéit Tram a maacht et an engem Établissement public, da gëtt et vill besser fir d'Usageren a fir déi, déi do schaffen.

Här President, fir ze investéieren, brauch ee Recetten. An ech mengen, do si mer virun enger geféierlecher Situatioun. D'Recetté vum Stat risikéiere mat Dauer ewechzeschmëlzen.

Obwuel d'Steiere fir d'Betriben hei zu Lëtzebuerg bäi Wäitem net esou héich leien, wéi se am EU-Duerchschnitt sinn, an alles cumuléiert mat de Cotisations leie se och méi déif wéi an eisen Nopeschlänner, geet d'Regierung hin, ouni Grond, a wëllt de Steiertaux vum IRC, deen elo scho relativ déif op 18 % läit, op 17 % erofsetzen. An dat den affichéierten Taux. Mir schwätzen elo net vum reellen, deen déi grouss Konzernner ugeet, déi eendeiteg manner bezuelen.

Am Kader och vum BEPS-Prozess soll jo d'Assiette imposable vun de Betriben ausgedeeent ginn. An dofir gëtt jo och deen Taux erofgesat. Ma firwat? Ma ganz einfach, fir d'Erweiderung vun der Assiette imposable domadder ze kompenséieren. Dat heescht, datt d'Benefisser vun de Betriben weiderhin net vill besteiert ginn.

Niewebäi gesot: Wie mengt, datt d'Betriben dowéinst méi investéiere géifen, deen iert sech! Déi Benefisser fléissen zum groussen Deel an d'Tasche vum grösseren Patronat, ouni datt d'Gesellschaft eppes dovunner hätt.

Wien dréit am meeschten dozou bäi, datt de Stat finanzéiert gëtt? Ma d'Aarbechter, d'Salariéren, d'Independanten, also all déi Leit, déi schaffen. D'Besteuerung vun de Salären dréit eendeiteg méi zum Finanzement vum Stat bäi. Vun 2017 op 2018 sinn d'Recetten op d'Salären ëm 7,6 % eropgeklommen. An an deem Budget wäerte se nach weider klammen, op 11,2 %.

Am Kloertext: Déi schaffend Leit droen zu 55 % zu de Recetté bäi. An eis grouss Firmen, déi mer hei hunn? An all déi riseg Benefisser, déi hei erwirtschaft ginn? Majo, nach nëmmen zu engem Drëttel! A si sinn och nach ëm 5 % erfogaangen.

Mir sinn also an enger Situatioun, wou de Logement ëmmer méi deier gëtt an ëmmer méi Leit sech eng modest Wunneng net méi leeschte kënnen - zemools déi méi jonk -, wou den Armutsrisiko klëmmt, och wann ee schafft, wou de Chômage erëm ugefaangen huet ze klammen, wou Kuerzzäitkontrakter sech generaliséieren, zemools bei deene Jonken, wou d'Studenten, zemools déi, déi am mannsten hunn, u Statshëllef verluer hunn, a wou d'Familljen, zemools déi, déi méi wéi ee Kand hunn, Geld verluer hunn, wou awer massiv an den Transport, an de Logement, a Crèchen, a Schoule misst investéiert ginn. An dofir mussen haaptsächlech d'Bierger an net déi vill Profitter vun de Betriben opkommen. Dat ass eng ongerecht Situatioun, an déi eis dës Regierung bruecht huet.

Här President, jo natierlech, déi heite Regierung investéiert. An de Stat kënnt net derlaanscht, ze investéieren, vu datt de private Maart ganz wéineg investéiert, trotz Steierkaddoen, déi sech unhäufen. Déi haiteg Regierung mécht de Betriben ëmmer méi Kaddoen.

A wat geschitt mat de Suen, déi se geschenkt kréien? De leschte Bericht vun der Europäescher Kommissioun - elo zitëieren ech déi emol eng Kéier - beleet et: Den Investitiounstaux vun de Betriben läit elo ënner 11 % vun eisem PIB. Dat ass eng vun de schlechteste Performancé vun der ganzer Europäescher Unioun. An dobäi si mer e Steierparadäis fir d'Grousskapital, awer net fir déi normal Leit natierlech. An en plus, déi normal Leit - mir - mussen fir d'Investitiounen opkommen. An dobäi ass et jo och net esou, wéi wa mer keng Investitiounen bräichten, an dat an zwee Beräicher, zum Beispill an de Logement.

Wann een elo e bësse vergläicht, wat erauskennt, da louche mer 2018 bei 80.900.000 Euro, an elo fir 2019 bei 89.760.000 Euro, dat sinn also e bësse méi wéi 10 % méi. D'SNHBM klëmmt zwar, mä dat ass eng SA, zwar mat 100%egem ëffentleche Kapital. De Fonds du logement an d'Gemengen, wat wierklech déi ëffentlech Promoteure sinn, kréien awer net esou vill Suen a manner Suen zur Verfügung.

Engersäits bestätegt dat eppes, wat scho gewosst war: D'Gemenge baue ganz wéineg a bäi Wäitem net genuch ëffentlech Wunnengen. Et ass heiansdo och net onbedéngt hir Schold. Dofir brauch de Stat och déi Aiden net ausbezuelen.

Dat wësse mer scho laang. Et ass och all Joers déiselwech Debatt. Mä et geschitt näischt. An och bei dëser neier Regierung hu mir bis elo nach näischt doriwwer héieren, datt sech do eppes géif bewegen.

Anerersäits wësse mer och, datt de Fonds du logement vill ze mann baut, och wann elo déi nei Direktioun, d'Presidence versicht, Progressen ze maachen. Mä et ass och nach ëmmer net bedarfsgerecht, well nach ëmmer vill ze vill fir de Verkaf virgesinn ass. Mä dat soll sech jo och änneren. Dat soll sech jo änneren.

Dernieft besteet den Terrainsproblem, wéi et d'Etüd vum LISER bewisen huet. Ëffentlech Promoteure wéi de Fonds du logement oder och d'Gemengen hunn net genuch Terrainen a brauchen och hei Mëttele, fir drunzekommen, zum Beispill fir vum hirem Virkafsrecht Gebrauch ze maachen, well souguer bei Entegnunge gëtt et jo e Präis ze bezuelen.

Wéi ee Signal gëtt also hei gesent, wann de Fonds du logement manner Geld kritt? Dat heescht jo a kengem Fall, datt méi gebaut gëtt, obwuel den Output vum Fonds elo schonn zimlech trist ass. An et heescht och net, datt elo eng Offensiv an der Terrainsbeschaffung soll gestart ginn.

Bei der Subvention loyer sinn d'Kritären, fir iwwerhaapt an de Genoss vun der Subventioun ze kommen, zwar erlichtert ginn, mä trotzdem huet et keen Impakt op d'Demanden. Et ass net nëmmen dat falscht Instrument, dat hate mer schonn deemools gesot bei der Schaffung vun der Subvention loyer, mä et ass och nach schlecht ëmgasat an dréit der Realitéit vun de betraffene Leit guer net Rechnung. Et muss een zum Beispill dräi Méint regelméisseg Revenue virweise kënnen, fir dat ze kréien. Mä och en Deel vun deene betraffene Leit kënnen dat oft net.

Dernieft ass de Revenu d'exclusion ze niddreg ugesat. D'Loyerspräisser sinn esou héich, datt och Leit mat mëttlerer Revenue vill ze vill belascht ginn duerch déi Loyerspräisser.

A beim Prêt climatique si Leit, déi eng Wunneng renovéiere wëllen an déi d'Revenuskritären an deem Gesetz erfüllen, entweder net Propriétaire vun hirer Wunneng oder awer wëlle sech trotzdem net bei enger Bank verschäiden, well eng Schold ëmmer e Risiko ass a virun allem well se, och dann, wann de Stat d'Zësen iwwerhëlt, d'Suen net hunn, fir esou e Montant all Mount kënnen ze remboursséieren. Meeschtens hunn déi Leit aner Suergen.

An dat hat och eng vu menge Froen virun de leschte Wahlen bewisen, déi opportunistesche no de Wahlen beäntwert gouf, well d'Ziele jo bewisen hunn, datt dee Prêt climatique u sech e Schlag an d'Waasser war.

En zweete Punkt, wa mer schonn dobäi sinn, bei der Ëmwelt. Nieft de soziale Spannungen an dem Logement ass de Klimawandel déi gréissten Erausforderung vum Land a vun der Welt. An och hei steet de Budget a kengem Verhältnis zur Urgence, mat där mer konfrontéiert sinn. Et geet net just drëms, bis zu engem gewëssenen EU-Stéchdatum iergendeng Pourcentagen un erneierbaren Energien oder un Energieeffizienz virweisen ze kënnen, déi een dann och nach mat Hëllef vu statistesche Spillereien erfëllt.

Et geet drëms, esou schnell wéi nëmmen iergendwéi méiglech d'Energietransitioun ze meeschten, dat heescht, esou schnell wéi méiglech vum Pétrol lasszekommen. A fir déi Erausforderung ze meeschten, esou schnell wéi méiglech ze meeschten, muss de Stat sech déi néideg Moyene ginn. Dat erfuerdert e staarken nationalen Engagement, eng gemeinsame Ustrengung, déi ee ganz kloer muss am Budget ermëffnen, net just e puer Subside fir de Privatsektor, déi hei an do minimal erhéicht ginn.

De Stat muss sech d'Moyene ginn a selwer aktiv ginn, amplaz op iergende Wonner vun der Privatwirtschaft ze hoffen, dat ni komme wäert, wéi dat meeschtens mat de Wonner de Fall ass. E muss d'Energieversuergung an d'Infrastrukturen erëm an d'Hand huelen a kloer ausrichten. E muss e strenge legislative Kader opstellen, deen d'Entreprise an d'Flicht hält, an e muss d'Biergerinnen an d'Bierger mat abannen, fir deen ekologeschen Iwwergang sozial verträaglech an am Interessi vun all Mënsch ze packen.

Dës Regierung schwätzt stänneg vun der grousser Erausforderung, déi de Klimawandel bedeit. Mä dës Budget weist, datt 2019 alt erëm e verluerent Joer ass fir de Lëtzeburger Klimaschutz.

Par contre - well dat war jo e grénge Ressort - muss een awer soen: „Gréng wierkt“, op jidde Fall, wat d'Arméi ugeet!

## (Interruption)

Dofir, et wier och falsch ze soen, et géif een an deem Budget keng gréng Handschrëft ermëffnen. Dat wier net fair! Dat wier net fair!

Bon, dat fënnt een net an der Ëmwelt erëm, mä ëmmerhin an der Arméi, an déi huet jo och eng gréng Faarf. An do gesäit ee wierklech de gréngen Impakt.

## (Interruptions)

An ech muss zouginn, Här President, wéi mer matkritt hunn no de Koalitionsverhandlungen, datt déi gréng d'Arméi géifen iwwerhuelen, do hu mer intern de Geck gemaach a gesot: „Déi wäerten elo Solarzellen op d'Diecher vun der Kasär setzen.“ Mir hunn dat wierklech esou gemaach.

## (Brouhaha)

A kuerz drop tatsächlech - kuerz drop tatsächlech! - erkläert de grénge Krichsminister ganz mat Stolz, datt d'Kasär Solarzelle kritt!

## (Brouhaha)

Et ass schued, et ass wierklech schued, datt de Feierkrop net méi existéiert.

## (Brouhaha et interruption par M. Henri Kox)

Dee feelt eis wierklech, well déi gréng hunn e schlussendlech ersat: vun der Satir zur Realsatir. A mir waarden op déi nächst Errungenschaft vun der grénger Arméipolitik. Mä mir hoffen nëmmen, datt se net op d'Iddi kommen, „Biowaffen“ anzesetzen, well dat wier wierklech eng ganz schlecht Iddi. Passt ganz gutt op!

A wierklech, ech mengen, déi gréng Kollegee mussen oppassen, well fir an där Regierung do ze fungéieren, hu se e Prêt gemaach, dee se net esou einfach wäerten zréckbezuelen kréien, an dat och ouni Zësen. Mä, wéi gesot, déi gréng investéieren an d'Arméi, an dat kuerz nom Ouschtermarsch, wou déi gréng och matmarschéiert sinn.

Zënter 2017 ginn d'Militärausgaben ëm 40 Milliounen pro Joer erop. 2019 wäerte se bei 365 Milliounen leien. 2020 wäerten déi gréng 410 Milliounen fir d'Arméi ausginn. An dat soll konstant an d'Luucht goen! Dat alles, well d'Ministère Bettel, Asselborn a Schneider um NATO-Sommet 2014 a Wales de Musterschüler spille wollten. An déi gréng danzen och deen NATO-Oprüstungsmarsch mat.

Ech mengen, iergendwéi kann een déi gréng Arméipolitik esou definéieren: Ouschtermarsch an de Parolen, Militärmarsch an de Fakten. Dobäi gëtt et de Leit ëmmer méi kloer, datt

d'NATO, déi versprach hat, sech nom Kale Krich opzeléisen, kee Friddensakteur op der Welt ass, mä eng krichsdreiwend Kraaft.

Elo, fir iwwerhaapt iwwert d'Prioritéit vun dëser Regierung ze schwätzen, fir ze vergläichen: Dës Joer gi mer 365 Milliounen aus fir Krichsmaterial, während de ganze Logementsministère grad emol 230 Milliounen kritt. An engem Moment, wou d'Leit sech keng Wunneng leeschte kënnen, gëtt dës Regierung méi Suen aus fir Krichsmaterial.

Wëlle mir eng Militärmuecht ginn? Dobäi war d'Argumentatioun vu Lëtzebuerg jo ëmmer, wann aner Länner eis kritiséiert hu wéinst eise Steiertricksereien, wéi den Här Asselborn seet, datt mir wéinstens keng Rüstungsindustrie hätten, net esou wéi déi Däitsch, net esou wéi d'Fransousen a souguer net esou wéi d'Belsch.

Mä elo soll d'Militärpolitik och en ekonomesche Poids kréien, wat och eng Gefor a villen Hisiichten ass, well wann een eng Krichsroll wëllt spillen, da gëtt een och eng Krichszilscheif. An dat, wat den Arméiminister Bausch weiderféiert, ass jo souwisou och vum Arméiminister Étienne Schneider ugestiwwelt ginn, y compris och dee komesche Projet de loi, op deen ech zwar elo net wëll agoen - de Marc Baum wäert dat bei enger anerer Geleeënheet nach kënnen maachen -, deen eis erlabe wäert, méi einfach, Militärinterventiounen ze maachen. Den Étienne Schneider, dee souwisou, dee Member ass an der LSAP, mengen ech, eng Partei, déi elo am Kontext vun den Europawahlen sech als Friddenspartei wëllt duerstellen.

Währenddeems elo bei de Gréngen erëm d'Spëtzekandidatin fir d'Europawahlen - zu Recht - aus Protest an NATO-Fluchhafen stiermt an op d'Gefore vun der Atomoprüstung opmierksam wëllt maachen, gëtt se vun hirem gréngen Arméiminister desavouéiert, deen an engems den héchste Militärbudget an der Geschicht vu Lëtzebuerg ze verantworten huet.

Här President, et däerf een eng Meinung hunn. Et däerf ee pro-NATO sinn. Mir si géint d'NATO. Mä et däerf ee pro-NATO sinn. Et däerf ee sech Illusiounen maachen. Et däerf ee fir militäresch Oprüstung sinn. Mä da soll ee sech iergendeng Kéier entscheeden. Wien A seet, soll och B maachen, well wann een dat net mécht, wéi nennt een dat, dat Wuert, wat ëmmer oft benotzt gëtt? Populismus, soss näischt!

## (Brouhaha)

A mir soe ganz kloer Neen zur NATO an Neen zu enger europäescher Arméi!

## (Interruption)

Här President, den Arméiminister ass jo och nach ëmmer Transportminister. An an deem Sënn muss hien och d'Gratuitéit vum ëffentlechen Transport ëmsetzen. Mir begrëssen déi Initiativ ëmsou méi, well eis Motioun am Kader vun de Budgetsdebatten hei virun zwee Joer zur Gratuitéit vum ëffentlechen Transport mat fadenscheinegen Argumenten vun der Regierungsparteien - dat sinn nach ëmmer déiselwech - verworf gouf.

Souwuel d'DP, déi et duerno als Wahlkaddo benotzt huet - mais pourquoi pas ? -, mä awer och déi gréng hunn dergéint argumentéiert. Dat sinn zwee Joer hier.

## (Interruption)

An ech ka mech nach erënneren, wéi den Här Bausch duerno am Owesjournal dat anoncéiert huet an der neier Regierung, all déi Virdeeler opgezielt huet, déi de gratis ëffentlechen Transport mat sech brénge géif, déi en u sech desavouéiert hat virun zwee Joer, déi mir bruecht haten!

## (Interruption)

Hien huet do wierklech mat der déifster Iwwerzeegung dat esou bruecht. An ech war amgaangen, mäi Püree ze maachen an der Kichen, an ech hu gestampft, a franchement ech hunn ëmmer méi haart gestampft, de Püree war ëmmerhi gutt. Dofir kann ech dem Här Bausch Merci soen.

## (Interruptions)

Mä ëmmerhi kouw Lëtzebuerg fir d'éischte Kéier positiv an den internationalen Norichten eriwuer.

## (Hilarité)

► **Une voix.** - Wie war dann am Dëppen?

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- A gesitt Der, gesitt Der, ...

## (Interruption par M. Mars Di Bartolomeo)

Oh, ech soen lech léiwer net, u wien ech geduecht hunn. E war awer gutt.





Mä gesitt Der, also et kann een Nation Branding maachen ouni déi Nation-Branding-Trucen, déi onsäglech sinn an déi vill kaschten an näischt bréngen. Et brauch ee just positiv Aktiounen ze maachen an et muss een einfach méi oft op déi Lékn lauschteren an eis Saachen ëmsetzen, da gëtt positiv am Ausland vun eis geschwat.

A wa souguer d'Regierung sech géif packe mat de Steiertricksereien op der Finanzplaz, fir déi ze favoriséieren, da gi mer vläicht souguer esou beléift wéi d'Islänner. An am Fussball si mer souwisou amgaangen, guer net esou schlecht dozestoen.

Här President, wa mer scho vun den internationale Medie schwätzen: Wéi LuxLeaks lassgaangen ass, dunn hu sech vill Journalisten aus dem Ausland fir Lëtzebuerg interesséiert. A mir als Lékn konnten och selwer an deem Kader enger ganzer Partie auslännesche Journalisten - ech mengen, jiddweree war an deem Fall -, déi op Lëtzebuerg komm sinn, Fro an Äntwert stoen.

Vu datt si eist Land natierlech net gutt kannt hunn, hu se ëmmer geduecht, mir wieren esou eng Aart Monaco, wou jiddweree säi Rolls-Royce fuere géif. Do hu mer hinnen erkläert, datt d'Situatioun hei zu Lëtzebuerg fir vill Leit guer net esou roseg ass an datt d'Situatioun sech degradéiert. An ech konnt deen een oder deen anere souguer, wann en Zäit hat, am Garer Quartier begleeden, oder op Plazen, wou net alles esou blénkt wéi um Boulevard Royal, oder an de Minett schécken a soen: „Hei, do gesitt Der, wou eise Räichtum wierklech hierkënn.“

An ëmmer méi Journalisten hunn agesinn: „Hei, Lëtzebuerg ass awer e bësse méi e komplizéiert Land. Et entsprécht guer net dem Klischee vum Steierparadäis, wou nëmme Millionäre ronderëmturnen.“

Lëtzebuerg huet och eng Aarbechterkultur, där mer esou vill méi ze verdanken hu wéi de Finanzhaien um Kierchbiereg. D'Lëtzeburger si Leit, déi och haart schaffe kënnen, déi och solidaresch si kënnen, déi bereet waren a sinn, fir sozial Rechter ze kämpfen, zemoos wa se a Fro gestallt ginn.

An et geet hinnen net all esou gutt an et gëtt Aarmut. A viru Kuerzem war och en Artikel an enger franséischer Zeitung, der „Libération“, mengen ech, dee sech och mat de soziale Problemer vu ville Leit hei beschäftegt huet. Vläch huet dat domadder ze din, datt esou vill Journalisten heihinnerkomm sinn an dat vläch gesinn hunn.

Alles Saachen natierlech, déi mir hei kennen a wëssen, mä déi, mengen ech, d'Autoritéiten am Ausland oft versichen ze vertuschen. Mä déi Realitéit do, déi kënnt och elo zum Virschäin.

Här President, natierlech, wann een engem Auslänner vun eise Mindestloun erzielt, da kënnt deen net zou sech. Mä wann een him erkläert, datt de Mindestloun eigentlech ënnert der Aarmutsgrenz läit, dat heescht, datt d'Leit schaffe ginn, fir aarm ze bleiven, also Räichtum fir e Patron schafen an trotzdeem aarm bleiven, da kritt dat eng aner Faarf.

A wann een hinne weist, wéi héich e Loyer ass, an datt dat domadder ze erklären ass, datt grouss Promoteure sech d'Land ënnert den Nol gerass hunn, mat der Hëllef vun der Finanzplaz, fir Lännereien a speziell Investitiounsfongen ze placéieren, fir domadder bal keng Steiere mussen ze bezuelen, an da mega Projeten domadder finanzéiere wéi zu Gaasperech, wou sech trotzdeem den normale Bierger näischt leeschte kann, da versteet een ëmmer méi, a wat fir engem Land mer elo liewen!

Et ass net méi witzeg! Et ass och net méi roseg! Elo behaupt eis Regierung, si hätt de Mindestloun erhéicht. Éischstens, et ass keng Mindestlounerhéijung, mä zum groussen Deel e Crédit d'impôt. Zweetens, et geet einfach net duer. Et geet einfach net duer! Et feelen nach ëmmer 170 Euro, fir weinstens net ënnert der Aarmutsgrenz ze sinn. Ma da gëtt gesot: „Jo, et ass besser wéi näischt.“

Här President, wann ech eng Angine hunn an ech lutschen un enger Houschtpeil, dann ass et besser wéi näischt, mä ech hunn nach ëmmer meng Angine!

**(Hilarité)**

Dofir brauch ech Antibiotika.

► **Plusieurs voix.** - Ooh!

**(Interruptions)**

► **M. David Wagner** (déi Lékn). - Oder eppes aneres, ech kenne mech net aus. A wat d'Aarmut ...

**(Interruptions diverses)**

► **M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP). - Dir gitt net eisen nächste Gesondheitsminister, dat soen ech lech awer direkt.

**(Interruptions diverses)**

An och net Ëmweltminister!

**(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)**

Dréit d'Ried kuerz zrëck!

► **M. David Wagner** (déi Lékn). - Neen, neen, ech loosse se lafen, ...

**(Interruptions)**

► **M. André Bauler** (DP). - Eng Hunnegdrëpp vu Branebuerg.

► **M. Eugène Berger** (DP). - Téi vum Séi!

► **M. David Wagner** (déi Lékn). - ... well et ass gutt, datt d'Majoritéit weinstens op meng medezinnesch Onkenntnisser reagéiert ...

**(Hilarité et interruptions)**

... a soss schweigt.

Mä op jidde Fall brauch een eng Medikatioun, eng richtig Medikatioun, an déi heescht och, datt een eng reell, eng reell Mindestlounerhéijung brauch.

Här President, ech mengen, d'Regierung kritt net méi esou richtig mat, wat hei am Land leeft.

**(Interruptions)**

Net genuch bezuelt ze ginn an net genuch Suen ze hunn, fir e Loyer ze bezuelen, dat heescht, datt d'Leit sech d'Land net méi leeschte kënnen an dat Land och musse verloossen.

Awer, Här President, e Lëtzebuerg, wou 40.000 bis 50.000 Leit iwwert d'Grenz musse goen, fir sech eng Wunneng kënnen ze leeschten, dat ass kee Land, wou d'Ekonomie richtig funktionéiert. An dat si bal 10 % vun der Bevëlkerung!

Am Verglach, Portugal zum Beispill, wou et virun e puer Joer ganz haart war, wou se an der Kris waren, do hunn 10 % vun der Bevëlkerung Portugal misse verloossen, ongeféier eng Millioun Leit, meeschtens Jonker, dat ass d'Leisung, déi riets Regierung meeschtens a Portugal haten, fir den Aarmutproblem ze léisen: „Emigréiert!“

A glécklecherweis mussen d'Lëtzeburger net esou wäit fueren. Mä mir sinn an enger äänlecher Situatioun, an enger äänlecher Situatioun wéi südlech Länner, net fir eng Aarbecht ze sichen, mä fir eng Wunneng ze fannen. Et kënnt bal op datselwecht eraus. Bal 10 %!

**(Interruption)**

Do dierf ee sech net bretzen, wann een an esou enger Situatioun ass.

Här President, et sinn net nëmmen d'Salären an d'Loyeren, déi zu enger Veraarmung vun enger ganzer Partie vun der Bevëlkerung bäidroen. De Spuerpak huet Spuren hannerlooss an d'Sozialpolitik huet och Spuren hannerlooss. Duerch d'Reform vun 2016 hu kannerräich Familljen u Sue verluer, net ze schwätze vun der Desindexéierung.

An da kënnt och nach déi ganz Geschicht vun de Chèque-servicen, well déi hunn deemools, wéi se agefouert goufen, jo eng ganz Partie vu Geldprestatioune ersat. An am Ufank wollte se souguer d'Frontalieren ausschléissen, wat glécklecherweis condemnéiert gouf vun der Cour de justice européenne. An ee vun eise Virgänger, de Serge Urbany, hat am OGB-L derfir gesuergt, datt dat och esou geschitt. Da musse mer him och nach Merci soen.

E Chèque-service kritt awer nëmmen een, wann e säi Kand och an eng Crèche oder an eng Maison relais setzt. An déi, déi et net maachen aus verschiddenen Ursachen, déi hunn an där ganzer Geschicht verluer, an dat sinn iwwer 40 % vun de Kanner respektiv vun den Elteren.

An dann, wann déi Kanner och nach wëlle studéiere goen, majo, fir déi ass och gesuergt gi mat der Reform vum Här Meisch 2014, wou d'Schüler an d'Studente massiv nach op d'Strooss gaange sinn. A schonn deemools haten d'UNEL a mir och gesot: „Passt op! Déi Reform, déi geet op d'Käschte vun de Studenten, déi aus mannerbemëttelte Schichte kommen.“ An et huet sech elo endlech och erausgestallt, datt dat stëmmt, wéi eng Etüd vun der Uni Lëtzebuerg et bewisen huet.

A wat bleift dann deene mannerbemëttelte Studenten iwwreg? Majo e Prët. Den Zënstaax ass zwar favorabel, mä um Enn sinn et grad déi mannerbemëttelt Studenten, also déi, déi souwisou scho Startschwieregkeeten am Liewen hunn, déi schonn direkt nom Studium eng Schold um Bockel hunn. A mir wëssen, datt et grad déi méi Jonk sinn, déi Schwierigkeeten hunn, eng gutt bezuelt Aarbecht mat festem

Kontrakt ze fannen. A mir héieren och oft schwätzen aus den USA vun der Bulle, déi iergendeng Kéier kéint explodéieren. Bon, do sinn d'Käschte vun der Uni eendeiteg méi héich och nach.

Deemools hat de Barack Obama, wéi e grad President gouf, nach gesot, en hätt viru Kuerzem säi Studentepret zrëckbezuelt. De President vun den USA! Vläch komme mer och esou wäit, vläch kann dat och hei geschéien.

Här President, ech hu vun der Jugend geschwat, ech wollt awer och nach e puer Wieder verléieren, fir iwwert déi eeler Generatioun, nämlech d'Rentner ze schwätzen. Jo, et gi Problemer, wat d'Renten ugeet. Zum Beispill d'Minimalrenten, déi scho laang net méi bei 90 % vum souwisou ze vill déiwe Mindestloun leien an déi onbedéngt mussen erëm erhéicht ginn. Déi, déi soen, et soll ee Courage hunn, fir iwwert d'Renten an déi vermeintlech Rentemauer ze schwätzen, wéi elo neierdengs och déi gréng, sollen dann och de Courage hunn, ze soen, wat se wëlles hunn.

Eng Kierzung vun de Leeschtungen, dat wëlle mir net. Voilà, dat maachen ech. Eng Erhéijung vum Pensiounsalter, dat wëlle mir net.

**(Interruption)**

Jo, mä Dir sot net, wat Der wëllt!

**(Interruption)**

Eng méi grouss Plaz fir d'Kapitaliséierung, dat wëlle mir och net.

Här President, Projektione si keng Previsiounen. Dat seet souguer den Ageing Working Group vun der EU-Kommissioun.

Jo, mä ech, mir gefällt dat net, wann ëmmer iwwert d'Rente geschwat gëtt an et gëtt gesot: „Et dierf keen Tabu sinn.“ Putain! Pardon! Entschëllegt! Entschëllegt, et ass mer wierklech erauserutscht!

Zënter 20 Joer gëtt permanent gesot: „Mir mussen awer kënnen iwwert d'Rente schwätzen, et soll keen Tabu sinn.“ Mä et ass keen Tabu! Permanent gëtt iwwert d'Rente geschwat. Et muss ee kënnen driwwer schwätzen. Mä et ass keen, dee sech traue ze soen, wat bei him vläch hannen am Kapp virgeet.

Mä déi gréng vläch - an ech hoffen, datt dat stëmmt, mä si hunn dat just net expriméiert - si géint eng weider Kapitaliséierung, si si géint eng Erhéijung vum Rentenalter a si sinn och géint Kierzunge vu Leeschtungen.

Mä da muss een dat och kloer soen! Dann ass alles an der Rei, well soss mécht een Dieren op, well et gi Leit net esou wéi Dir an net esou wéi mir, déi hunn aner Iddien an déi wëllen de Rentensystem ofbauen.

A souwisou, et soll ee wëssen: De Renteregimm hei zu Lëtzebuerg, dee baut sech op op eng Periode vun zéng Joer. An do ginn et aner Mëttelen. Wann et wierklech esou wäit kënnt, wann ee wierklech misst eppes maachen, wat zurzäit, mengen ech, net de Fall ass, da kann een iwwer aner Saachen diskutéieren, iwwert d'Cotisationsen, déi och d'Betriben bezuelen, an och iwwer gewësse Cotisationsplafonementer.

Mä op jidde Fall wëll ech awer hoffen, an ech gi jo dovunner aus, datt d'Regierung, nodeems se de Jonken et net méi einfach gemaach huet, awer och weinstens de Rentner d'Liewen net wäert méi schwéier maachen.

Här President, ech hunn nach souguer iwwer eng Minutt iwwreg, mä ech wäert dobäi bleiwen.

► **Une voix.** - Dat ass gutt!

► **M. David Wagner** (déi Lékn). - Jo, ech mengen, Dir hutt dat och léiwer, datt ech ophalen, well et ginn nach e puer Sujeten, iwwert déi een nach kéint schwätzen, well d'Regierung huet d'Tendenz, d'Saach e bëssen ze vill roseg ze gesinn.

Ech muss awer der DP felicitéieren, well si huet sech definitiv duerchgesat. No fënnf Joer Training hu mer elo eng richtig DP-Regierung. Bravo! Ech weess net, ob ech soll soen: „Fuert weider esou!“ Mä fir lech ass dat jo guer net esou schlecht, fir déi aner zwee u sech net. Mir wäerten dee Budget net matstëmmen.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen**, *Président.* - Merci villmools, Här Wagner. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Gilles Roth. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Gilles Roth** (CSV). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Finanzminister, deen huet säi Budget 2019 dem Rapporteur André Bauler op enger Visittekaart mat QR-Code iwwerreicht. En originale Choix - dee vun der Visittekaart - an ee gudder Choix - dee vum Här Bauler -, an all eis Felicitatiounen.

An der Welt vun den Diplomaten, Dir Dammen an Dir Hären, mag eng schéi Visittekaart an ee

moossgeschneiderte Kostüm och haut nach ëmmer e gewëssene Stelleväert hunn.

Mä eiser einfacher Landdeputéierten een, dee kuckt dat vläch dach méi skeptesch.

**(Interruptions)**

Eisereen huet et manner mat der Form vun der Opmaachung ewéi mat dem Fong. A beim Budget kucke mir virun allem déi plakeg Zuelen an dat sëllecht Informationsmaterial, wat mer da mat dem Budget nach esou derbäikreien.

An eisen Androck ass dann do, Är Visittekaart, Här Minister, an Eieren, mä déi plakeg Zuelen, déi léien net. A wann dann de Finanzminister nach behaupt, seng Visittekaart, pardon, déi vum Budget wier d'Spiegelbild vun där Politik, mat där des Regierung d'Weiche fir d'Zukunft vum Land géif stellen, dann heescht dat fir eis net vill Guddes! Mir fäerten, mat där Weichestellung do lande mer, fréier oder spéider, um doudege Gleis.

Well tèschent där schéiner Visittekaart an de plakegen Zuelen, déi dann dropstinn, respektiv net dropstinn, ass et wéi mat den Titelen am richtige Liewen: oft ee groussen Ennerscheid tèschent Usproch a Wierklechkeet. An esou kéint een och d'Finanzpolitik vun deser Regierung iwwerschreien.

An dozou eng Rëtsch konkret Beispiller. Éischte Punkt: d'Diskrepanz tèschent Usproch a Wierklechkeet bei der Investitiounspolitik vun dem Stat.

De Finanzminister seet bei senger Budgetvirstellung, mat der Budgetpolitik vun deene leschte fënnf Joer hätt een d'Leit duerch d'Investissementer moderniséiert an d'Finanzen op zolidd Féiss gestallt. Den Defizit hätt ëmmer méi niddreg geleeën ewéi ursprénglech geplangt.

**(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)**

Mä mat de vermeintlechen héijen Investissementer an dem manner héijen Defizit ass et eigentlech och wéi bei der Visittekaart: Domadder kann ee sech schéin Titelen zouleeën, mä kuckt een hannert d'Fassad, dann ass net ëmmer dat derhannert, wat och wierklech dropsteet.

Am Verglach zu der Wirtschaftsleeschtung ass et richt eraus falsch, fir vun héchsten Investissementer ze schwätzen. De Finanzminister kann net permanent drop pochen, an en huet et haut nach eng Kéier gemaach, fir d'Statschold ze moossen, misst een de Verglach mat dem Bruttoinlandsprodukt maachen, a bei den Investissementer, jo, do soll dat net méi zielen!

D'Investissementer vum Stat, Dir Dammen an Dir Hären, sinn ënnert der Bettel 1-Regierung carrement zrëckgaangen. Déi effentlech Investissementer louchen tèschent 2014 an 2018 dättelech ënner 4 % vun eise Bruttoinlandsprodukt an an der Legislaturperiode virduer dergeint dättelech iwwer 4 %. An et goufen an de Joren 2016 bis 2018 ronn 675 Milliounen Euro manner investéiert wéi an de jeeweilege Budgeten annonciéiert.

An de Joren 2015, 2016 an 2017 goufen am Stroossebau, wou ronn 857 Milliounen Euro veruschlagt waren am Budget, der just 546 Milliounen realiséiert. Dat si grad emol 63 %, Dir Dammen an Dir Hären!

Et ass natierlech kloer, dass doduerch d'Situatioun bei den Ofschlosskonte vill besser ass, wéi am Budget geplangt! Mä iergendwéi, Dir Dammen an Dir Hären, huet dat awer och seng Repercussioune op den Alldag!

Hu mir mat manner wierklech méi gemaach, wéi d'Regierung sech dat zënter fënnf Joer op de Fändel wëllt schreiwen? Sinn eis Infrastruktur wierklech vill méi moderniséiert ginn? Jo, mir hu keng Luuchtepottoe méi op den Autobunnen. Ob et doduerch moies awer méi séier op d'Schaff geet, dat sief awer dohigestallt!

**(Brouhaha et interruption)**

Jo, jo!

Hu mir manner Stau ewéi viru fënnf Joer?

**(Interruptions)**

Mir sinn der Meenung, Dir Dammen an Dir Hären, dass, wann d'Bevëlkerungszuel wisst, da mussen d'Infrastrukturen och ugemooos dem Wuesstum vun der Bevëlkerung Rechnung droen.

D'CSV fuerdert d'Regierung duerfir op, Zuelen an de Budget ze schreiwen, déi der Realitéit entspriechen. Wann ee gesäit, dass een iwwert d'Joren nëmmen zwee Drëttel vun den Investissementer realiséiert, Dir Dammen an Dir Hären, jo, da muss ech meng Zuelen och no fënnf Joer am Budget deementsprechend no ënnen upassen.

Zweete Punkt: D'Diskrepanz tèschent Usproch a Wierklechkeet. D'Kriseninstrumenter gi benotzt bei gudder Konjunktur, fir de Budget ze





finanzéieren. Beim Finanzement vun eenzelne Sozialmoossnamen entzitt de Stat sech mëttlerwäsen senger Verantwortung, an dat op d'Käschte vun den einfache Steuerzueler.

Bescht Beispill derfir: de Fonds pour l'emploi. De Beschäftigungsfong, dee gëtt traditionell finanziert duerch d'Solidaritätssteuer vun de Privatleit an de Betriber, deelweis duerch d'Gemeinden, e Sozialbeitrag, deem um Spritt opgehuewe gëtt - déi sougenannt Contribution sociale -, en Deel Vermögensteuer vun de Betriber an zum Schluss eng Dotatioun vun dem Budget vun dem Stat.

Abee, Dir Dammen an Dir Hären, da kucke mer do emol d'Zuelen. 2013, also an der Kris, waren d'Ausgabe vun dem Beschäftigungsfong bei 687 Milliounen Euro. 56 %, dat heescht 389 Milliounen Euro, goufen deemools iwwert d'Solidaritätssteuer finanziert.

2019, no der Kris, leien d'Depensé vun dem Beschäftigungsfong bei 693 Milliounen Euro, also quasi op deemselwechte Stand wéi nach 2013. Dovunner ginn elo 78 % oder 567 Milliounen Euro iwwert d'Solidaritätssteuer finanziert.

An de Stat, bei där ganzer Saach? Jo, seng Kontributioun geet no der Kris net erop, wéi een dat misst mengen, mä vun 125 Milliounen Euro op 10 Milliounen Euro, also méi dat Zéngfacht, erëm erof. An d'Pan kann haapt-sächlech de Bierger dovunner klaken!

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Dem Stat seng Sue sinn och Steuersuen!

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Duerfir e puer Beispiller: Bei engem versteierbare Joresakommes vun engem Stot vun 100.000 Euro sinn dat 1.274 Euro. Bei zwee Redakture vun dem Stat, also der Mëttelcarrière, mat engem versteierbare Joresverdéngscht vun 160.000 Euro, sinn dat schonn 2.912 Euro. Bei enger Wittfra mat 75.000 Euro sinn et 587 Euro a bei engem Jonggesell mat 50.000 Euro sinn dat 637 Euro, Dir Dammen an Dir Hären, zousätzlech zu der Loun- an zu der Akommessteuer!

D'Privatleit bezuelen tëschent 7 % an 9 % Solidaritätssteuer an d'Betriber 7 %. Dës Tauxe goufen deemools mat dem Spuerpak vun der CSV/LSAP-Majoritéit an dem Joer 2013 agefouert. Si ginn haut, sechs Joer no der Kris, nach ëmmer an darselwechter Héicht opgehuewen.

Den Originaltoun vun dem deemolege President a Finanzprieche Claude Meisch hei op der Chambertribün, Dezember 2012: „An de Spuerpak vun der Regierung respektiv dee vun de Majoritéitsfraktiounen ass jo eigentlech e Steierpak mat ganz ville Steiergranaten dran. [...] Et fënnt een eigentlech guer keen [...] Usaz, mat deem hei probéiert gëtt, d'Politik fundamental ze änneren.“

Abee, Dir Dammen an Dir Hären, d'Bettel 1- an d'Bettel 2-Regierung schéngt, trotz gudder Konjunktur a selbstszenéiert kopernikanescher Finanzrevolution, keen Usaz fonnt ze hunn, fir d'Politik vun de Virgänger op deem Punkt ze änneren.

► **Plusieurs voix**.- Très bien !

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Nach ëmmer sëtzt d'Bettel 2 op de sougenannten CSV/LSAP-Steiergranaten aus der Krisenzäit. An de Gramegna-Bezuelpak, dee gouf nach zousätzlech dropgesat. Et kann een net bei unhalend gudder Konjunktur d'Leit nach no sechs Joer weider mat de Kriseninstrumenter belauschten. Wann een nei Instrumenter muss dann huelen, jo, wat mécht een dann, wann de bleiwende Wuesstum net méi do ass?!

D'Spuerpäck vu Bettel 1 maachen anscheinend kee Sënn méi. Mä déi sougenannte Steiergranate vun de Virgänger bleiwen awer weider schaarf.

D'CSV wëllt d'Solidaritätssteuer net ofschafen. Breet Schëllere mussen méi droen. Mir wëllen awer ganz kloer nees ee manner héijen Taux. Firwat mussen d'Privatleit haut zousätzlech, bei guddem Wirtschaftswuesstum an niddregem Chômagetax, deen een net ophält, an d'Fënster ze stellen, eng bal dräimol méi héich Solidaritätssteuer bezuele wéi an de Joren tëschent 1991 an 2009? Deemools louch näamlech den Taux während bal 20 Joer bei 2,5 % fir d'Privatpersounen.

2010, Dir Dammen an Dir Hären, hunn d'Privatleit an d'Entreprise jee 12,5 % vun den Ausgabe vum Beschäftigungsfong gedeckt. Zesummen also ee Véierel: 25 %. 2019 bezuelen d'Leit 56 % an d'Entreprises 22 % vun den Ausgabe vum Beschäftigungsfong, zesummen 78 %.

„Mir maache mat manner méi“, war emol de Slogan vun der DP. Abee, wat et domat op sech huet, ganz einfach: eidel Spréch!

Dat ass an eisen Aen eng kloer Diskrepanz, déi net méi ze rechtfertigen ass.

Géif een d'Ausgaben, an do läit näamlech d'Kromm an der Heck, géif een d'Ausgabe vum Beschäftigungsfong 2019 nëmme méi zu engem Véierel ewéi 2010 an déi Jore virdrun aus der Solidaritätssteuer finanzéieren, da géif de Statsdefizit ëm gläich 400 Milliounen Euro an d'Luucht goen.

Den Här Gramegna schwätzt also gäre vu senger schwaarzer Null, hie vergësst awer ze soen, dass hien d'Leit bei gudder Konjunktur weider d'Solidaritätssteuer aus de Krisjore bezuele léisst.

D'CSV fuerdert, dass d'Solidaritätssteuer fir d'Privatpersounen vun aktuell 7 % bis 9 % erofgeet. D'Solidaritätssteuer - Privatpersounen a Betriber zesummen - soll an Zukunft nach maximal 50 % vun den Ausgabe vum Beschäftigungsfong ofdecken.

An d'Contrepartie dovunner, Dir Dammen an Dir Hären, déi soll beim Finanzement vun den Ausgabe vun dem Beschäftigungsfong, iwwerges wéi dat 20 Joer virdru war a mëttlerwäsen net méi de Fall ass, déi soll direkt aus dem Budget kommen.

Drëtte Punkt: D'Diskrepanz tëschent Usproch a Wirklechkeet. Mir bekämpfen offiziell d'Wunnengsnout, mä de Stat, dee kasséiert dobäi monter mat!

Här President, virun de Wahlen ass vun engem Wunnengsbauoffensiv geschwat ginn. D'DP wollt am Logement Tatsaache schaffen. Si hu keng Tatsaache geschaffen, mä d'DP huet de Volet Logement ganz einfach viruginn.

An den DP-Finanzminister schéngt och am Budget 2019 de Wunnengsbau net esou richtig wëllen offensiv unzegoen. Hie schéngt och ze wëssen, firwat. Sécher, d'Kreditter vun dem Wunnengsbauministère sinn an d'Luucht gaangen. Eppes, wat mir als CSV ausdrécklech begrëssen. Mä dat ass nëmme eng Drëps op de waarme Steen. An et ass de Mëtteg schonn zu Recht gesot ginn.

Et gëtt sech zu Recht landeswäit driwwer opgereegt, dass d'Präisser vun de Wunnengen all Joers, trotz niddreger Inflatioun, ëm 6 % bis 8 % an d'Luucht ginn. An d'Hauptgewënner dovunner, Dir Dammen an Dir Hären, dat sinn d'Spekulanten! Mä dat ass och de Stat!

Et ass jorelaang net genuch Bauland erschloss ginn. An dat war och - loosse mer et richteraus soen! - länger Zäit indirekt esou gewollt. D'Gemeinden, déi Bauland erschloss hunn, an d'Gemeinden, déi Bauland erschleissen, déi ginn nach allze oft aus ideologescher Opfaassung als Zoubetonéierer dohinnergestallt. An dann déi Mä, fir ze soen, landeswäit géifen nach esou vill Honnerten Hektare Bauland am Perimeter leien! Mä kommt, mir soen ...

(**Interruption**)

Jo, kommt, mir soen dach och do d'Wourecht! Wa mäin Terrain, Här Kox, erschloss ass an ech brauch kee Geld, jo, dann halen ech en. Da kënnen nach esou vill ...

(**Interruption**)

Da kënnen nach esou vill Hektaren an dem Perimeter leien, mä dorop gebaut gëtt näischt.

Dir Dammen an Dir Hären, deen am meeschte verdéngt mat steigenden Immobilienpräisser, dat ass de Stat an absënns de Finanzminister. Geet de Präis ...

(**Interruption**)

Jo, jo!

Geet de Präis vum Bau an d'Luucht, mussen d'Leit méi TVA bezuelen, d'Enregistrements- an d'Notaireskäschte ginn an d'Luucht a beim Verkauf kasséiert de Stat och nach monter d'Plus-value derbäi.

Wann een de Bau wëllt méi bëlleg maachen, Dir Dammen an Dir Hären, dann dierf de Stat bei deene Präisser net och nach kräfteg drop matverdrängen. D'Regierung mécht am Wunnengsbau, an den Ae vun der CSV, duerfir déi falsch Fiskalpolitik. Déi meeschte Stéit, wa se bauen, déi hu ganz einfach e maximale Budget. Alles dat, wat de Stat ofkasséiert, jo, dat geet net méi an de Bau. Dat geet och net méi an d'Ekonomie. An dat geet och net méi an d'Handwerk.

Bei engem Immobilie vun 800.000 Euro kasséiert de Stat, eleng wa se verkaaft gëtt - nun halt lech gutt un! -, 56.000 Euro! 56.000 Euro Enregistrementskäschten! Bei engem Neibau vun 800.000 Euro souguer 86.000 Euro TVA, an do ass de Steierkredit vun der TVA, déi 50.000, déi sinn do schonn ewech! Dat betrëfft awer virun allem d'Privatleit.

Hëlt ee seng Immobilie an eng Gesellschaft an et verkeeft een d'Parten, kënnst een, ënner Ëmstänn, vill méi bëlleg, näamlech mat 0,6 % TVA Enregistrementskäschten, ewech. An d'Banque centrale, an ech sinn dankbar derfir, well et soll och emol eng Kéier dobausse gesot ginn, huet

an hirem Avis iwwert de Statsbudget och esou e Beispill duerchgerechent.

Den aviséierte Spekulant, Dir Dammen an Dir Hären, dee reift sech domadder d'Hänn, an den normale Bierger, dee sëtzt mam Fanger am Mond do.

An d'CSV bedauert duerfir och nach eng Kéier d'Erhéijung vun der TVA vu 15 % op 17 % am Bau. De Wunnengsbau, deen ee méi erschwénglech wëllt maachen, gëtt doduerch ganz einfach méi deier, souguer och op enger Eischtwunneng. An d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, déi huet an hirem Budgetavis och eng genau Rechnung gemaach.

Entgéint deem näamlech, wat de Finanzminister ëmmer behaupt, huet déi Erhéijung vun der TVA och en Impakt op d'Eischtwunnengen. Näamlech d'Limitt, fir vum superreduzierten Tarif vun der TVA vun 3 % ze profitéieren, déi geet vu 416.000 Euro op 357.000 Euro bei engem Wunneng erof. An - loosse mer dach ganz éierlech sinn! - mat 350.000 Euro bauen ech net méi ganz vill hei am räiche Lëtzebuerg.

D'CSV proposéiert duerfir, kuerzfristeg de Steierkredit op der TVA vun aktuell 50.000 Euro op mindestens 75.000 Euro eropzesetzen. Da kéint de Bierger zumindest deelweis vun der Präisdeierecht an der TVA-Erhéijung entlaascht ginn.

Den Taux vum Steierkredit ...

Jo, Dir kënnt elo de Kapp rëselen, Här Finanzminister.

Den Taux vum Steierkredit war tëschent 2002 an 2012 iwwerges bei 60.000 Euro, näamlech 10.000 Euro méi héich, wéi Dir en zanter der Kris applizéiert, an dat bei engem TVA-Saz net vu 17 % um Bau, wéi Dir en agefouert hutt, mä bei 15 % um Bau. Den TVA-Saz ass deemno eropgaangen an de Steierkredit ass erofgaangen.

De sougenannte bëllegen Akt, also de Fräibetrag op den Enregistrementskäschten, vun aktuell 20.000 Euro soll an den Ae vun der CSV op Minimum 30.000 Euro an d'Luucht gesat ginn.

► **Une voix**.- Très bien !

► **M. Gilles Roth** (CSV).- D'CSV bedauert och, dass de sougenannte Véierelstaux op de Plus-valü bei Immobilieverkeef ab dem 1. Januar 2019 net méi spilt. Mir hätten dës Moossnam verlängert. Eisen Amendement, dee mir am Dezember 2018 bei dem Budget provisoire presentéiert hunn, gouf einfach ofgeleent. Et mécht schonn en Ënnerschied, ob ech 10 % oder 20 % Plus-value bezuelen. A bei engem Verkauf vun engem Haus oder engem Terrain mat deene Präisser spilt dat eng grouss Roll.

A sot net: „Dat kënnst nëmme de Spekulantentgéint!“ Dir hutt oft, dass eng Famill eng Immobilie, en Appartement verkeeft an engem jonke Stot domadder wëllt hëllefen, ma déi ginn do mat 20 % vun der Plus-value besteiert. An do spilt soss kee spezielle Kredit, well et net fir d'eegent Haus ass.

D'Plus-value, Dir Dammen an Dir Hären, déi ass och zënter e puer Joer net méi automatesch iwwerdrobar vun engem Immobilie op déi aner. Dat hu mer gemaach, hei an der Chamber, bedéngt duerch europäesch Richtlinien, wat och richtig war a wat d'CSV deemools matgestëmmt huet.

Mä derzou kënnst awer, dass de Montant vun de steierlechen Abattementen, näamlech déi 50.000 Euro, zënter bal 20 Joer net méi ugepasst ginn, näamlech zanter 2002. An d'CSV proposéiert och duerfir, am Sënn vun engem aktiver Wunnengsbauoffensiv, déi se sech jo gären op de Fändel schreiwen, de Steierabattament beim Verkauf vun engem Immobilie vu 50.000 op 75.000 Euro eropzesetzen.

Et ass an den Ae vun der CSV net sënnavoll, fir d'Leit mat héijer TVA, héijen Enregistrementskäschten, héijer Plus-value-Steier an engem Wunnengsnout nach zousätzlech ze belauschten!

„Ech kann lech haut soen, dass ech alles wäert maachen, dass mir a fënnf Joer e Land hunn, wou d'Wunnengsbauproblematik net d'Suerg ass vun all jonke Stot, wou d'Schéier tëschent Aarm a Räich net méi grouss ginn ass“, esou de Statsminister Bettel a sengem Neijoersinterview op RTL dëst Joer.

Majo, Här Statsminister - Dir sidd elo net do -, de Wunnengsbau, dat ass awer grad de Problem vun de jonke Leit! A mëttlerwäsen, Dir Dammen an Dir Hären heibannen, net nëmme méi vun deene jonke Leit! Vun all Monoparentallen, vu villen eelere Leit! Haut, an dat wäert och nach muer de Fall sinn!

Wat maache mer da fir si a puncto Logement? Mä glat näischt! Am Budget ass keng eng konkret Moossnam, fir d'Baue méi gënschteg ze maachen. Am Contraire, Dir ditt d'Leit mat de Kriseninstrumenter weider bludden! Déi steier-

lech Belaaschtung vun dem Logement ass méi héich, wéi se jee war.

Wéi soll dann nach en normal verdéngende Stot sech en Eegenheim kënnen leeschten? Kuckt emol d'Annoncen an der Zeitung! En Haus vun enger Millioun Euro an der Peripherie vun der Stad Lëtzebuerg, dat gëtt am „Lëtzeburger Wort“ bal als Schnäppchen dohinner presentéiert. Vun de Mindestlounbezieher, Dir Dammen an Dir Hären, och wann der zwee an engem Stot ze sinn, emol guer net ze schwätzen, och wann de Mindestloun elo steierbefreit ass, eng Moossnam, déi mer als CSV iwwerges ausdrécklech begrëssen, a mir hate se och virgeschloe schonn an der Steierreform vun 2017.

Dir Dammen an Dir Hären, de Finanzminister, dee klappt sech op d'Schëlleren a schreift sech op seng Budgetvisittekarte fir 2018 eng schwaarz Null. Fir 2019, esou wéi hie seet, sinn d'Statsfinanzen op zolitte Féiss.

Mä e Bléck hannert d'Fassad, dee weist, dass trotz konstantem Wirtschaftswuesstum vun 3 % a méi, dass trotz niddregem Chômage a konstantem Uwuesse vun der Lounmass - den David Wagner war dorobber agaangen -, dass trotz Uwuesse vun der Lounsteuer vun iwwer 450 Milliounen - ech soen et nach eng Kéier: 450 Milliounen Uwuesse vun der Lounsteuer pro Joer, dat sinn 11 % bis 14 % järelech -, dass trotz manner héijen Investissementer déi sougenannte Steiergranaten aus de Krisjore monter bäibehale ginn, jo, souguer e Bezuelpak mat drastischer TVA-Erhéijung inklusiv am Logement nach dropgepaakt gouf.

Resultat: De Budgetsaldo, deen ass kënschtlech verschéinert. Bludden derfir muss awer haapt-sächlech den normale Bierger.

A firwat? Mä fir zum Deel Koalitiounsgadgeten, vun deene verschiddener emol kee gefrot hat, ze finanzéieren.

► **Plusieurs voix**.- Très bien !

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Géif fir 2019 d'Solidaritätssteuer - Här Gramegna, lauscht och do no! - op den Taux vu virun 2009 ...

(**Brouhaha et interruption par M. Pierre Gramegna**)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Här Roth, adresséiert lech, wannech gelift, un d'Chamber!

► **M. Gilles Roth** (CSV).- ... vu virun ...

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Ech ënnerbriechen ni. Mä wann ech accuséiert ginn, ech géif net nolauschteren, da sinn ech natierlech net frou, well et ass net richtig!

► **Plusieurs voix**.- Très bien !

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Géif fir 2019 d'Solidaritätssteuer op den Taux vu virun 2009 erofgesat ginn, hätt dës Budget am Zentralstat fir 2019 en Defizit vun enger Milliard Euro.

„Mir maache mat manner méi“, huet et bei der DP geklongen. Abee, d'Steiergranate si bliwwen an et koumen nach neier derbäi! Op der Wunnengsnout an héijen Immobilienpräisser verdéngt de Stat kräfteg mat.

Véierte Punkt: D'Diskrepanz tëschent Usproch a Wirklechkeet bei der „Steierklass 2 fir jiddwereen a kee verléiert“. Et heescht emol kucke mat Zäitschinn vu fënnf Joer.

D'Regierung Bettel 2 ass ugetruede mat engem vun den Hauptpunkten: d'Ofschafe vun de Steierklassen. Kee soll verléieren. Mä et gëtt schonn vu kompensatiounsmoossnamen an lwwergangsléisunge geschwat, déi laut RTL-Informatiounen a Regierungskreesser sech iwwer fënnf Joer sollen zéien.

Wann dat soll stëmmen, Dir Dammen an Dir Hären, da sinn d'Leit wierklech op d'Aen, jo, op hir blo Ae gedréckt ginn. Da wieren d'Leit och mat Slogane gefaange ginn. Da wiere mer erëm bei dem Här Gramegna senger berühmter Budgetvisittekarte: Et steet viles drop, mä hannerfrot net, wat derhannert ass!

Eng Steierklass fir jiddwereen a kee verléiert, dat heescht u sech, haut, eng Steierklass 2 fir jiddwereen. Dat kléngt op deen éischte Bléck natierlech lackeleg an et schéngt och iergendwéi modern.

Mä wa kee soll verléieren, Dir Dammen an Dir Hären, da brauch et jo eigentlech keng kompensatiounsmechanismen! An um Enn muss jo awer iergendeen déi Rechnung do bezuelen.

Wat eng Steierklass 2 fir jiddweree bedeit, duerfir folgend Beispill: Eng bestuete Koppel oder Famill mat Kanner an der Steierklass 2 mat 5.000 Euro Salaire brutto bezitt dorop 299 Euro Steieren de Mount. E Monoparental oder





eng Wittfra, Wittleit mat 5.000 Euro Gehalt oder Pensioun bezuelen dorop 806 Euro Steieren de Mount. E Jonggesell, 5.000 Euro de Mount Salaire, bezilt dorop 869 Euro Steieren.

D'Steierklass 2 fir jiddweree wier an enger Idealwelt mat onendleche finanzielle Mëttele sécherlech net schlecht. Mä an eisen Aen ass se, grad wann een och nach d'Mëttelschicht kann a muss entlaaschten, net finanzéierbar. An de fréiere Steierdirekter, de Guy Heintz, dee confirméiert eis, a vill anerer dobaussen och, an dëser Aschätzung.

Wann ech Jonggesell, wann ech Wittfra respektiv Monoparental a Famill, jiddwereen an der Steuerklass 2 besteieren, kascht dat mech eleng an deenen dräi Beispiller, déi ech lech genannt hunn, 15.000 Euro Steierausfall d'Joer.

Dir Dammen an Dir Hären, 2015 gëtt et e Bericht vun dem CES, dem Comité économique et social. Wësst Der, wivill Steierzueler et am Land gouf, deemools? 484.000 Stéit!

Mat dem einfachen Ofschafe vu verschiddene Steuerklasse riskéiere mir dann och vläicht, d'Kand mat dem Buedwaasser auszeschëdden. D'Steierklass 2 fir jiddwereen, déi schaaft näamlech och nei Ongerechtegkeeten. D'Steierklass 2 fir eng Koppel heescht näamlech, dass se zwar méi e gönschtege Steiertaux kréien, mä duerfir zesumme besteiert ginn op engem méi héijen Akommes. Et ass net esou wéi an enger Scheedung, wou een dräi Joer eenzel an der Steuerklass 2 besteiert gëtt. An dëst gëtt bei där ganzer Diskussioun, zwar verständlech, mä oft net gesot.

D'CSV verschléisst sech net vu vieren enger neier Approche. A mir soen dat kloer an daitlech. Fir d'CSV dierf et och kee Schnellschoss aus der Héft ze sinn. Mir wäerten duerfir am Detail all neie Modell, deen eis virgeluecht gëtt, op seng finanziell a seng sozial Machbarkeet präwien. Mir wäerten d'Regierung dobäi stets un hirer Virgab „eng Steuerklass a kee verléiert“ moossen.

Mir wäerten awer net nokucken, dat soe mer och esou kloer an daitlech, dass d'Regierung elo jorelaang studéiert a plangt, fir dann herno mat fadenscheinegen Iwwergangsléisungen ze kommen, déi iwwert d'nächst Legislaturperiod nach weider erausginn, nom Motto: „Ma mir hu gemaach an duerno soll gekuckt ginn, wéi dat Ganz bezuelen.“

D'CSV proposéiert duerfir als Alternativ, kuerzfristeg an intermédiaire, villméi d'Ofschafe vun den Ongerechtegkeeten vun der faméiser Steuerklass 1A. D'Iwwergangsphas vun der Steuerklass 2 an d'Steierklass 1A soll vun elo dräi op fënnf Joer eropgoen, dat souwuel fir Elengerzéier no enger Scheedung grad ewéi fir Wittleit.

Den Tariff vun der Steuerklass 1A soll méi no ewéi bis elo un de Steiertariff vun der Steuerklass 2 erugefouert ginn. Et dierf net weider ze sinn, dass e Monoparental, mat Kanner zu Laaschten, mat eppes méi wéi 3.000 Euro praktesch déiselwecht Steiere bezilt wéi e Jonggesell.

An deem Beispill, dat ech lech virdu ginn hunn an der Steuerklass 1 bei 5.000 Euro Salaire, sinn dat 869 Euro Steieren de Mount. A bei engem Monoparental mat deemselwechte Salaire sinn dat 806 Euro. Dat heescht, dat ass eng Differenz vun 63 Euro. Ech mengen, do si mer eis all heibannen eens, dass een dat muss emänneren.

Zousätzlech Laaschten, dat soe mer awer och, an dat kéint een elo schonns maachen, sollten iwwert de Wee vun de sougenannte Charges extraordinaires - also aussergewöhnlech Belaaschtung, besonnesch wat d'Kanner vu Monoparentallen ubelaangt - méi einfach ewéi bis elo steuerlech erfaasst kënne ginn.

An de Problem ass jo deen, dat muss een och soen: Et ass vill ze vill onbekannt dobaussen, dass d'Leit eng ganz Rei vun Ausgaben, déi se hunn, iwwert de Wee vun de Charges extraordinaires oder den aussergewöhnlechen Ausgabe steuerlech geltend kéinte maachen.

Här President, zu nawell vill Diskussioun feiert d'Erhéijung vun den Akzisen ëm 1 respektiv 2 Cent pro Liter Bensinn an Diesel. Laut Comité économique et financier an der Douanesverwaltung läit de Käschtepunkt dovunner bei ronn 75 Milliounen Euro, well doduerch geschat eng 100 Milliounen Liter Spritt, besonnesch professionellen Diesel, manner zu Lëtzebuerg sollte verkaaft ginn. An dat ass och nozevollzéien. Firwat? Mä well fir déi Professionell den Diesel ab dem 1. Mee fir d'Éischt an der Belsch méi bëlle ass wéi zu Lëtzebuerg. Firwat? Mä iwwert de betreffende Remboursement vun den Akzisen, déi se bezuelen.

Diesel tanken ass also fir déi Professionell an der Belsch méi gönschteg. Doduerch déi 100 Milliounen Liter, déi manner wäerte verzaapt ginn. An et wäert doduerch och e Réckgang gi bei dem Verkaf vun dem Tubak an dem Alkohol.

Mä trotz dëser Verloschtrechnung, Dir Dammen an Dir Hären, hält de Finanzminister a sengem Budget un engem Plus vun 2,5 Milliounen Euro fest. An ech wëll lech ganz éierlech soen: Et ass net nozevollzéien, dass an engem klengen Land, an engem Stat et net ka méiglech sinn, fir sech op ee betreffende Chiffer ze eenegen. D'Verwaltung seet: „Dat kascht 75 Milliounen Euro.“ An de Minister an de Ministère soen: „Dat bréngt 2,5 Milliounen Euro.“

Da musse mer lech awer och froen, Dir Dammen an Dir Hären: Wat ass dann elo d'Approche vun der Regierung a puncto Tanktourismus, au sens large du terme? Net dee klengen vun deenen, déi just op Lëtzebuerg kommen, fir ze tanken, an erëm heemfueren.

Well d'Etüd vum Tanktourismus an aner Etüden, déi leie jo um Dësch! A mir hätten do gären eng kloer Ausso, wat konkret geschitt. Ass dat deen zousätzlech Cent? Well de Finanzminister seet jo bei senger Budgetvirstellung, d'Erhéijung vun 1 respektiv 2 Cent, dat hätt just Symbolcharakter. Bleift et dann do derbäi, wann et nëmme Symbolcharakter huet, oder kënnt nach eppes no? A wa jo, wat?

Well am Dezember 2012, Dir Dammen an Dir Hären, huet et an engem Presstext vun der grénger Partei „Die lange Liste der noch zu erledigenden Dinge im Klimaschutz“ nach geheescht, et misst een aus dem Tanktourismus erausklammen - jo! - an dass d'Akzise missten erhéicht ginn. Erhéicht ginn! Net nëmme symbolesch!

De Wahlprogramm vun der grénger Partei zu dësem Sujet, ech mengen, deen erspueren ech lech.

Fakt ass: Et besteet ee groussen Ennerscheid tëscht Ambitioun a Realitéit. Beispill: D'Differenz vun den Akzisen um Bensinn tëscht Lëtzebuerg a Frankräich, déi geet tëscht 2013 an 2018 drastesch an d'Luucht! Also méi Tanktourismus!

D'Recett vum Tubak - mat grénger Regierungsbedeelegung! -, déi verduebele sech. Déi verduebele sech vu 97 Milliounen 2013 mat grénger Regierungsbedeelegung op 197 Milliounen fir d'Joer 2019!

Jo, dat ass Usproch a Wierklechkeet: déi gréng plädéieren hofreg fir den Ausstig aus dem Tanktourismus an d'Regierung verdéngt méi wéi jee, mat grénger Regierungsbedeelegung, um Tanktourismus kräfteg mat.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Gilles Roth (CSV).** - Beim Verkaf vum Spritt geet och de sougenannte Kyoto-Cent an de Klimafong. Et ass fir d'CSV net novollzéierbar, dass d'Avoire vun dem Klimafong mëttlerweil op 715 Milliounen Euro ugewuess sinn!

Wann ech mir ambitiéis Ziler a puncto Klimaschutz setzen, jo, da kann ech net nëmme Suen horten. An ech mengen, do läit d'Chambre de Commerce, de fréieren Employeur vun eise Finanzminister, fir eis ganz richtig, well déi soen: D'Suen aus dem Klimafong, déi muss een investéieren an dat virun allem an en nohaltegen a ressourcëschounende Wuesstum. Ganz d'accord si mer als CSV.

Wann een de Leit Sue fret, Dir Dammen an Dir Hären, fir Klimapolitik, jo, da muss de Bierger och wëssen, wat domadder geschitt! De Stat ass kee Spuerveräin, besonnesch net a Saache Klimapolitik.

Firwat huele mir déi 715 Milliounen Euro a vläicht méi dann net fir verstärkt konkret Aktiounen a puncto Reduktioun vun CO<sub>2</sub>-Emissiounen? Kommt, mir handeln, Dir Dammen an Dir Hären, proaktiv an net aus enger Verbuetsmentalitéit! Kommt, mir huelen d'Leit mat u Bord an di se net de Kapp rëselen!

Mir sinn ee räicht Land. Mir hunn eng Uni. Mir hu Centres de recherche. Mir hätte gären, dass eis Käpp, virun allem déi vun deene Jonken, sollen dämpfen. Mir hunn eng Autozouliwwerungsbranche. Mä da kommt, mir investéieren an nohaltege Fuerschung um Standuert Lëtzebuerg, zesumme mat der Privatwirtschaft!

Kommt, mir bedeelegen eis u Fuerschungsprojekter, fir zum Beispill nohaltege Batterien ze entwéckelen, nei Motoren, mat manner CO<sub>2</sub>-Ausstouss! Kommt, mir schafe fir déi beschte Leit nei Chairen op eiser Uni fir Energiefuerschung a Mobilitéit!

Kommt, mir schafen ee gönschtegt fiskalescht Ëmfeld fir nohaltege Energiefuerschung iwwer Breveten, iwwer Lizenzen, iwwer ee favorabellen an zäitlech begrenzten Expat-Regimm, fir déi beschte Leit op Lëtzebuerg ze kréien, iwwer Steierkreditter, Steierzertifikater, nom Modell vum fréiere Capital risque, wann ech an esou Projeten investéieren! An dat och als Privatpersoun!

Dat dierf, Dir Dammen an Dir Hären, net als Privileg vun e puer happy few zeriet ginn!

Kommt, mir schafen e favorabelt Ëmfeld fir Green Finance, esou wéi an der Proposition de loi vun dem Här Mosar, déi haut e bëssen an d'Lächerlecht gezu ginn ass! Kommt, mir huelen déi beschten international Experten a puncto Mobilitéit op Lëtzebuerg! Leit, déi en neutraalt Verkéierskonzept entwéckelen, politesch an ideologesch ongefierft, un dat mir eis dann och halen.

De Bierger erwaart, jo, de Bierger erwaart a Saache Mobilitéit nützlich Investissemeter, net all Dag Chaos an der Stad, an der direkter Peripherie vun der Stad, op den nevragesche Punkten, en Zuchreseau, deen a Spëtzenstonnen iwwerlaascht ass, Zich, déi net an d'Garé kënnen erafueren, well d'Quaie besat sinn.

(**Interruption par M. Henri Kox**)

Jo, kommt, mir ginn eis déi gesetzlech Mëttele, Här Kox!

(**Interruptions et interruption par M. Henri Kox**)

Jo, jo. Mir ginn eis ...

(**Interruption par Mme Josée Lorsché**)

Kommt, mir ginn eis gesetzlech Mëttele, fir e kohärent Verkéierskonzept dann och schnell ëmzesetzen!

Rechtsstat an Éieren, mä et dierf awer och net zum Sport hei am Land ginn, fir all nei Strooss, all nei Eisebunnstrass, e Wandpark mat Fliedermais, dem Kammolch an dem Schwaarze Milan systematesch ze torpedéieren. Et soll am Contraire intelligent kompenséiert ginn.

Ech si perséinlech och iwwerzeegt, dann hätten och vill Leit a vill Bierger eng méi grouss Akzeptanz, fir Mobilitéitsbäiträg, och finanzieller Natur, ze leeschten.

(**Interruption**)

Mir brauche virun allem e Mobilitéitskonzept an eng Mobilitéitspolitik aus engem Goss, déi d'Leit matrappt, wou de Bierger konkret a miessbar Resultater gesäit, wou een e performanten ëffentlechen Transport huet, wou ee manner Stau huet a wou ee méi séier op seng Schaff kënnt, e komfortabelen an zuverlässigen ëffentlechen Transport, deen all Regiounen erreicht an ofdeckt.

An dat war och de Sënn vun dem Här Kaes senger Fro de Moien. En ëffentlechen Transport, mat deem och Fraen an eeler Leit sech herno nach trauen ze fueren.

► **Une voix.** - Oh!

(**Interruptions**)

► **M. Gilles Roth (CSV).** - Net d'Päerd vun hannen opsuedelen. Fir d'Éischt e Konzept an dann eventuell eng Gratuitéit!

Dir Dammen an Dir Hären, zu Hasselt an der Belsch, a verschiddene Stied an Italien, wou se de gratis Transport agefouert haten, jo, do hu se e scho längst erëm ofgeschaaft. Dat gouf hei an der Benelux-Parlamentssessioun ...

(**Interruption**)

... vun engem belsche Verkéiersminister confirméiert.

Kommt, jiddweree seet och, wat en ënner enger ökologescher Steuerreform versteet! Jiddweree muss och do seng konkret Moosnamen op den Dësch leeën an net permanent mat deem Schlagwuert einfach ronderëmschloen. Och fir eis Kollege vun déi gréng zielt dat. A vläicht besonnesch fir si. Si sëtzen elo scho bal sechs Joer an der Regierung, si hätte kënnen hir Fuerderungen ëmsetzen.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - 10 %!

► **M. Gilles Roth (CSV).** - Keng Kakophonie mat punktuelle Bonbonen. Am Dezember 2011 gouf bei de Budgetsdebatten d'ökologesche Steuerreform ganz haart vum François Bausch gefuerdert. Mä et schéngt dann awer net esou einfach ze sinn.

An d'Beispill vun där Konzeptlosegkeet: An der Vergaangenheet gouf eng Primm eCare, ënner engem CSV-Mobilitéitsminister, op 5.000 Euro gesat. 2017 gouf dës duerch e Steuerabatement mat grénger Regierungsbedeelegung ersat an elo gëtt de Subsid fir Elektroautoen nees mat grénger Regierungsbedeelegung erëm agefouert.

Dir Dammen an Dir Hären, ech liesen lech just ee Saz aus dem Pabeier vun 2012 vun déi gréng vir: „Ein Beispiel hierfür ist die CAR-e-Prämie, deren volkswirtschaftlicher und ökologischer Nutzen höchst umstritten ist und die trotzdem jedes Jahr verlängert wurde und den Staat jährlich bis zu 10 Millionen Euro kostet.“ Haut menge se sech mat där Primm, déi erëm agefouert ginn ass!

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Gilles Roth (CSV).** - Ass dat nohaltegt a kohärent politesch Handeln, Dir Dammen an Dir Hären?

► **Une voix.** - Neen!

(**Hilarité**)

► **M. Gilles Roth (CSV).** - Och hei ass bei der Regierung e groussen Ennerscheid tëscht Usproch a Wierklechkeet.

D'Zentralbank, an ech kommen elo zum Schluss, mécht an hirem Avis zum Budget eng remarkabel Analys iwwert déi sougenannt Fiscalité environnementale, d'Ökofiskalitéit. Do missten d'Häerzer vun de Kollege vun déi gréng dach glucksen.


(**Interruption**)

Abee, fir si als Verfechter vun enger ökologescher Steuerreform, zanter sechs Joer am grénge Maillot an Regierungssuedel, ass de Bilan vun der Zentralbank dann awer éischter nüchtern, Här Kox.

2007 war den Undeel vun den Ökosteier - Akzisen, Kyoto-Cent, Taxe carburant, Autosteier, Waassertax und vieles andere mehr - mat 695 Milliounen Euro nach 2,6 % vun eise Bruttoinlandsprodukt, 2012 eng Milliard 39 Milliounen Euro, an 2017, sechs Joer no grénger Regierungsbedeelegung, nach 947 Milliounen Euro, also 1,7 % vun dem Bruttoinlandsprodukt. Dovunner goufen och nach 53 %, Dir Dammen an Dir Hären, vun Non-résidentë bezuelt.

D'Ökotaxe sinn zu Lëtzebuerg am Verglach zu dem PIB déi niddregst an der ganzer Europäescher Union, well do läit näamlech den Duerchschnëtt bei 2,4 %, an Däitschland an a Frankräich bei 2,3 %.

An d'Europäesch Kommissioun, déi nawell gäre beméit gëtt, och vun eise grénge Kollegen, a Saachen Ëmwelt- an Energiepolitik, déi hält an hire Rapporten 2018 bis 2019 iwwert d'Energiebesteuerung fest: « Le Luxembourg a connu une diminution constante de la part des recettes des taxes environnementales dans le PIB au cours des dix dernières années. Les taxes environnementales ne sont pas indexées [...] Les taux d'imposition des carburants sont les plus faibles de l'Union européenne. Cela entraîne des effets largement négatifs sur l'environnement et la santé, tout en contribuant à la congestion du trafic [...] Le Luxembourg ap-



## COMPTE RENDU

Le compte rendu est une publication de la Chambre des Députés qui reproduit dans leur intégralité toutes les interventions faites lors des séances plénières de la Chambre des Députés. Il contient par ailleurs un résumé des textes législatifs adoptés, les questions posées aux membres du Gouvernement et les réponses reçues ainsi qu'un aperçu général des activités de la Chambre des Députés. Le compte rendu est distribué gratuitement en tant que supplément des quatre principaux quotidiens à tous les ménages. Il peut être consulté en ligne sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Séances publiques - Comptes rendus des séances.





plique un taux réduit de TVA de 8 % au gaz naturel et à l'électricité, de 14 % au fioul de chauffage et de 17 % aux autres combustibles fossils. »

Wat sinn dann elo, Dir Dammen an Dir Hären, déi konkret Moossnamen, déi d'Regierung an der Ëmwelt- an Energiebesteuerung nach wëllt ënnerhuelen? War et dat mat dem Akzisecent oder kënnt nach eppes no am Sënn vun der EU-Kommissioun oder studéiert een a studéiert een a studéiert een nach e puer Joer?

Esou vill zu Usproch a Wierklechkeet vun enger ökologescher Steuerpolitik vu Bettel 1 a Bettel 2, ënner Federführung vun - grouss - „DÉI GRÉNG“.

Et spillt ee wuel léiwer d'Roll vum Ökomacher. Et bleift ee wuel léiwer beim Ökopriedegen, well ee weess: Konkret Aktiounen, déi dinn awer politesch wéi. An déi politesch Haut, Dir Dammen an Dir Hären, ass dann oft méi no wéi de gestréckten a gehäkelten Ökopulli.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Usproch ass den Ausstig aus der Atomenergie en faveur vun erneuerbaren Energien, an d'Realität um nationale Plang d'Veerfele vu sämtlechen Ziler an deem Beräich!

Usproch ass, CO<sub>2</sub>-aarm Autoen ze promouvéieren. Bei der Regierung hirem Fierpark, Dir Dammen an Dir Hären, spillt dat sécherlech net. De Bierger, jo, dee schéckt een op de Vëlo, an d'Statskaross, déi waart diskret am Parking Clairefontaine.

(**Brouhaha**)

Alles waarm Loft! Mä d'Loftqualitéit gëtt do duerch keen Deit besser.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Diskrepanz tëschent Usproch a Wierklechkeet.

(**Interruptions**)

„Wann et dem Land gutt geet, soll et de Leit och gutt goen.“ „Mir maache mat manner méi.“ „Mir schafen d'Steierklassen of a kee soll verléieren.“ Et wëllt een a fënnf Joer e Land hunn, wou d'Wunnensbauproblematik net d'Suerg ass vu ville jonke Stéit. „Duerch eis kopernikanesch Finanzrevolution steet d'Land erëm op zolitte Féiss.“ „Mir maachen alles anescht. Mir maachen alles besser.“ Sou den Usproch vun den Häre Bettel a Gramegna.

„De Spuerpak vun der Regierung ass jo eigentlich e Steuerpak mat ganz ville Steuergranaten“, esou den Här Meisch am Dezember 2012 fir de Krisepak vun der deemoleger CSV/LSAP-Koalition. „Gerechtere Steuern und Zukunftsinvestitionen statt Austerität und politischer Lähmung“, esou den Usproch vun déi gréng, ënnerschriwwen „Sam Tanson a François Bausch“, den 19. Abrëll 2012.

Abee, Dir Dammen an Dir Hären, grad mat de sougenannte Steuergranaten, mat de sougenannten Austeritéitsmoossname vun 2012, grad mat zousätzlecher TVA-Erhéijung generell an am Wunnensbau virun allem speziell, grad mat steigende Recetten an engem Tanktourismus, deen awer scheinbar kee wëllt, finanzéiert dës Regierung hir Ausgabenpolitik vun ideologesche Gadgets op d'Käschte vun de Leit.

Resultat: Trotz blinder Konjunktur en Defizit vun iwwer 650 Milliounen Euro! Eng verfeelte Finanzpolitik ouni Visioun! Vill Kommunikatioun! Eng schéi Visittekart! Mä keng Weiche gestallt, keen Usaz, fir a Kärgebitter, wéi a Logement a Klimaschutz ewéi a Steiergerechtheet, strukturell eppes ze änneren.

Eng Politik, déi leeft nom Motto: Hoffen op eng weider gutt Konjunktur. Bleift den héije Wuessum aus, dee mir offiziell jo guer net wëllen, bléist e Géigewand, da bleift kee Sputt, kee budgetäre Sputt, an dat ganz Kaartenhaus risquéiert zesummenzufalen.

An déi Politik, Dir Dammen an Dir Hären, déi droe mir als CSV net mat. A mir stëmmen och duerfir dëse Budget net.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **Deux voix.** - Exzellent!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance.* - Merci dem Här Roth. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Yves Cruchten. Här Cruchten, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Yves Cruchten** (LSAP).- Merci, Här President. Elo emol zu eppes ganz anerem. Mäi Kolleg, den Alex Bodry, ass scho laang a breet op de Budgetsrapport agaangen an och op déi eenzel Politicke vun der Regierung an de Majoritéitsparteien, an dofir kann ech mech dann hei op e puer eenzel Remarque limitéieren. Et sinn dës Saachen, déi mer eigentlech agefall si bei der Lektür vum Budget an awer och bei

verschiedenen Diskussiounen, déi mer hei am Haus an der Lescht haten.

Här President, kuckt een eis Statsfinanzen haut, da sinn déi gesond. All Parametere weisen déi richteg Tendenzen un. D'Verschëldung, a Prozentpunkte vum PIB ausgedréckt, geet erof. D'Investissementer sinn héich. D'Depense klammen, grad ewéi d'Recetten.

Vill Regierungen an Europa dreemen dervun, esou e Budget an hire Parlamenten kënnen ze presentéieren, och wann dat der Oppositioun net gefällt a si sech bal krepéiere mussen, fir nach en Hoer an der Zopp ze fannen.

Richteg ass souwuel, dass d'Regierung hir Aarbecht seriö a gewëssenhaft mécht, ewéi och, dass eist Land ...

(**Interruption**)

... vun enger nach gudder internationaler Konjunktur profitéiert. Besonnesch am Finanzwiese sprudelen d'Recetten.

(**Interruption**)

Här President, mir stiechen hei bekannterweis an engem Dilemma.

Engersäits si mer frou iwwert déi vill Recetten, déi op de Banken an an der Fongenindustrie generéiert ginn. Dës Steuerrecetten erlaben eis, déi Sozialpolitik ze maachen, op déi mer hei am Land, zu Recht, kënnen houfreg sinn. Déi Suen, déi do erakommen, erméiglechen déi vill Investissementer an d'Stroossen, an d'Schinnen, an d'Schoulen, déi sech dës Regierung och mat dësem Budget virgeholl huet.

Bei aller heiansdo berechtigter Kritik un der Finanzplaz sollte mer dat op alle Fall ni vergiesse!

Op där anerer Säit awer si mer immens vulnabel. Wann eis Finanzplaz muer hir Zelter hei ofbrécht, fir enzwousch anescht ze goen, oder falls wierklech eng nächst Finanzkris an d'Haus steet, da brieche eis Statsrecetten an. An da wäerte mer dat och ze spiere kréien.

Et gëtt jo ëmmer nees dovir gewarnt, dass eng nächst Finanzkris iergendwa virun der Dier steet, dass mer haut net vill besser drop virbereet sinn ewéi virun zéng Joer, dass d'Politik net geléiert huet aus der Kris an esou weider.

Et sinn elo ewell méi wéi zéng Joer vergaangen zanter der Wirtschafts- a Finanzkris, also dem Ufank dovun. An ech hu mech gefrot, wat sech dann an der Tëschenzäit gedoen hätt. Ech sinn zwar elo eréischt fënnf Joer an der Chamber, mä et ass mir opgefall, wivill Gesetzer, déi mir stëmmen, direkt mat der Finanzplaz ze dinn hunn.

Zanter Oktober 2009 goufen net manner wéi 142 Gesetzer gestëmmt, déi duerch d'Finanzkommissioun gaange sinn. 66 dovunner si Gesetzer, déi am Kader vun de Lektionen aus der Finanzkris d'Reglementéiere betreffen. An effektiv goufen och eng Partie Léiere gezunn.

D'Europäesch Union huet eng Bankenunion mat europäeschem Ofwécklungsmechanismus agefouert. D'Basel 3-Richtlinn mat héijen Eegekitalquote gouf Realitéit.

Zanterhier gouf och eist strikt Bankgeheimnis fir Netresidenten ofgeschafft. An dobäi huet viru genee zéng Joer den deemolege Budgetsrapporteur nach gemengt, d'Bankgeheimnis ofschafen, dat wier wéi e kräftege Selbstgoal. Abee, deem Schoss ass et elo gaange wéi eiselem Eleefmeter géint England virun zwanzeg Joer: En ass laansch de Goal gaangen. Oder besser gesot: driwwer.

Wat awer net geschitt ass an Europa, an dat schénge mer wichteg, dat ass d'Trennung vun de Geschäfts- an Investmentbanken. Et ass och den Ament néierens de politesche Wëllen ze erkennen, dat ze maachen. Scho guer net an den USA, obwuel grad do vill Misär entstanen ass an der Finanzwelt.

Wat nach feelt, wier eng Finanztransaktionssteuer op d'mannst op OECD-Niveau, e Verbuert vum Héichfrequenzhandel, eng effektiv Begrenzung vun de mat näischt ze rechtfertigenden, jo, heiansdo onmoralesche Managergehälter. Och de Fait, dass ëmmer méi Finanzementer ausserhalb vum traditionelle Bankesystem gemaach ginn, soll eis ze denke ginn. Dës Finanzementer entginn der Regulatioun an erhéijen esou de Risiko vun enger neier Kris.

Firwat soen ech dat alles? Fir meng Ried haut hunn ech mer d'Méi gemaach, fir d'Budgetsrapporten an d'Diskussiounen aus de Joren 2008 an 2009 nozeliesen. Rapporteur fir de Budget 2009 war den Här Norbert Hauptert an dat Joer drop war et säi Kolleg, den Här Lucien Thiel.

Souwuel 2008 ewéi 2009 hunn d'Budgetsrapporteure gewarnt virun enger ze grousser Ofhängegkeet vum Finanzsektor. Den Här Thiel huet gesot, dass d'Finanzplaz mat hirem Ëmgeréits een Drëttel vun eiselem PIB ausmécht. Och den Här Hauptert huet sech Suerge ge-

maach iwwert d'Ofhängegkeet vun eise Steuerrecetté vis-à-vis vun der Finanzplaz a gemengt, 50 % vun den direkte Steiere géifen aus Betreiber vum Finanzsektor fléissen. Bei der Gewerbesteier wieren et der souguer 65 %.

Alle béid hunn, grad ewéi quasi all d'Parteien, déi duerno d'Wuert ergraff hunn, déi Ofhängegkeet beklot a fir méi Diversifizéierung vun eiser Ekonomie plädéiert. Och an den Debatte vun haut hunn Eenzelner dat uklänge gelooss.

Wéi steet et dann haut, zéng Joer méi spéit, ëm dës Ofhängegkeet? Am Joer 2015 kouden 68,3 % vun der Betriebssteuer, Solidaritéitssteuer abegraff, aus dem Finanzsektor. Zejoert louch dësen Taux du bei 76,06 %. Mir sinn also wahrscheinlech net manner ofhängeg gi vun der Finanzplaz, mä éischter méi.

Klamer op: Eleng d'Recetten duerch d'SOPAR-Fle maachen 28,8 % vun de Gesamtrecetté vun der Betriebssteuer aus. An absoluten Zuelen ausgedréckt: 717 Milliounen fir d'Joer 2018 par rapport zu nach 418 Milliounen am Joer 2016.

Dobäi war gewarnt ginn, d'Erhéije vun der Minimalsteuer am Joer 2017 vun 3.000 op 4.500 Euro géif de SOPARFlen d'Liewe schwéier maachen zu Lëtzebuerg. Am Magazin „Paperjam“ vum 14. Februar huet souguer en Associé vun enger Fiduciaire deemools gemengt, de Legislatateur wëilt den Doud vun de SOPARFlen.

Abee, grad de Contraire ass de Fall. Deem Sektor geet et esou gutt ewéi nach ni. An et ass de gudder Bewäis dofir, dass ee sech net soll dronke maache loosse vun de Warnungen, déi ëmmer erëm aus deene Kreesser kommen. Klamer zou.

Zréck zur Ofhängegkeet vun der Finanzplaz. Ech ka mech erënneren, wéi den Étienne Schneider Wirtschaftsminister gouf.

(**M. Fernand Etgen reprend la présidence.**)

An engem Interview huet hie gesot, dass eng vu senger wichtigsten Aufgabe wier, nei Geschäftsfelder fir eis Ekonomie ze sichen, nei Entrepreneuren op Lëtzebuerg ze bréngen, och Industrie, ebe just, well mer alleguerte wëllen, dass eis Ekonomie net méi eleng op engem Been steet, näamlech deem vun der Finanzplaz.

A wann ech esou zréckkucken, da muss ech feststellen, dass de Wirtschaftsminister säi Wuert gehalen huet. Ech weess net, wivill Promotionsreessen an d'Ausland hien an de leschte Jore gemaach huet, mä op alle Fall waren et der vill. Déi ganz Initiativ vum Space Mining war net komm, wann den Här Schneider sech net derfir staarkgemaach hätt.

Och goufe vill Investissementer an Industrien zu Lëtzebuerg ugezunn. Goodyear, DuPont, Guardian an aner hunn an de leschte Joren Honnerte Milliounen zu Lëtzebuerg investéiert. Dat ass anescht ewéi virun zéng Joer. Virun zéng Joer war et de Finanzminister Frieden, deen d'Promotionsreese gemaach huet, an zwar a Saudi-Arabien an an de Qatar an a China, fir dës dozou ze kréien, hir Suen op Lëtzebuerg ze bréngen.

Wa mir eis also alleguerten eens waren an - ech huelen un - elo nach eens sinn, dass mer müssen eis Wirtschaft méi breet opstellen an net eleng vun der Finanzplaz wëlle liewen, da mussen mer och bereet sinn, déi néideg Politik dofir ze maachen.

Allerdéngs sinn ech mer net sécher, ob mer dat alleguerte wierklech wëllen. Déi lescht Méint hunn eis gewisen, wéi schwéier et ass, wat fir Diskussiounen opkommen, soubal eng Firma hei zu Lëtzebuerg wëllt investéieren. Besonnesch wann et sech ëm Entrepreneuren handelt, déi och wierklech eppes produzéieren.

Dobäi ass et jo net esou, wéi wa mer haut op eng nei Schwéierindustrie géife setzen. Do géllt et als Éischt emol, déi 4.000 Aarbechtsplazen an der Stolindustrie ofzesécheren mat neien Investissementer. Neen, mir schwätze jo hei net vun enger neier Chemieindustrie zum Beispill, mä vun enger Juggurtsfabrik oder nach engem Datenzenter!

Ech wëll virausschécken, dass ech natierlech Versteesdemech hu fir all déi Froen, déi sech bei der Implantatioun vun engem neie Betrieb stellen, ob et sech do ëm de Verkéier handelt, ëm d'Ëmweltbelaaschtung oder nach de Ressourcéverbrauch. A selbstverständlech sinn all déi Froen, déi dorëms dréien an déi d'Oppositionsparteien och gären ëmmer erëm an de Vierdergrond stellen, alleguerte berechtigt.

Nawell hunn ech heiansdo d'Impressioun, wéi wa virun allem wëllt blockéiert ginn. Esou gëtt de Waasserverbrauch vun enger Entreprise op eemol zum Knackpunkt, obwuel mer haut, laut dem Syndicat des Eaux du Sud, just nach d'Halschent vu Wasser an d'Industrie liwweren ewéi nach virun e puer Joer.

Oder d'Oppositioun freet Informatiounen iwwert den Ëmweltimpakt vun engem Daten-

zenter, obwuel se genee weess, dass zu deem Ablack d'Regierung nach iwwerhaupt keng Antwort op dës Fro ka ginn, well déi néideg Prozeduren entweder nach net ugefaangen hu respektiv nach net ofgeschloss sinn.

A bei allem Versteesdemech fir d'Oppositioun an hir Roll an all berechtegt Froen, déi ee kann, soll oder vläicht och muss stellen, déngt déi doten Haltung net onbedéngt dem Standuert Lëtzebuerg. Mat där doter Haltung veron-séchere mer just eis Bierger a mir ginn no bause kee gutt Bild of fir dat wirtschaftsfrëndlecht Land, wat mir waren a fir dat mir eigentlech an der Welt och bekannt sinn.

Jo, et kritt een d'Impressioun, wéi wa Verschiedener just géifen hoffen, dass keng nei Entrepreneuren zu Lëtzebuerg géifen opmaachen, dass mer keng nei Aarbechtsplaze schafen! Besonnesch wichteg ass dat awer fir déi Leit, déi manner gutt qualifizéiert sinn.

Et kritt een och d'Impressioun, wéi wann et net esou eescht gemengt wär mat der Diversifizéierung vun eiser Ekonomie, dass insgeheim vill Leit léiwer weider ganz eleng op d'Finanzplaz setzen. Déi mécht näamlech net vill Verkéier, brauch net vill Ressourcen an op den éischte Bléck, op d'mannst, belaascht se och net eis Ëmwelt.

Mä ass dat wierklech am längerfristegen Interesse vun eiselem Land? Der Regierung an dem Wirtschaftsminister seng Efforten, fir nei Betreiber an d'Land ze lackelen, nei Geschäftsfelder ze entwéckelen, sinn ze begrëssen. Wéi gesot, sollen och d'Konsequenze vun der Industrialiséierung diskutéiert ginn an eis gesetzlech Bestëmmungen, wat den Ëmweltschutz ugeet, oder d'Landesplanung, mussen selbstverständlech agehale ginn. Dofir hu mir jo och Gesetzer. Wann déi net duerginn, dann ass et un eis als Chamber, fir déi ze verschäerfen.

Richteg ass, dass ech elo vill vun der aler Ekonomie geschwat hunn. An, jo, et ass och richtig, dass mer eis dernieft müssen ëmberënneren. Déi nei Erausforderungen, wéi de Klima- oder den Ëmweltschutz, dierfen net eleng vun de Bierger ugeholl ginn, mä och eis Ekonomie muss sech duerno riichten. Eis Wirtschaft muss méi nohalte ginn, d'Économie circulaire gefërdert ginn, an eisen Energieverbrauch muss méi spuersam a méi effizient ginn.

Manner Ofhängegkeet vun der Finanzplaz, Erneuerung an Ëmstellung vun der Ekonomie: Ech gi gären zou, dass dat alles séier gesot ass a manner séier ëmgesat ass. An ech sinn och der fester Iwwerzeugung, dass déi Erausforderungen esou grouss sinn, dass se net eleng eng Affär vun enger Regierung oder enger Koalition kënne sinn, mä dass et e kollektiven Effort vun der gesamter Politik brauch; parteiwwergräifend also.

D'Rifkin-Initiativ huet zu enger ganzer Rei Projekten am Beräich vun erneierbaren Energien oder der Effizienz bei der Elektromobilitéit gefouert. Vill Start-uppen am Beräich vun der Circular a Shared Economy ginn zanterhier massiv vum Stat ënnerstëtzt. D'Digitaliséierung wäert eis och um Wee a Richtung modern an ökologesche Ekonomie hëllefen. Vill Riedner hunn dat haut nach emol ënnerstrach.

Speziell eis Strategien, wéi Data Driven Economy an Artificial Intelligence, wäerten och dozou bäidroen. Grad ewéi déi Iddi vun der Dezentraliséierung vun der Energieproduktioun, wou d'Konsumente gläichzäitig zum Produzent ginn, ass derwäert ze exploitéieren.

Am Interesse vum Land solle mer bei neien Initiativen net verhënnern, mä am Konträr: Mir solle schafen! Wuellstand a Sécherheet fir eis Matbierger, gutt Aarbechtsplaze fir déi zukünftige Generatiounen. An dobäi solle mer eng gesond Ëmwelt versueren. Wann dat eis gemeinsam Ziler sinn, da mussen mer och de Courage hunn, fir nei Weeër ze goen an net bei allem bremsen oder blocken.

A fir mam Franz Kafka opzehalen: „Weeër, déi an d'Zukunft féieren, leien ni als Weeër virun eis. Si ginn eréischt zu Weeër, wa mer ufänken, se ze trëppelen.“

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen**, *Président.* - Merci villmools Här Cruchten. De leschten ageschriwwene Riedner fir haut ass den honorablen Här Henri Kox. Här Kox, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Henri Kox** (*déi gréng*). - Merci, Här President, jo, zu spéider Stonn wëll ech dann och mä Bäitrag haut nach bäiliwweren, awer net zum Budget u sech, well haut ass jo de Moien och de Plan national de réforme an de Plan de stabilité et de croissance (veuillez lire : Pacte de





stabilité et de croissance) virgestallt ginn, dee vläicht e bëssen an dese Budgetsdebatten ënnergaangen ass, obwuel mäi Virriedner, den Här Bodry, och eng ganz Rei vu ganz interessante Punkte gesot huet.

Dofir wëll ech mech och haaptsächlech ëm dee Punkt vum Plan national de réforme këmmeren. An do huelen ech awer och speziell d'Klimapolitik eraus, fir dann déi eng oder déi aner Äntwert hei kënnen ze ginn, awer och déi erneierbar Energiepolitik. Also, ech wäert mech dofir kuerz iwwert de PSC an de PNR ausschwätzen.

Also, mir kënnen eis u sech och glécklech schätzen, an engem Land ze sinn, dat esou Budgetszuelen opzeweisen huet, well, ech mengen, et ass kaum e Land oder et gëtt der net vill an der Europäescher Unioun, och nach weltwäit, déi dat kënnen maachen.

Och wann deels op optimisteschem Zuele gesat ginn ass - wéi et éischter vill an den Aussoen an an den Avisen ze liese war, wéi de Budget sollt opgebaut sinn -, esou muss ech awer soen, dass am PSC zum Schluss vum dem Dokument eng ganz Rei vu Simulatiounen opgefouert ginn, déi och bei sougenannte Schocksituatiounen eng Opweisung nach ëmmer weisen, déi awer d'Strooss hält a wou eise Budget net an en defizitäert Lach fällt an trotzdeem eist Land nach gutt dosteet.

Et dierf een awer och net vergiessen, dass déi positiv - extrem positiv - Evolutioun hei am Land och natierlech zu Verwerfung feiert. Déi si schonn e puermol ugeschwat ginn. An ech wëll der zwou hei opwerfen.

Dat ass engersäits eng déck Schëpp, eng schweier Schëpp, en décke Bagger scho bal, fir natierlech de Problem vum Wunnengsbau unzegoen. Et ass schonn e puermol vu menge Virriedner gesot ginn.

An natierlech och de Klimaberäich, wou mer eng Rei Defiziter nach opzeweisen hunn.

Ech sinn awer optimisteschem, well de Koalitionsvertrag eng ganz Rei vu Moosnamen erklärt, an och am PNR an am PSC, am Dokument - wann een dat ausféierlech gelies huet - eng ganz Rei vu ganz proppere Pisten opgewise sinn, déi mir dann op Bréissel weider-schécken.

Wéi gesot, de Wunnengsbau ass eppes, wat ech awer haut net wäert ze déif thematiséieren. E kënnt och am PNR just an der sozialer Inklusioun vir. Wat jo och ganz wichteg ass, well et ass och an deem Beräich, wou mer am meeschte mussen investéieren. Well et si grad déi an deene prekäre Situatiounen, déi ënnert där Wunnengsbausituatioun leiden, well se näischt um locative Marché fannen. An et ass do, wou een d'ëffentlech Hand - an net nëmmen déi staatlech ëffentlech Hand, mä allegueren d'Gemengen zesummen, an do gëtt et 50 % vun de Gemengen, déi haut nach net ganz vill an deem Beräich ënnerholl hunn - muss mat an d'Boot huelen.

Wéi gesot, ech wëll mech haut méi déif och mam Klimaschutz an der Energiepolitik beschäftegen. Dësen Ouschterweekend hutt Der jo sécherlech all vun deem exzellente Wieder profitéiert, ech och. Ech konnt et genéissen an op der Terrass mat der Famill scho bal de Summer feieren, mä - mäl - et muss ee soen, dass et awer och e batteren ...

## (Brouhaha)

... Bäigeschmaach huet.

Een, deen e bëssen an der Landwirtschaft ënnerwee ass, oder och am Wäibau, weess, op wat ech eraus wëll, well d'Vegetatioun ass dëst Joer schonn erëm dräi Wochen en avance. Ech paken hei Holz un um Riednerpult, wéi ze gesinn, an hoffen, dass et awer elo net erëm ëmschléit a bis d'Äishelleg, wéi esou gutt gesot gëtt, net nach eng Kéier Frascht kënnt, fir dass mer also déi ganz Recolte awer och net erëm verléieren.

An haut ass an de Medien ze liesen, dass den däitsche Wetterdienst erëm vun engem ganz waarme Summer schwätzt. Dat heescht, mir hunn e Problem mat eisem Klima. Dofir ass et wichteg, dass mer eis op déi Klimachangementer astellen an dass mer eis méiglechst ambitiéis Ziler nei definéieren, net nëmme fir Lëtzebuerg, mä och fir Europa, awer och fir d'ganz Welt.

Zum PSC wëll ech ee Kapitel eraushuelen, dat ass d'Grafik iwwert de Sold vun der Administration centrale. Et ass schonn e puermol gesot ginn, dass dëst Joer oder 2018 déi éischte Kéier e positive Sold vun der Administration centrale erëm säit Laangem erauskomm ass. An dem PSC gëtt och beschriwwen, wéi déi Kurv elo

erëm weidergeet, e bëssen eroffält an dann awer 2022 erëm d'Kéier sollt kréie fir e positive Sold.

An dofir sinn ech ganz frou, dass de Budgetsrapporteur, deen de Moment awer leider net heibannen ass, eng Recommandatioun opgeholl huet, fir dass de Fonds souverain intergénérationnel éischstens - an dat ass eng Fuerderung, déi mir Gréng nëmme kënnen ënnerstëtzen - ganz op gréng Finanzen soll ausgerichtet ginn, an zweetens, wa mer eventuell Plusvaluen hu vum Zentralstat, déi och zukünfteg méi an de Fonds intergénérationnel ageluecht solle ginn, fir och deenen zukünftege Generatiounen - wéi war dat emol fréier? - en Apel fir den Duuscht iwwreg ze loosse.

Dës Iddi vum Här André Bauler geet fir mech an déi ganz richteg Richtung. An ech kann dat och nëmmen ënnerstëtzen.

Ech selwer hat mech jo a mengem Budgetsrapport vun 2016 ënnert dem Titel « Mieux vaut prévenir que guérir : une gestion des finances en bon père de famille » auch mat deem Thema ausenanergesat. An ech mengen, dass et wichteg ass, net nëmmen am Finanziellen, mä an deenen dräi Komponenten - an den Här Bodry war a senger Ried ganz ausféierlech dorop agaangen, an des Koalitioun mécht dat och - vun der Nohaltegkeet - am Sozialen, am Ekonomieschen an am Ekologeschen - déi richteg Äntwerten ze bréngen.

Dofir nach eng Kéier Felicitatiounen - ah jo, en ass jo net hei, mä Dir huet dat da mat - ...

► **Une voix.** - En ass bis eraus.

► **M. Henri Kox (déi gréng).** - ... fir seng Budgetsaarbecht, well ech weess als fréiere Budgetsrapporteur, dass et eng ganz grouss Eier, awer och ganz vill Aarbecht ass an, an dat ass ëmmer awer flott, dass de jeeweilege Budgetsrapporteur sech en eegent Thema eraushëlt. An och des Kéier ass dat vum Budgetsrapporteur näamlech dat iwwert d'Digitaliséierung. Eng Eraufderung, mat där mer eis sécherlech an der nächste Zäit nach méi mussen ausenansetzen.

Da kommen ech zum Plan national pour une croissance intelligente, durable et inclusive. Esou heescht näamlech de PNR, dee mer dann op Bréissel schécken.

Et sinn u sech dräi grouss Prioritéite mat fënnf Objektiv. Ech wëll awer och elo net all déi eenzel Zuelen hei ervirsträichen. Mä och hei gëllt, dass mer eis bei all deenen Zuelen ëmmer mussen op en ambitiéis Zil aschëssen an eis net zefridde gi mat deem, wat d'Europäesch Kommissioun do virschreift.

An ech huelen do nëmmen ee Beispill eraus, dat ass den Décrochage scolaire. Ech mengen, obscho mer de Moment bei 7,4 % sinn, d'Zil war, 10 % minimum ze ënnerschreiden, soll et e Phänömen ginn, deen zur Randerscheinung soll ginn hei an deem Land. An dofir ass et wichteg, dass mer eis net nëmmen déi Ziler virginn, mä och Ziler wäit drënner ustriewen, fir wierklech eng total Integratioun kënnen ze erreechen.

Dofir ginn ech elo nëmme mat Stéchwierder an déi fënnf Themen eran, déi fir eis wichteg sinn, déi am PNR ernimmt ginn, ouni dann nach eng Kéier d'Zuelen duerchzehuelen.

Dat éischt Thema, wat och behandelt gëtt, dat ass effektiv den Décrochage scolaire.

Ech hunn et virdru gesot: Mir sinn de Moment bei 7,4 % ugelaangt. Ech mengen, dass et ganz wichteg ass, d'Kanner, d'Jugendlecher an dem Prozess vun der Schoul ze behalen, well d'Aarbechtsperspektiv ass ëmsou méi grouss, wann d'Qualifikatioun och do ass. An et ass u sech de Schlëssel, fir an d'Aarbechtswelt eran-zekommen.

Dofir ass déi bescht Präventioun, och vun eis: Wa mer den Décrochage scolaire aus eiser Siicht besser wëllen upassen, da mussen mer eis Schouloffer an eisem Land och méi diversifizéieren, fir enger méi heterogener Schoulpopulatioun kënnen gerecht ze ginn. An do ass, mengen ech, an deene leschte Jore ganz vill ënnerholl ginn, wat mer och ënnerstëtzen a wat eng Deeläntwert drop ass, fir deenen eenzelne Jugendleche gerecht ze ginn, fir dass si sech an där Offer am beschten zréckfannen, fir eben net an de Fall vun dem Décrochage scolaire ze kommen.

Zum Aarbechtsmarché. Och do just ee Punkt.

Här Bauler, ech hat lech virdrun nach gelueft. Dir waart zoufällg schonn eraus, mä ech wëll lech dann awer nodréiglech nach eng Kéier ernimmen, well ech elo bei en Thema kommen, wat Dir natierlech an Ärem Budgetsrapport ugeschwat hutt. Dat ass eben d'Digitaliséierung, wat eng ganz Rei vu Piste jo opweist. A mir müssen oppassen - an dofir nach eng Kéier, mat Äre positiven Approchen, awer och mat de méi negativen Auswirkungen op d'Aarbechtswelt -, dass mer jiddwereen do mat am Boot behalen.

Den Här Bodry hat ugeschwat, dass de Rifkin-Prozess schonn emol eng éischt Äntwert war op déi Eraufderung, déi eis an der Digitaliséierung erwaart. Et waren eng Rei vun Aarbechtsgruppen, wou ech nach haut an enger ganz aktiv matschaffen, näamlech där, fir d'Energiezukunft fir Lëtzebuerg opzebauen, wou mer ganz intensiv iwwert d'Digitaliséierung diskutéieren, wat fir eng Auswirkungen dat op eis allegueren huet, dass dee Prozess och weidergedriwwen gëtt. Eng Äntwert, wou Lëtzebuerg ganz aktiv dran ass.

An da kann ech dat och elo ënnerstëtzen, wat virdru gesot ginn ass, och nach eng Kéier vum Här Bodry, iwwert d'Produktivitätssteigerung, déi mer erauskréien. Wa mer d'Digitaliséierung nach méi forcéieren, da kann et net sinn, dass déi och eleng an de Betriber bleift. An da mussen mer och iwwert d'Diskussioun vun enger Lounerhéijung kënnen diskutéieren. An ech mengen, mir hunn en éischten Akt hei gemaach. An ech denken, dass et och ganz wichteg ass, dass dat och an Zukunft gläichberechtigt ënnersicht gëtt an déi konkret Moosnamen duerchgesat ginn.

Dann e Feld, wou ech duerchaus mat der CSV d'accord sinn: d'Recherche an den Developpement. Op der Uni lafe schonn eng ganz Rei Projete, ënner anerem am Fotovoltaikberäich, e Beräich, deen ech scho laang suivéieren. Do ass eng Chaire doriwwer. Do ass eng Professur, déi an der Dünnschicht-Fotovoltaik Recherche mécht, déi och scho ganz international renommiert Präisser kritt huet. Dat ass fir eis e Schwiierpunkt, insbesondere déi nohalteg Energieforme mat all deem, wat hannendrustécht.

Dat ass och dat autonoomt Fueren. Dat ass en Elektroauto, dee stroum- oder netzdienlech ass, dat heescht, dee sech souwuel Strom aus dem Netz erofluet, fir säin Auto opzelueden, awer dee gegebenenfalls och säi Strom erëm un d'Netz ofgëtt, fir zum Beispill eng Netzstabiliséierung kënnen duerchzehuelen.

Do gesi mer eis direkt prenant fir déi Iddien, déi dann nach sollte vun der CSV kommen, an och vun aneren, fir an deem Beräich an der Recherche méi ugepasst kënnen déi Saachen ze ënnersichen, déi mer haut oder muer, mëttelfristeg a längerfristeg hei zu Lëtzebuerg an eiser Ekonomie brauchen.

Och e Punkt zu der Aarmutsbekämpfung.

Ech mengen, do sinn och haut schonn eng ganz Rei Iddien hei gesot ginn an och konkret Moosnamen, déi vun deser Regierung durchgezu ginn. Esou wëll ech awer och hei op déi ökologesch Transitioun hiweisen, dass et eis Gréng guer net egal ass, wa sollt eng sozial Ongerechtegkeet bei der ökologescher Transitioun entstoen. An dofir ass et wichteg - ech weess net méi, wie vu menge Virriedner dat gesot huet -, fir se mat an d'Boot ze huelen, fir dass si kënnen déiselwecht Preneure si vun där erfollegräicher Visioun, déi mer jo all am Kapp hunn an déi mer all müssen am Numm vun eise Kanner a Kandskanner ustriewen.

Och nach eng Kéier: Bei der Digitaliséierung solle mer och zemools an där prekärer Situatioun - an dat ass, mengen ech, och schonn ugeschwat ginn - kucken, dass där déiselwecht Ressourcen zur Verfügung kënnen gestallt ginn, fir dass si och un der Gesellschaft kënnen deel-huelen.

Aarmutsbekämpfung ass ee Moya. An dofir huelen ech awer zwee Sätz méi wéi geplangt iwwert d'Wunnengssituatioun. Dee Modell, dee mer trotzdeem nach ëmmer hunn, fir nëmmen op Besëtzeratioun ze setzen, mengen ech, ass awer deels passé, well mir müssen och am locative Beräich endlech Äntwerte liwweren, well zumindest do - do! - ass déi gréissten Aarmutsbekämpfung, insbesondere an dem héijen Alter, ze fannen.

An dofir kann ech dat nëmmen ënnerstëtzen, wat des Regierung och an deem Beräich wëllt maachen, näamlech den ëffentleche Wunnengssektor massiv ze ënnerstëtzen. An dat sinn net eleng déi staatlech Institutiounen! Et sinn e puer Leit heibannen, déi mam Kapp rëselen oder nicken, positiv nicken, déi an enger Gemeng ënnerwee tätég sinn.

Mir brauchen d'Gemengen all zesumme mat am Boot! Well ech hunn och do eng Recherche gemaach! Haut ass déi éischt Gemeng, déi déi meeschte Locatiounswunnengen um Marché huet, tous confondus, déi kommunal, vun der SNHBM a vum Fonds du logement, dat ass Rëmeleng. An déi leien da bei 4 % vun hire Wunnengen allegueren.

Dat heescht, mir sinn nach wäit ewech vun iergendenger Offensiv. A mir brauche se all am Boot, fir do Äntwerten ze ginn.

An ech sinn net d'accord dermat oder mir sinn net d'accord, dass de Quart-taux eppes bruecht huet. Et huet eppes bruecht: Dat ass, dass de Stat net déi Steiere konnt andriewen, fir mat deene Suen och Investitiounen an den ëffentleche Wunnengsbau ze maachen.

A wann een eng Perimetererweiterung mécht ouni Konditioun, da sinn dat d'Baulücke vu muer, där mer der haut schonn 2.600 Hektar hunn! Wa mer eng Perimetererweiterung hunn, da mussen mer dat Gesetz, wat elo säit zwee Joer scho beim Statsrot um Instanzewe ass, mat enger Bedéngung verbannen, dass do direkt muss gebaut ginn. An do schéngt de Statsrot awer éischter Problemer vun dem Besitztum vun der Propriétéit ze hu wéi iergend-eng Fliegermaus, déi do am Sënn vun der Nohaltegkeet och muss geschützt ginn. An dofir sinn ech net ganz averstane mat där Iwwerleeung.

Da kommen ech, wéi gesot, nach zu dem fënnefte Punkt, wou ech dann awer nach e bësse méi wäit wëllt aushuelen. Dat sinn allegueren déi Klimaobjektiver, déi mir eis gestallt hunn, déi mer eis deels an der Europäescher Kommissioun gestallt hunn, eis awer och als Lëtzeburger Land op de Fändel geschriwwen hunn.

Éischstens déi sougenannten 20/20/20-Ziler vun der Europäescher Unioun. Dat heescht: 20 % CO<sub>2</sub>-Reduktioun vis-à-vis vun 1990 an der Europäescher Unioun - do gëtt een ëmmer mat de Referenzen e bëssen duerjernen -, 20 % erneierbar Energien an 20 % Energieeffektivitéit.

Fir Lëtzebuerg heescht dat: 20 % vum CO<sub>2</sub>-Equivalent bis 2020, awer par rapport zum Referenzjoer 2005, well ab do jo déi grouss Industrien hei a Lëtzebuerg am europäesche Benchmarking kënnen hir Energie ënnereneen ausdeelen an och den Optimum vis-à-vis vun Drëttlänner iwwert d'Europäesch Kommissioun kënnen erasmusachen.

Och d'Zil vun 11 % an den erneierbaren Energien ass do fir Lëtzebuerg virgesinn.

An de Gesamtenergieverbrauch, do wollt ech vläicht net drop agoen, mä am Ganzen ongeféier 50.000 Gigawattstunden, déi maximal fir Lëtzebuerg bis 2020 virgesi sinn.

Ech sinn iwwerzeegt, dass mer déi Ziler wäerte bis 2020 erreechen. An ech ginn och déi néideg Argumenter dozou. Awer eier ech dozou kommen, wëll ech nach e bëssen ausféieren, wéi mer op déi Ziler komm sinn, well dat ass och trotzdeem wichteg an oft awer an den Hannergrond geréckelt ginn.

D'Europäesch Unioun huet am Paräiser Accord, dee jiddwereen, ech mengen 196 Länner vun der Welt, ënnerschriwwen huet, do huet jiddweree gesot: „Jo, dat wëlle mer.“ D'Europäesch Kommissioun huet do en ambitiéis Zil gemaach, näamlech minus 40 % CO<sub>2</sub>-Equivalent bis 2030 an 80 % bis 85 % bis 2050. Dat heescht, hin zu enger decarboniséierter Gesellschaft.

Lëtzebuerg huet datselwecht Zil iwwerholl fir 2030, näamlech minus 40 % a längerfristeg 80 % / 85 % bis 2050. Dat war nom Paräiser Accord.

Firwat huet Lëtzebuerg deen héijen Undeel geholl? Majo, et muss een awer wëssen, Lëtzebuerg - ech hunn et scho virdru gesot, mir hunn eng Rei Defiziter - verbraucht fënnf- bis sechs-mol méi, wéi d'Land selwer ka regeneréieren. Op d'Welt iwwerdroen heescht dat, dass mer theoretesch fënnf bis sechs Welte bräichten, wa mer deeselwechte Wirtschaftswuesstum, déiselwecht Kommoditéiten, wéi mer se hei am Lëtzeburger Land hunn, jiddwer Aerdberger zur Verfügung géife stellen.

Dat heescht, mir bräichte sechs Äerden! Een, deen do d'Equivalenz oder d'Equation wëllt maachen, seet: Mëttelfristeg geet et op d'Natur a längerfristeg geet et net duer.

Also, mir hunn en Handlungsbedarf! An de Klimaaccord vu Paräis huet och keng contraingnant Ziler ginn, dat muss een och leider soen, well do müssen d'Weltgemeinschaften all zesummen eens sinn.

Dofir waren zu Kattowitz, wou ech dëst Joer och mam Kolleg Schank war, op der Klimakonferenz emol déi éischt konkret Moosname festgeschriwwen ginn. An am Virfeld vu Kattowitz - an dofir sot ech „mir brauche méi ambitiéis Ziler“ - huet de wëssenschaftleche Rot vun der UNO, also de Vereente Staten (veuillez lire : de Vereenten Natiounen), dee sougenannten „IPCC“-Bericht, e ganz interessante Bericht gemaach.

Dee seet, dass déi 2 °C-Erhéijung, déi mer nach am Paräiser Accord als maximal Erhéijung duer-gestallt hunn, schonn zu ganz katastrophalen Auswirkungen op der Welt wäerte feieren. A si hunn der Weltgemeinschaft ugeroden, net méi déi 2 °C festzeschreien, mä 1,5 °C festzeleeën. Dat heescht, des Regierung huet sech dat zu eege gemaach an huet am Koalitionsvertrag, dee mer jo zesummen ausgehandelt hunn, déi längerfristeg ambitiéis Ziler nei definéiert.

Dës Fuerderunge sinn och vu sämtlechen Zivilgesellschaften, Associatiounen vun dobausse ge-





## Chambre des Députés

### Compte rendu officiel

#### Supplément commun aux quotidiens :

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal, Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

#### Contenu rédactionnel :

Service du compte rendu de la Chambre des Députés  
Service des relations publiques de la Chambre des Députés  
Tél. 466 966-1

#### Saisie de texte :

Polygraphic SA, Esch-sur-Alzette

#### Conception et mise en page :

Espace Médias SA, Esch-sur-Alzette

#### Concept et coordination générale :

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

#### Imprimeries :

Saint-Paul Luxembourg SA 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg  
Editpress SA 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

fuerdert ginn, fir d'Ambitiounen am Lëtzebuerger Klimaberäich an d'Luucht ze setzen. Dofir läit dee Plang elo vir! Dee Plang, deen Der elo alleguerten zur Consultatioun hutt, näamlech de sougenannte PNEC, Projet de plan national énergie et climat, wou mer dann eraginn a mir soen: Wa mer wëllen deem 1,5 °C-Temperaturzil gerecht ginn, da musse mer op minus 50 % - mir, déi gréng, soen: minus 55 %, esou wéi et an deem Bericht steet -, och mat den Zäregasen, erofgoen zum Referenzjoer 2005.

Dat Dokument war knapps um Dësch, mir waren zesummen an der Ëmweltkommissioun ... Här Roth, ech kucken op lech, entschëllegt, awer Dir hutt do kritiséiert. Jo, d'Instrumenter, déi do formuléiert ginn, sinn nach net bis zum Schluss ausformuléiert! Et ass déi Ambitioun, déi ech awer hunn. An déi ginn ausformuléiert, ganz kloer!

Ech kucken et wéi mam Glas Waasser. Jiddweree seet: Mäint ass elo bal eidel. Mä ech ginn awer vun ennen erop an ech fannen et schonn net esou schlecht. An ech maachen et dofir hallef voll. An ech ginn dervun aus: Wann Dir alleguerte matschafft, da kréie mer dat och hin.

#### (Brouhaha)

Mä mir wëssen ... An dann en zweete Punkt, ech komme gläich drop zrëck, wou et ganz konkret gëtt. Hutt keng Angscht! Ech fannen, de Kontext ass ëmmer nach wichteg.

Et geet zum Beispill ëm d'Fro: Jo, wat kascht dat eis? Ma d'Onhandelen, d'Nethandele kascht eis haut schonn enorm! Oder kritt Der dat net mat, wat dobausse vir sech geet? Déi Klimamigratioun, déi mer haut schonn hunn! Mir brauchen nëmmen an Afrika kucken ze goen, wivill Milliounen Leit haut schonn ënnerwee sinn. Dat heescht, haut sinn et der scho ganz vill, déi dee Präis musse bezuelen, déi och net responsabel sinn.

Also, dee Präis musse mer och hei a Lëtzebuerg nei diskutéieren. An ech kommen dodrop.

Déi Consultatiounsdebat, déi gefrot ginn ass ... Dir hutt vir an engem Schnellduerchgang ... Ech sinn net nokomm mam Lauschten, Här Roth. Fir déi konkret Moossnamen hutt Der elo e Joer Zäit, well mir hunn eng zweet Debat hei an der Chamber iwwer genau dee PNEC, fir da kënnen kloer Moossname vun lech ze héieren. Vun eis kritt Der där méi wéi genuch.

Ech kommen dann zrëck zu den Ziler, ob mer déi vu minus 20 % kënnen erreeche bis 2020. Jo, mir kënnen déi erreechen, well mer natierlech bis elo nach Reserven hunn, Reserve vun dem méi schnellen Ofhuele vun den CO<sub>2</sub>-Äquivalenzen, dass mer u sech iwwert déi Bilanzéierung - well déi Bilanzéierung gëtt iwwer siwe Joer gemaach, tëschent 2013 an 2020 - nach eng Reserv herno wäerten hu vun 0,44 Milliounen Tonnen CO<sub>2</sub>.

Dat ass awer keen Trouscht, well Dir hutt et scho gesot, an och anerer: Den CO<sub>2</sub> ass säit 2016 an 2017 erëm an d'Luucht gaangen. Firwat? Jo, well den Differentiel tëschent de Bensinnspräisser an den Dieselpräisser vis-à-vis vum Ausland erëm ausenanergaangen ass an dofir méi zu Lëtzebuerg getankt gouf an och dofir méi Tanktourismus, de sougenannten Transport, konnt heihinner kommen.

Wann een d'Analys mécht, sinn et effektiv 65,5 % vun den Transporteuren, déi a Lëtzebuerg dee meeschten Ausstouss ervirbréngen.

Wann ee wëllt eppes maachen an déi Moossnamen och extrem wëllt andämmen, da geet dat net ouni den Transport. Also, déi éischt

Moosnam, déi zwee Cent um Diesel an deen ee Cent um Bensinn, ass wuel keng Revolution, wäert awer dozou féieren, an et ass hei scho virun doriwwer diskutéiert ginn, dass mer grad beim Diesel, dee jo am meeschten hei a Lëtzebuerg kaaft gëtt, a grad vun de Camionneuren, an der Präisdifferenz vis-à-vis vun der Belsch ëm ganz weening méi drënner leien, wéi dat nach elo de Fall ass.

Déi Differenz wäert, jo, wäert vläicht eng Auswierkung hunn, mä dat wësse mer net! Dofir sinn ech och enttäuscht vun deene sëllegen Avisen, ech hu se elo nach de Moien alleguerte gelies, do ass keen, éischters, dee kohärent mat deem ass. Dach, d'Banque centrale huet et an hirem Avis net esou schlecht diskutéiert, och de Groupement pétrolier an hirer Pressekonferenz, déi awer net schlecht war, well si hunn dëst Joer awer nach plus 8 % gemaach. Si hunn awer Angscht, et géif elo eppes passéieren. Awer si hu sech Gedanke gemaach, dass déi zwee Cent um Diesel kéinten Auswierkungen hunn.

Also ganz konkret: Kloer brauche mer, wa mer d'Ziler vun 2020 wäerten erreechen, 2030, wäerte mer dat net mat där konstanter Politik kënnen erreechen. (veuillez lire : Kloer kënnen mer d'Ziler vun 2020 an 2030 net mat enger konstanter Politik erreechen.)

An ech soen, dass mer eng Milliard mussen aspieren. Eng Milliard! Esou wéi mer eng Milliard hu missen an eisem Budget iwwert den elektronischen Handel aspieren, esou musse mer als Gréng, mat lech zesummen, wa mer deene wëlle gerecht ginn, déi all freides op d'Strooss ginn, a wa mer wëllen eisen Ziler, déi mer alleguerten hei ënnerschriwwen hunn, gerecht ginn, eng Milliard aspieren.

#### (Interruption)

An déi Milliard muss iwwer eng successiv Erhéijung oder Ännerung vun dem Differentiel vis-à-vis vum Ausland kommen.

#### (Interruption)

Et bleift fir mech, fir déi gréng, dass dat muss mat lech alleguerten dëst Joer - den Här Bodry huet et gesot: Et muss jiddwereen zu den Ziler stoen - kënnen diskutéiert ginn, well soss brauche mer eis hei näischt verzemaachen. Da kann ech och direkt heemgoen, wa mer eis net an deem Konsens hei fannen, dass mer déi eng Milliard iwwer eng Zäitspann vun, an déi musse mer aspieren, iwwer zéng Joer (veuillez lire : Ech kann och direkt heemgoen, wa mer hei kee Konsens fannen, dass mer déi eng Milliard iwwer eng Zäitspann vun zéng Joer mussen aspieren). Net esou wéi mir et virfonnt hunn, 2013, en elektronischen Handel, deen ugekënnegt war, dass dee verluer géif ginn, wou eng Milliard huet misse vun deser Regierung agespuert ginn.

#### (Exclamations)

An esou wäerte mir hei, an dat kënege mer un, eng Milliard mussen aspieren. Mir sollen eis do de Spigel virun d'Aen halen. A mir sinn derfir, dass mer zesummen och iwwert d'Accisë kënnen diskutéieren, fir déi Milliard an eisem Statsbudget anzespieren, fir dann dat Resultat ze kréien, dass mer deene gerecht ginn, déi all Freideg op der Strooss sinn.

#### ► Une voix.- Très bien !

#### (Interruptions)

► **M. Henri Kox** (déi gréng).- An da geet et net, hei neen ze soen ...

#### (Brouhaha)

... an dann an der Gemeng - ech weess net, ob dat Gestëppels ass -, jo, an der Gemeng vu Ma-

mer eng Tax wëllen anzeféieren, eng kommunal Tax op d'Accisen, fir d'kommunal Keess dann ze fëllen.

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Nee, nee. Liest dat hannendrun!

► **M. Henri Kox** (déi gréng).- Jo, fir d'Fran...

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Fir konkret Ëmweltmoossnamen. An déi gréng hunn dergéint gestëmmt.

#### (Interruptions)

► **Une voix.-** Aah!

► **M. Henri Kox** (déi gréng).- Ech mengen, deemools ass et scho verworft gi vum Interieur an et wäert och dës Kéier verworft ginn. Och deemools hunn déi gréng matdiskutiert. Firwat?

#### (Brouhaha)

Well d'Gemegefinanzreform nach net duerchgefouert gi war. An ech mengen, déi ass duerchgefouert ginn deemools ...

#### (Brouhaha)

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Mir sinn an engem Rechtsstat. An am Endeffekt entscheet d'Gericht

► **M. Henri Kox** (déi gréng).- Selbstverständlech. Ech ...

#### (Interruption par M. Alex Bodry)

Merci! Erënnert mech drun! Erënnert mech drun, well soss verléieren ech mech awer e bëssen a mengen Notten hei, an ech muss erëm zrëckkommen op ...

#### (Interruption)

... meng Notten. Neen, ech kommen ...

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Här Kox, loosst lech net stéieren!

► **M. Henri Kox** (déi gréng).- Merci, Här Président. Ech weess, dass ech lech op menger Säit hunn. Merci fir déi Ennerstëtzung.

Da kommen ech zu deem zweete Punkt, also d'Klima, d'CO<sub>2</sub>, kënnen mer net ouni d'Accisen-Diskussioun packen. Also ech mengen, dat ass kloer. Och déi gréng wäerten do mat an d'Diskussioun klammen. An, jo, Dir sidd ganz gespaant! Mir ware ganz vill gespaant, wéi anerer dee Ressort emol haten. An dofir hu mer haut de Misär, dass mer ganz vill mussen nohuelen.

#### (Brouhaha et hilarité)

► **Une voix.-** Exzellent!

► **M. Henri Kox** (déi gréng).- Den Här ...

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Dir sidd awer scho relativ laang do!

#### (Brouhaha et coups de cloche de la présidence)

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- No sechs Joer geet et awer elo esou lues duer mat där doter Excuse. Ohlalalala!

► **M. Henri Kox** (déi gréng).- Oh, ech mengen, Der stitt iwwerall am Stau, da wësst Der, dass ganz vill gebaut gëtt. Et gëtt souguer esou wäit gebaut, dass eng Deeliwwerheizung vun der Lokomotiv geschitt, näamlech vun eiser Wirtschaft, well eis Baubranche kënnt de Moment bäi Wäitem net méi no mat all deene Projeten, insbesondere och vun den öffentliche Finanzen, déi 2,6 Milliarde mussen och ëmgebaut ginn.

A wa mer do ze vill iwwerdreiw, an all Betrib seet lech dat: Ech wëll net direkt investéieren elo, ech wëll net direkt a Leit investéieren, well et ka muer erëm anescht sinn. Dofir wëllt een e Wuesstum, an do sinn ech duerchaus d'accord mat der Madamm Hansen haut de Moien, e Wuesstum, deen och fir eis Betriber novollzéibar ass. Och an hirem betribswirtschaftlechen Ëmgang näamlech mat Aarbechtsplazen, déi se musse besetzen. A mir kënnen och ... Si fuere mëttlerweil op Namur, op Metz, op Nanzen, fir déi néideg Leit ze fannen.

Dofir mengen ech, dass dës Regierung ...

#### (Interruption)

... déi néideg a richtig Investitiounen gemaach huet fir en Nachholbedarf, dee wahnsinneg grouss war.

Mat der Gare, vläicht just dozou: Firwat ass de Stau op deene sëllegen Zuchstrecken? Majo, well déi Gare scho virun zéng Joer hätt misse renovéiert ginn an eng Rei Quaien dohinnerkommen, fir dass dee Stopp do op de Bunne ka behuwe ginn.

Zum Schluss ...

#### (Brouhaha)

► **M. Marco Schank** (CSV).- Da fuert emol mam Zuch!

► **M. Henri Kox** (déi gréng).- ... vu menger Interventioun, ...

► **Une voix.-** Gitt emol konkret!

► **M. Henri Kox** (déi gréng).- ... wëll ech ...

Oh, ech war scho ganz konkret, mä ech hu vun lech näischt héieren.

#### (Exclamations)

Ech kommen dann zu den Ziler bei den erneierbaren Energien, wou ech iwwerzeegt sinn, an ech sinn e ganz groussen Optimist, dass mer dat wäerten erreechen.

A vun där Skepsis vun der CSV - ech muss nach eng Kéier aus mengem volle Glas e bësse Waasser drénken - sinn ech awer dach e bëssen iwwerrascht. An ech weess elo net, wien hei d'Ideologie uféiert. Dir werft eis, deene Gréngen, vir, net gréng genuch ze sinn, nach méi, nach méi, nach méi! A wann deen éischte Projet um Dësch ass vun enger Biomass, déi am Norde soll gebaut ginn, ech hunn Ärem Parteipräsident nogelasscht op der Pressekonferenz, dat, wat zitéiert gouf, ...

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Dat ass net Biomass.

► **M. Henri Kox** (déi gréng).- ... ech weess net, ...

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Do hunn d'Leit ganz konkret Froen, an déi Froe wäerte mer hei stellen.

► **M. Henri Kox** (déi gréng).- ... wat dee gesot huet.

Ech si frou, ...

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- An zwou Wochen.

► **M. Henri Kox** (déi gréng).- Ech si frou, dass mer ...

Et ass jo eng Question élargie, mengen ech, vum Här Eicher do, da kréie mer dat gekläert. An ech menge ganz kloer, dass mer dat wäerten erreechen, dass mer do Satisfaktioun hunn. A mer sollten op nohalteg Holzwirtschaft setzen, well mir hunn e Cluster, dee ganz gutt funktionéiert, mat der Groussregioun. Mir hu kritiséiert, dass mer elo wéinst den erneierbaren Energien en Accord mat Litauen gemaach hunn, well mer den Transfer vun 2 % vläicht wëlle maachen. Mä d'Groussregioun ass eise Reservoir.

Mir wëssen haut schonn ... A Lëtzebuerg war ni energieautark. Lëtzebuerg huet nach ëmmer missen op Energie vu baussen zielen. An dofir ass et wichteg, dass mer mat der Groussregioun, mam Holzpotenzial, mam Cluster, deen an der Regioun ass, dat ausbauen. An dann ass eng Notzung vun enger Biomass och an Ärer Gemeng, Här Buergermeeschter, mat de Kritären, déi wesentlech fir d'Leit alleguerte sinn, mat den Ëmweltkritären, déi mussen agehale ginn, méiglech. Menges Wëssens ass d'Kommodo-Inkommodo amgaangen, fir dee Projet och entsprechend ze maachen.

Da sinn ech ganz frou, dass mer endlech an der Fotovoltaik emol weiderkommen. A wéi Der mech kennt, ech hu säit 15 Joer, säit ech hei sinn, ëmmer nëmme fir d'Fotovoltaik hei geschwat, an ech sinn endlech frou, dass se vu jiddwerengem unerkannt gëtt. An net méi spéit wéi leschte Freideg ass dat neit Aspeisungsgesetz presentéiert ginn am Memorial, wat wierklech eng Revolutioun wäert ausmaachen.

Jiddwereen heibannen huet keen Argument méi, et net ze maachen (veuillez lire : Keen heibannen huet nach een Argument, et net ze maachen), net an d'Fotovoltaik ze investéieren, net säin Daach mat ze installéieren, net e Kollektiv ze maachen, eng Kooperativ ze maachen, net zesumme mat de Gemengen eppes ze ënnerrhuelen.

Zu Maacher entsteet elo eng gréisser Fotovoltaikanlag vun dem Service de la navigation laanscht der Schléiss. Dat si konkret Moossnamen, déi ënnerrholl ginn. Ech hunn nogefrot bei Bâtiments publics, wivill Diecher dann de Moment fir d'Fotovoltaik fräigestallt gi sinn. Bei der éischter Analys war se bei 4,5 Megawatt. Bei der zweeter Analys, mat där se elo amgaange sinn, si se och (veuillez lire : nach eemol) bei 4,5. An eng drëtt Analys wäerte se ustoussen, fir kënnen nach méi intensiv ... An da wäert dee Fong ...

Mir kënnen gär d'Diskussioun iwwert de Klimafong hei féieren am Kader vun dem PNEC, fir déi Gelder ze huelen, fir grad an d'Nohaltegkeet ze investéieren, an d'Fuerschung ze investéieren. Mir si prenant, fir dat ze maachen.

An da vläicht awer zum Här Wagner, well e virun ...





Dat war den Här Bausch nach net, deen d’Fotovoltaik um Härebiereg installéiert huet, well dat geet op eng Motioun zrëck, déi ech deposéiert hunn d’lescht Joer am Juli, well ech gläichzäiteg Rapporteur war, fir den Härebiereg endlech ze erneieren, sanéieren. Ech war nach ni do. Ech war elo eng Kéier do an ech hu mer dee Misär awer vun deem Gebai do ugekuckt. Déi hunn eng Sportshal, do géif keng Gemeng méi doheem bei hire Bierger Rechenschaft ofleeën, wéi eng Sportshal mir nach ëmmer um Härebiereg hunn. Dofir war et bluttnéideg, dass do déi Investitioun gemaach gi sinn.

A mir hunn eng Motioun gestëmmt. An déi Motioun seet: Well se net genuch Fotovoltaik konnten notzen um Gebai, hätte se missen d’Netz ausbauen. An déi Motioun seet just de Contraire: Jo, baut alles aus, mä maacht déi nei Technologie. Et ass vum Prosumer geschwat ginn, dat Gesetz ass ënnerwee. Wat ass Prosumer? De Produzent gëtt zum eegene Konsument, fir seng eege produziéiert Energie kënnen ze verbrauchen.

An d’Prosumer-Gesetz, wann Der dat scho gelies hutt, well et ass um Instanzewe, den Avis vum Statsrot ass do, erméiglecht mir et, mat mengem Noper direkt ze echangéieren a souguer virtuell mat engem vun lech heibanne mäi Stroum kënnen auszetauschen an domadder ze probéieren, den Energiekonsum no ënnen ze drécken a méiglechst breet kënnen ze notzen.

An dat soll um Härebiereg ausgetest ginn. An de Bureau d’études, deen drop sëtzt, soll natierlech och eng aner Energieform iwwert d’Speicherung probéieren. An dat ass - Madamm Hansen, Dir hutt virdru vun der Waasserstofftechnologie geschwat - „power to gas“. Jo, den Iwwerschoss un elektrescher Energie, déi duerch Wandenergie produziéiert gëtt, muss haut schonn an Norddäitschland deels erfregléiert ginn, well de Wand ze staark ass, well se d’Energie net lassginn. Déi Energie muss kënnen a Waasserstoff ëmgewandelt ginn, fir dann och zukünfteg zum Beispill am Fluchverkéier kënnen agesat ze ginn. Dat si konkret Moossnamen. An déi konkret Moossname sinn net an engem Niwwel, am Nirwana verschwonnen, déi si konkret amgaangen, hei zu Lëtzebuerg ëmgesat ze ginn.

Ech sinn an deem Aarbechtsgrupp Energie fir d’Zukunft. Do sëtzt dee ganzen Energiemarché zesummen. Dat gëtt et a kengem Land. Well dat war d’Resultat vun der Rifkin-Studie, wou mer eis fir d’éischte Kéier alleguerten zesummegeat hunn, fir eis eben déi Optiounen unzucken, fir grad do dee méiglechen Austausch vun Iddien ze hunn. An déi gréissten Erausforderung ass natierlech d’Digitaliséierung. D’Digitaliséierung: Wéi vernetzen ech sämtlech Energieträger? Wéi vernetzen ech sämtlech Energieverbräich, déi ech am Haus hunn, fir en intelligente System ze maachen?

Zum Schluss awer nach e puer Wierder iwwert d’Elektromobilitéit. Dir wësst et vläicht, Dir wësst et och vläicht net, mä ech soen lech et.

(Hilarité)

Ech hu selwer en Elektroauto gebaut - dat ass scho laang hier, 28 Joer - mat menge Schüler am Arts et Métiers.

► **Une voix.** - Sidd Dir schonn esou al?

► **M. Henri Kox** (*déi gréng*). - Jo, et gëtt ee scho gro.

An et giong bei der Elektromobilitéit net ëm de schnellsten Auto, mä et giong drëms: Wéi kann ech deen Auto konstruéieren? An dat war de Fuerschungsoptrag. Wéi kann ech den Auto produziéieren an herstellen, dass e mat der mannster Energie am wäitste kënnt? Dat ass dat, wat mer scho virun 28 Joer gemaach hunn.

An an zwou Wochen diskutéiere se op enger ganz grousser Konferenz zu München iwwert déi zukünfteg Ausenanesetzung, wéi d’Elektromobilitéit an eisen normale Stroummarché integréiert gëtt. A mir sëtzen hei zu Lëtzebuerg scho laang op deenen Diskussiounen. Do brauche mer net op eng CSV ze waarden. Dat ass scho laang amgaangen, ëmgesat ze ginn. Näämlech eng Elektromobilitéit, déi netz-dénglech an eiser Energieversuergung mat agebonnen ass. An et ass dat, wat zukünfteg hei zu Lëtzebuerg wäert passéieren.

An dëst Joer wäerte mer konkret Moossnamen och innerhalb vum Plan national énergie et climat maachen. An ech si gespaant, wien da konkret Moossnamen hei op den Dësch leet, wéi et da mat den Accisen ass vu Säite vun der CSV, wéi et dann ass, wann eng Biomassanlag soll an den Norden installéiert ginn, wéi et ass, wann eng Wandmille soll an d’Luucht gebaut ginn.

Ech si ganz gespaant. Mir si prett. Mir si prett bei deene Gréngen. Mir si prett, mengen ech, an der Koalitioun, deen Defi unzehuelen. An dofir soen ech zum Schluss, well et ass schonn ... Mir liwwere ganz kloer. Mä Dir sidd gefuerdert. Mä sot net deen een Dag dat hei an deen aneren Dag dat do! Mä et geet och ënner eis dräi.

An ech soen lech Merci, menge Partner op der lénker Säit, vu mir aus gekuckt. An ech soen dem Här Minister och Merci fir déi Zäit, déi e sech ginn huet, fir dee ganzen Dag eisen interessanten Debatten trotzdeem nogelauschert ze hunn.

Merci.

(Brouhaha)

► **M. Fernand Etgen**, *Président*. - Merci villmools, Här Kox. Mir fuere muer de Moien um néng Auer weider mat den Debatten iwwert de Budget.

D’Sitzung ass opgehewen.

(**La séance publique est levée à 19.17 heures.**)

Sommaire des séances publiques n°s 17 et 18

17<sup>e</sup> séance

Ouverture de la séance publique	p. 208
Hommage à la mémoire de Son Altesse Royale le Grand-Duc Jean	p. 208
Ordre du jour	p. 208

7450 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l’État pour l’exercice 2019 et modifiant :

- 1° le Code de la sécurité sociale ;
- 2° le Code du travail ;
- 3° la loi générale des impôts modifiée du 22 mai 1931 (« Abgabenordnung ») ;
- 4° la loi modifiée du 30 juin 1947 portant organisation du Corps diplomatique ;
- 5° la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l’impôt sur le revenu ;
- 6° la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée ;
- 7° la loi modifiée du 10 décembre 1998 portant création de l’établissement public dénommé « Fonds d’assainissement de la Cité Syrdall » ;
- 8° la loi modifiée du 8 juin 1999 sur le budget, la comptabilité et la trésorerie de l’État ;
- 9° la loi modifiée du 24 décembre 1999 concernant le budget des recettes et des dépenses de l’État pour l’exercice 2000 ;
- 10° la loi modifiée du 22 décembre 2006 concernant le budget des recettes et des dépenses de l’État pour l’exercice 2007 ;
- 11° la loi modifiée du 14 décembre 2016 portant création d’un Fonds de dotation globale des communes

et

7451 - Projet de loi relatif à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2018-2022

- *Rapport de la Commission des Finances et du Budget* p. 208-211

7450 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l’État pour l’exercice 2019 et modifiant [...] (suite)

7451 - Projet de loi relatif à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2018-2022 (suite)

et

Programme de stabilité et de croissance (PSC) et Programme national de réforme (PNR)

- *Exposé relatif aux projets de loi 7450 et 7451 et présentation du Programme de stabilité et de croissance : M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances* p. 211-213

- *Présentation du Programme national de réforme : M. Étienne Schneider, Ministre de l’Économie* p. 213

- *Discussion générale* p. 213-216

18<sup>e</sup> séance

Ouverture de la séance publique	p. 216
---------------------------------	--------

7450 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l’État pour l’exercice 2019 et modifiant [...] (suite)

7451 - Projet de loi relatif à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2018-2022 (suite)

et

Programme de stabilité et de croissance (PSC) et Programme national de réforme (PNR) (suite)

- *Discussion générale (suite)* p. 216-234



CHAMBRE  
DES DÉPUTÉS

d’Chamber live op  
**Chamber TV**  
och an der Rediffusioun  
all Sëtzungsdag  
vun 19:00 Auer un

d’Chamber online op  
**www.chd.lu**

- L’actualité parlementaire sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu)
- Retrouvez vos députés, tous les textes législatifs et documents parlementaires, les pétitions, les émissions « Chamber aktuell » et les vidéos des séances publiques sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).
- La Chambre et les jeunes : si tu as entre 12 et 25 ans, consulte nos pages ‘Junior’ sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu), avec quiz, information et vidéo.
- L’actualité parlementaire vous intéresse ? Consultez le site de la Chambre [www.chd.lu](http://www.chd.lu).
- Comment est créée la loi ? Toutes les explications en texte et en images sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).
- De la première assemblée parlementaire de 1841 à la Chambre des Députés d’aujourd’hui : retrouvez l’histoire parlementaire sur les pages « organisation et fonctionnement » de la Chambre des Députés.